

Ordre du jour

- Communications
- Ordre du jour
- 5200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2004
(*Discussion générale*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens et François Biltgen, Ministres.

(*Début de la séance publique à 15.02 heures*)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen?

(*Négation*)

Dat ass net de Fall.

1. Communications

Ech wollt der Chamber folgend Kommunikatioune maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le Bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Madame Lydie Polfer, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 4 décembre 2003, le projet de loi 5257 portant création d'une réserve de suppléants assurant des remplacements temporaires dans les administrations et services de l'Etat.

2. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, gëtt d'Reiefolleg op Ufro vun der Regierung llicht ëmgeännert:

1. D'Question urgente 2482 vum Här Lucien Lux iwwert de Sozialplang bei Villeroy et Boch gëtt vun en Donneschdeg op muer de Moien als éischte Punkt virverleucht.

2. D'Sitzung vun e Mëttwoch fänkt u mam Här Ben Fayot senger Question urgente 2495 iwwert d'Stratégie européenne de sécurité. Duerno kënnst de Projet de loi 5056, een internationaalt Ofkommen am Beräich vun der Alimentatioun an dem Ackerbau. Fir de Rescht bleift alles onverännert. Dat heescht, mer féieren haut de Mëtteg, muer de Moien a muer de Mëtteg, a gegebenenfalls iwwermuer nomëttes d'Debatt iwwert de Statshaushalt vum Joer 2004.

Mer fänken elo u mat den Debatten iwwert de Statshaushalt vum Joer 2004. Et sief uganks nach drun erënnert, dass de Statsrot säin Avis complémentaire haut de Mëtteg unhëlt, well d'Adoptioun vum Rapport complémentaire vun der Finanzkommission fir en Donneschdeg, 11. Dezember, virgesinn ass. D'Riedezäit bei dëser Debatt ass nom Modell 7 festgeluecht. D'Riednerlëscht gëtt verdeelt. Als éischte Riedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Här Weiler, Dir hutt d'Wuert.

3. 5200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2004 (suite)

Discussion générale

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Statsbudget fir d'Joer 2004 steet ënner Virzeechen, déi

sech op enger Rei vu Punkten ënnerscheede vun deene vun de leschte Joren.

Op där enger Säit ass et e Budget, deem definitiv gekennzeechent ass duerch dee schwache Wirtschaftswuesstum, dee mir hei zu Lëtzebuerg kennen, an net nëmmen hei zu Lëtzebuerg mä a vill méi engem groussen Ausmooss an eisen Nopeschlänner. De Budget ass och gekennzeechent duerch déi finanziell Konsequenzen, déi déi wirtschaftlech Morositéit onweigerlech mat sech bréngt.

Op där aner Säit ergi sech aus dëse Virzeeche fir de Budget vum nächste Joer eng Rei vu Mierkmoler. Éischtens ass et deen éischte Budget zënter laange Joren, deem net mat engem Iwwerschoss, mä mat engem Defizit ofschléisst, och wann et nëmmen e klengen Defizit ass.

Et ass e Budget, deem säi Volumen, wann een d'Inflatioun erausrechent, praktesch net wisst. Et ass e Budget, dee begleet ass, fir d'éischt zënter laange Joren, vun engem Emprunt. Et ass e Budget, an dat ass wichteg, deem seng lafend Einnahme géintiwuer dem Virjoer zënter ganz laange Jore réckleefeg ass.

Net zulescht ass et och e Budget, Här President, dee mer dës Woch hei diskutéieren an iwwert dee mer ofstëmmen, dee genoe sechs Méint virun de Chamberswahl vum Juni vum nächste Joer iwwert d'Bühn geet. Dëst ass u sech eng Considération, déi eigentlech keng Roll dierft spille bei enger objektiver Appréciation vun de Statsfinanzen, mä d'Erfahrung léiert eis, an d'Commentairé vun de leschte Méint, esou gutt déi mëndlech wéi déi schrëftlech, bewisen et och, dass éischt Unzeeche vu Wahlféier an eenzelne Parteizentralen ausgebrach sinn. Dëst ass ganz sécher enger objektiver a korrekter Analys vun der Finanzsituation vum Stat net onbedéngt zouträglech, mä et huet awer op där anerer Säit och eppes Guddes u sech, well d'Leit dobausse kënnen sech fréizäiteg e Bild maache vun de Finanz- a Budgetsiwwerleunge vun deenen engen a vun deenen aneren, vun de Propositionen, déi de Finanzminister an de Budgetsminister, dat heescht d'Regierung an domat dës Majoritéit, d'CSV/DP-Majoritéit, hei op den Dësch leeë fir d'nächst Joer, a vun de Propositione vun deenen, déi net mat deenen Iddien, déi an dem Budget fir d'nächst Joer erauskommen, d'accord sinn, virun allem vun der gréisster Oppositionspartei an der Opposition am Allgemengen, well hei ass jo ganz sécher jidderee gefuerdert.

Här President, et kënnst dorop un, wat an dëser schwiereger Zäit d'CSV/DP-Majoritéit virschléit. Wat sinn d'Prioritéite vun der Regierung, a wat sinn déi finanziell Pisten, déi d'Regierung am Budget fir d'nächst Joer proposéiert? Sinn dës Prioritéiten, sinn dës Piste richtig? Si se gangbar? Si se finanziell ofgeséichert?

Et sinn dat, Här President, denken ech, ënner anerem Froen, déi an dëser Debatt musse gestallt an och beäntwert ginn. Wann ee mat

de Propositionen, esou wéi d'Regierung se virgeluecht huet, d'accord ass, da muss een dat soen. A wann een net domat d'accord ass, da muss ee soen, wat een anescht gemaach hätt. Well do stelle sech eng Rei vu Froen op déi ee muss Antwerte ginn.

D'Recettësäit, d'Steieropkommen, sinn déi richtig ageschat? Ze héich ageschat oder net héich genuch? Mir denken, dass déi Proposition, déi d'Regierung gemaach huet opgrond vun deenen Zuelen, déi vun de Steiervwaltungsverleien, dass déi Recetten, esou wäit wéi dat méiglech ass, gutt ageschat sinn. Wann een awer der Meinung ass, dass dat net de Fall ass, da muss een et soen, an et muss ee soen, wou ee mengt, dass d'Aschätzung net richtig virgeholl ginn ass. Sinn d'Konsumausgabe vum Stat ze vill héich? Wa jo, a wéi engem konkrete Punkt hätt da kënnen signifikativ gespuert ginn? Wou hätt ee kënnen eroffueren?

De sou genannten Astellungsstop, deem et beim Stat gëtt, ass dee berechtigt an där Situation, wou mir dra sinn, oder hätt ee solle virufuer wéi dat déi Jore virdrun de Fall war?

Missten d'Kapitalausgaben, d'Dotationen un d'Fongen, méi héich sinn, wéi dat wat d'Regierung proposéiert? Wa jo, da muss ee soen, wou een dat noutwendeg Kapital, déi noutwendeg Fongen hiergeholl hätt, fir an d'Fongen ze stiechen, wann ee seet, d'Dotatioune wäeren net héich genuch. Hätte mir misse, kënnen oder solle méi op Emprunten zrëckgräifen? Et ass jo net aussergewöhnlech vill, wat d'Regierung un neien Emprunt proposéiert. Hätt een dat solle maachen, oder ass dat, wat proposéiert gëtt, dee richtige Wee?

Hätte mer, wa mer scho vun Aspuerunge schwätzen, da sollen un dat grousst Kapitel vum Sozialbudget erugeen? Wäer et noutwendeg gewiescht an dëser Zäit heirunner Ännerunge virzehuelen? Hätte mer méi ee groussen Defizit sollen a Kaf huelen? Doriwwer kann een décmment streiden, well eis Réserve budgétaire esou ausgestallt ass, dass ee grësseren Defizit ouni Schwierigkeete méiglech gewiescht wär.

Här President, alles dat si Froen, déi entlaang deene Piste ginn, déi d'Regierung an dësem Budget opgestallt huet, a wou ee muss Antworten drop ginn. Mir mengen, dass déi Pisten, déi hei ugeluecht gi sinn, déi Weeër déi proposéiert ginn: e relativ enke Recours op den Emprunt, op där anerer Säit een Defizit, dee sech awer a Grenzen hält, d'Dotatioune vun de Fongen an deem Mooss wéi se virgeholl ginn, dass dat ënnert deene finanzielle Konditiounen a mat deem finanzielle Spillraum, dee mir haten, déi richtig Piste sinn.

Ech wëll heirobber insistéieren. Et ass an enger schwiereger Zäit, an dëst ass wierklech eng schwiereg Zäit fir e Statsbudget a fir d'Statsfinanzen, an och nach am Virfeld vu Wahlen. Et soll een dat net verheemlechen. A sechs Méint si Wahlen an dann ass et u jidderengem, un der Majoritéit hei am Haus mä och un der Opposition, fir Faarf ze bekennen, fir Kritik ze üben. Dat ass e berechtigt Uleies, mä dann awer och fir Alternativen opzezechnen. Konkret wat a wat net. Wat, dat seet d'Regierung, dat soe mer. Wat net geet, oder wann ee seet, dat doten, dat wäeren net déi richtig Weeër an déi richtig Pisten, da muss een an dëser Debatt konkret sinn. Ech hätt dat gare konkret, well d'Budgetsgesetz, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass e Gesetz, e grousst Gesetz. Dat ass e Gesetz mat on-

wahrscheinlech villen Zuelen, wou mer Eckdaten, Weeër a Weiche stellen, wéi mir nächst Joer an deem Land hei viruginn.

Wann ee mengt, et sollt een, et misst een aus Iwwerzeegungsgrënn hei oder do ëmännere goen, ëmschichte goen, dann denken ech, da muss een dat och konkret maachen. Et muss ee konkret Propositione maachen, a konkret Propositionen hei am Parlament, déi drécke sech normalerweis an Amendementer aus. Dofir sinn ech gespaant wann d'Opposition hei mat Kriticke kënnst, wat jo selbstverständlech hiert gutt Recht ass.

(*Interruption*)

Här Di Bartolomeo, ech wär frou, wa mir eis kënnsten driwwer eens maachen, ier ech richtig amgang sinn, dass Dir lech e weéne géift zrëckhalen an emol d'Leit hei schwätze loosse géift. Dir hutt eng ganz Woch vill Zäit fir lech ze melen, fir op d'Tribün ze kommen, an da kënnst Dir hei Är Propositione maachen. Ech wär elo frou, wann ech e bëssen Zäit an e bësse Rou hätt. Ech sinn net béis, wann Der mer net wëllt nolauschteren, ech sinn och net beleidegt, wann Der erausgitt, mä ech géif awer gären a Rou hei kënnen meng Ausféierunge maachen.

(*Interruptions diverses*)

M. le Président.- Also, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing mech deem uschlëissen. Ech géif em e bësse méi Opmierksamkeet bieten, well et ass näischt méi penibel wann ee muss schwätzen an et gëtt dertëscht Zwiegesprécher gefouert. Ech mengen, kee Riedner kann dat ausstoen. Et ass och kee frou wann e selwer eng Ried hält, wann déi aner schwätze mateneen, an dofir mengen ech, dee Respekt soll een och deenen aneren entgéintbréngen. Also mir fänken elo un. Kolleeen, loosst mer eis virhuelen, dass mer mat Disziplin de Riedner nolauschteren an herno hu mer jo d'Geleeënheet, jiddferen ass jo ageschriwwen, dee wëllt an dee kann da Stellung huelen, wann en eppes huet wat him net geet. Här Weiler, fuert elo virun.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll am Numm vun der CSV-Fraktioun dem Jean-Marie Halsdorf, dem Budgetsrapporteur vun dësem Joer, am Numm vun eiser Fraktioun, awer och am perséinlechen Numm, e ganz häerzleche Merci soen an hin ausdrécklech félicitéiere fir dee Rapport, esou gutt dee mëndleche wéi dee schrëftlechen, deen hien eis hei virgeluecht huet. Et ass en zolitten, e couragéierte Rapport, deen hie gemaach huet, an ech weess, ech kann lech dat soen, wann een zéng Joer am Amt ass, a mäi Kolleeg hei op där anerer Säit weess dat och, datt et keng einfach Aufgabe ass fir e Budgetsrapporteur, par rapport zu deem, wat eng Regierung proposéiert, do e Rapport ze maachen, deen och eng Plusvalue duerstellt an dee sech net nëmmen an theoreteschen Iwwerleungen zu deem engen oder zu deem anere Problem ergeet, mä wou een och selwer Iddie vu sech mat erabrängt. Dat ass net evident an der Majoritéit. Dat war dëst Joer sécherlech net méi einfach wéi déi Jore virdrun, an dofir nach eng Kéier vun dëser Säit aus dem honorabelen Här Halsdorf e ganz häerzleche Merci.

Här President, de Budgetsrapporteur, de Finanzminister an de Budgetsminister hunn d'lescht Woch am Detail hei déi grouss Linne vum Statsbudget fir d'Joer 2004 duergeluecht, erkläert an och kommentéiert. D'Recetten: 6,3 Milliarden, d'Dépenses: 6,4 Milliarden, eng ganz kleng real Augmentatioun vum Budget. En Defizit vun 80 Millionen Euro. Öffentlech Investissementer an der Héicht vun 1,4 Mil-

liarden. En Emprunt vun 120 Millionen Euro. Eng Neiverschëldung déi ënnert dem Stréch, trotz dem Emprunt, d'Neiverschëldung, an ech leeën den Akzent op nei, null ass.

Här President, mir halen drop als Fraktioun fir der Regierung, dem Finanz- an dem Budgetsminister ze félicitéieren, dass si et fäerdeg bruecht hunn an enger ganz, ganz schwiereger Zäit, an enger Zäit wéi mer se zënter laangen, laange Joren net méi kannt hunn, e Budget virzeleeën, deen an eisen Aen d'Strooss hält. E Budget, deen an Zäite vu wirtschaftlecher Bedrängnis Onrou vermeit, e Budget, deen den Équiliber fénnst tëscht deem wat muss sinn an deem wat net geet, deem wat net ka sinn. Dat ass ee vun deene wichtegen Elementer vun dësem Budget. Et ass den Équiliber tëscht deem wat dëst Land brauch, wat mer an dësen Zäite kënnen maachen, wat muss gemaach ginn, mä awer och nëmmen deem wat muss sinn an den Ënnerscheid mécht par rapport zu deem wat net geet.

An da versicht en och eisen Handlungsspillraum mëttelfristeg ze garantéieren. Wann Der mer erlaabt, ech wëllt op e Bild zrëckgräife wat e grouse Gewerkschaftler, deen Der alleguerten hei am Haus kennt an op deen ech herno nach zrëckkommen, deen dëse Budget beschriwwen huet als eng...

(*Interruption*)

Neen, et ass een, Här Bodry, dee steet lech méi no, well en ass en eminente Kandidat. Här President, wann den Här Bodry et net sollt verstanen hunn, ech schwätze vum Här Castegnaro, en eminente Kandidat vun der Lëtzeburger sozialistischer Partei am Süden, deen huet gesot, Här President, fir dëse Budget: Et wär eng intelligent Kombinatioun tëscht Ausgaben, tëscht Aspierungen an tëscht Notzung vun eise Reserven. Méi ee schéint Kompliment kann een dach net maachen, an et ka jo keen dem Här Castegnaro ënnerstellen, datt e grad just eis als Partei oder dëser Majoritéit esou extrem géif no stoen. E steet jo anere politesche Borde méi no. Wann deen hei de Budget beschreift, an et ass dat och eis Meinung a mir deelen d'Meenung vum Här Castegnaro, déi intelligent Kombinatioun tëscht Ausgaben, Aspierungen an der Notzung vun eise Reserven. An ech sinn, Här President, frou festzustellen, dass mir zesumme mam Här Castegnaro net eleng do stinn.

Zënter datt d'Regierung am Juli d'Eckdate fir de Budget fir d'nächst Joer virgeluecht huet, hu jo vill Leit sech hei am Land zu Wuert gemellt: d'Gewerkschaften, d'Patronatsorganisationen, eenzel Acteuren aus der Zivilgesellschaft, d'Chambres professionnelles an d'politesch Parteien. An ofgesi vun der politescher Opposition, Här President, muss ech feststellen, datt mer bei all deenen aneren Acteuren, déi sech zu Wuert gemellt hunn, am Fong geholl eng ganz breet Zoustëmmung fonnt hunn zu deene Pisten, déi d'Regierung an dësem Budget ugeluecht huet, wou ech virdrun driwwer geschwat hunn. An ech wëll lech soen, dat ass jo awer net näischt.

Loosst mer emol iwwert d'Grenze kucken. Wat ass da lass an eisen Nopeschlänner, bei eisen Nopeschregierungen, déi amgaange si Budgeten ze ficeléieren, déi amgaange si Reformen duerchzeféieren? D'Gewerkschafte streiken, d'Patronatsorganisatione maachen net mat. Eenzel Regierungen hunn an hiren eegene Majoritéite keng Majoritéite streckeweis méi fir dat wat se proposéieren. D'Leit stinn zum Deel Kapp an eisen Nopeschlänner fir dat wat d'Regierungen hinnen zoomudden. A wa mir dann hei am Land et fäerdeg bréngen, ofgesinn emol vun deem politesche Bord, well deen ass jo ëm-

mer e bësse méi gefierft, datt déi dobaussen an der Gesellschaft, d'Sozialkräften, d'wirtschaftlech Kräften, datt déi hei am Land soen, an der Regierung soen: Mir deelen net all Är Approchen - an et si jo och vereenzelt Kriticken derbäi -, mä déi Grondpisten, déi Der ugeluecht hutt, déi stëmmen. Dir féiert déi Statsfinanzen hei op deem richtige Wee an enger schwiereger Zäit an d'Joer 2004 eran. Dir Damen an Dir Hären, ech muss lech soen, dann ass dat eng Zensur, déi hei ausgestallt gëtt vun de Kräften dobaussen, aus der Gesellschaft, vun deenen ee jo kann ausgoen, datt se méi eng neutral Approche zu där ganzer Politik hu wéi mir dat alleguerten heibannen hunn, déi sech weise léisst.

Dir verstitt, datt ech mer de Ple-séier haut de Mëtten net huele loosse, deen een oder deen anere vun dese Kommentaren hei ze zitieren. Ech zitieren den OGB-L, dee geschriwwen huet, et wär e konjunkturgerechte Budget, deen e verantwortlechen Ëmgank mat de Statsfinanzen ënnersträicht. Konjunkturgerecht, verantwortlechen Ëmgank mat de Statsfinanzen, an da wëll ech de Kollege vun der sozialistescher Säit et net undoe fir nach eng Keier d'Affär vun der Kombinatioun ze zitieren. Ech hunn dat jo virdu schonn zweemol gemaach, dofir: Dat war Originaltoun vum OGB-L. Den LCGB schwätzt vun engem verantwortungsvollen Iwwergangsbudget, verweist op déi iwwerduerschnëttlech Steigerung vum Sozialbudget. Souguer den NGL, Här President, souguer den NGL beschäinegt der Regierung, virsiichteg a verantwortlech beim Budget fir d'nächst Joer gehandelt ze hunn.

D'CGFP hält de Budget mat Satisfaktioun op, ënnersträicht, datt déi traditionell virsiichteg Budgetpolitik sech haut bezuelt mécht. Et ass dat jo ee vun de Créneauen oder eng vun den Iddien, déi mir hei eis op de Fändel geschriwwen hunn, wou mer soen: Et war opgrond vun der Politik, déi mer an deene leschte Jore gemaach hunn, wou mer haut esou iwwert d'Ronne kommen. Dat gëtt vun der CGFP ënnerstrach. An dann d'Patronatsorganisationen, Här President, ech kënnt der nach vill hei zitieren. Ech gräifen nëmmen eng eraus, d'Fédération des Artisans, déi beglückwünscht d'Regierung, datt se e Budget ficeléiert huet, deen den Ufuerderunge vun der heiteger Zäit entsprecht.

Dat, Här President, zu den Zitater vun deene vun dobaussen iwwert de Budget, an déi, mengen ech, e bësse méi eng neutral Approche zu där ganzer Finanzproblematik hu wéi mir heibannen: Ech muss soen, bei allem wat ee jo all Regierung ëmmer erëm ka virwerfen, well et gëtt keng déi perfekt ass, weder des nach déi lescht nach déi nächst, datt mer frou an zefridde sinn, datt déi Approche, déi d'Regierung bei der Opstellung vum Budget fir d'nächst Joer gewielt huet, esou vill Zoustëmmung dobausse fënn.

Här President, et gëtt jo awer net nëmmen Zoustëmmung, et gëtt jo awer och nach politesch Parteien, an do gëtt et natierlech méi en nuancéiert Bild. Dir wäert vu mengem Kollege vun der Demokratescher Partei, dem Jean-Paul Rippinger, a vu mir vläicht déi eng oder aner punktuell Kritik hei héieren, mä Dir wäert eis net héieren, datt mer d'Grondtendenz vun dem Budget a Fro stellen.

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- Ass dat verbueden?

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Neen, datt ass net verbueden. Ech kommen direkt, Här Asselborn, well Der lech zu Wuert gemellt hutt, ech komme gläich zu lech. Neen, Dir braucht net ze fäerten. Mä et wäert jo awer erlaabt sinn e Wuert ze soen. Dir hutt jo herno och länger Zäit hei fir Är Approche duerze-

leeën. D'Kriticke vun der Opposition, Här President, dat ass normal, dat gehéiert zur Demokratie. Wann d'Opposition net eng Regierung géif kontrolléieren a se géif kritiséieren, da géif se hirer Roll net gerecht ginn. Dofir sinn d'Kriticken normal.

Dëst Joer muss ech awer soen, Här President, bei dem Budget do ass viles, wann ech esou d'Opposition ukucken, normal. Mä et ass awer och e Punkt deen ech als net ganz normal emfannen, an ech komme gläich drop zrëck. Déi Gréng, déi sinn an hirem Rôle wa se hei d'Budgets- a virun allem d'Steierpolitik vun der Regierung kritiséieren. Si hunn d'lescht an d'virescht Joer, wéi mer déi Steuerreforme gemaach hunn, gesot, speziell wat d'Steierreduktiounen fir d'Privatpersounen ugeet, datt dat hinne géif ze wäit goen. Si emfannen dat als eng onglécklech Steuerreform a soen, wann eng Steuerreform no gréngem Muster hei gestréckt gi wär, da wäere mer haut net an deene finanziellen Enkpäss, déi mer elo hätten.

Ech muss lech soen, Här President, mat där Proposition vun deenen etheschen Investissementsfongen, déi déi Gréng proposéiert hunn, domat hätte mer awer och nach hei net definitiv de Budget gestréckt.

■ M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Déi hunn ech net gemengt, Här Weiler, awer...

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Jo, mä Konzepter fir sozialverträglech ekologesch Steuerreformen, där hunn ech am Detail keng gesinn, an ech hunn och keng Proposition de loi gesinn,...

(Interruption)

...wéi een dann esou eng Steuerreform géif iwwert d'Bünn kréien.

Här President, Lëtzebuerg ass jo mol en eegenaarteg Land. Iwwerall an Europa fuerderen, notamment och d'Opposition a ville vun eisen Nopeschlänner, d'Regierung op, Steuerreformen, Steuererleichterungen ze maachen, déi déi Regierungen iwwerhaupt net à même sinn ze maachen. A bei eis ass et just ëmgedrëint, bei eis sinn Dealer vun der Opposition déi d'Regierung kritiséieren, dass se ze vill wäit gaangen ass an hire Steuerpropositionen, déi se gemaach huet an déi noutwendeg waren. Et ass schonn u sech e bëssen eng verëckte Welt, wann ee gesäit, wéi och bei eis dat Spill anescht ass, wéi an eisen Nopeschlänner.

(Interruption)

An da wëll ech soen, Här President, aner Kollegen hei soe pauschal, ouni an den Detail ze goen an ouni konkret Propositionen ze maachen, d'Regierung géif mat deem Budget hei nëmmen dem Land eppes virgaulen, et wär dach alles a Botter an dat déckt Enn kéim eréischt no.

Ech muss lech soen, Här President, wann ee wierklech der Meinung ass, dass d'Situatioun sou schlecht ass an dass deemnächst en déckt Enn usteet, da muss een och soen, firwat dass ee mengt, dass dat sou wär, da muss een dat déckt Enn beschreiwen an da muss ee soe wéi ee verhënnert, dass et zu sou engem decken Enn géif kommen. Mir mengen net - et ass dat, wat hei ënnerstallt gëtt -, dass no de Wahlen dat déckt Enn kënnt. Mir mengen dat ganz sécher net an d'Donnéeën, déi mer hunn, weisen et aus, dass dat fundamental net stëmmt. Mä wann een där Meinung ass, qu'on vienne ici, an da soll een hei soen, wat een dann dorënner versteet.

An da wëll ech soen, Här President, ech hu vill Reaktiounen vun der Lëtzeburger sozialistescher Partei zu dem Budget gelies. De Parteipresident, dee jo bekannt ass, dass e gäre schéisst - an dat ass och fir en Oppositionschef noutwendeg, dee muss schéissen -, vill schéisst a beson-

nesch vill wann en am Kulturkampf ass, mä hei si mir jo net am Kulturkampf, hei si mer bei den alldiegleche Froen, déi eng Regierung, déi e Land bewegen an do muss ech soen, hat den Här Asselborn scho geschoss éier d'Juegd op war. Hien hat de Budget scho kritiséiert éier en iwwerhaupt bekannt war.

(Interruption)

Hien hat scho gewosst, dass d'Regierung de beschte Service misst verkafen, fir iwwerhaupt nach hei d'Enner zesummen ze kréien. Och alles dat, wat den Här Asselborn do sot - wéi sou oft senger Zäit e bësselche viraus, en hat e bëssen ze schnell geschoss -, leeë mer elo ad acta.

Dat war och nach normal, mä ech muss awer soen, Här President an dat war dat, wat ech virdu gemengt hu mat normal a mat net normal. Wat mer awer net normal geschéngt huet dat ass, dass wann hei e Statsbudget virgeluecht gëtt, de Finanzspezialist vun der Lëtzeburger sozialistescher Partei - an dat ass jo awer emol hei am Parlament den Här Krecké, de Fraktiounschef, deen unerkannterweis eppes vu Statsfinanze kennt, an dat soen ech guer net ironesch, dat mengen ech wierklech sou, well dat ass effektiv sou -....

(Interruptions)

...dann oftucht, d'Segele sträicht, sech während Woche wann net Méint praktesch iwwerhaupt net zu deem Budget, deen an esou enger schwiereger Situatioun hei vun enger Regierung virgeluecht gëtt, zu Wuert mell.

Ech muss lech soen, Här President, dann ass dat net normal. A wann ech dat als net normal emfannen, dann interpretéieren ech dat, wéi wann den Här Krecké trotzdeem géif mengen, dass den Här Castegnaro mat senger Appréciation net esou Onrecht hätt well wann hei viles schief gelaf wär, dann hätte mir den Här Krecké héieren, a mir hätten e ganz haart héieren, a mir hätten en op Pressekonferenzen héieren, mä mir hunn e während Wochen a Méint net héieren, bis an de spéiden Hierscht, an de ganz spéiden Hierscht, do huet e sech fir d'éischt zu Wuert gemellt an déi éischt Kritik si komm.

Ech muss lech hei soen, do klappt eppes net. Wann den Här Krecké gemengt huet, dass dee Statsbudget hei net d'Strooss géif halen, keng zolitt Pisten ugeluecht wären, da wär hien do gewiescht. A mir kennen e gutt genuch, e mécht seng Aarbecht jo normalerweis ganz seriö a ganz intensiv, an et dierf ee sech net vun him erwësche loosse.

(Interruption)

Or, wann en hei net reagiert huet dann denken ech, dass hie schonns mat eiser Appréciation an och der Appréciation vum Här Castegnaro - et ass keng sou eng schlecht Propos, déi hei virläit, et ass eng intelligent Kombinatioun - d'accord ass.

Ech wëll dann, Här President, op e puer Beräicher ze schwätze kommen, déi direkt an indirekt mat de Statsfinanzen ze doen hunn.

Fir d'éischt d'Wirtschaftspolitik, déi eng zentral Roll spillt an doduerch vill Politikberäicher uschneit. Et muss een heiansdo mol fundamental Wouerechten an Erënnerung rufen: Eier aus engem Statsbuget eppes ka rausfléissen, muss emol eppes eragefloss sinn! An dat muss emol fir d'éischt erwirtschaft ginn an dofir ass nun eben emol eis Ökonomie zoustänneg. A wann d'Politik och am Beräich vun der Wirtschaft viles ka maachen, dann ass et awer sou, dass d'Wirtschaft - eng Fräiwirtschaft, sou wéi mer se

hunn - och duerch eng Villzuel vun aneren, konditionéierenden Elementer, déi näischt direkt mat der Politik ze doen hunn, bestëmmt gëtt. An dat ännert awer näischt un der Tatsaach, dass d'Wirtschaftspolitik selbstverständlech muss dee beschtméigleche Kader fir déi ekonomesch Aktivitéite schafen; an dat mécht een iwwer Steuerpolitik, iwwer Betribspolitik an iwwer Infrastrukturpolitik, och d'Accessibilitéit vum Land, sou wéi de Budgetsrapporteur se hei ugeschnidden huet. Et ginn also eng ganz Rei vu Piste wou een hei kann handelen.

De Moment geet et eiser Wirtschaft net esou gutt an da muss een, Här President, hannerfroen, ob d'Regierung dat, wat hir Hausaufgabe waren, gemaach huet. Als eng open an eng exportorientéiert Ökonomie, déi op déi auslännesch Mäert ugewisen ass, ass den Handlungsspillraum vun enger Regierung nun ebe mol begrenzt. An et kann ee vill schéi Pabeiere maache wou ee Rucke fir d'Land proposéiert - an ech muss soen, ech hunn dee Pabeier vun der sozialistescher Partei gelies, do sinn eng ganz Rei vu gudden Iddien dran, déi d'ailleurs zum Deel amgang sinn ëmgasat ze ginn an déi een net soll einfach esou bei d'Säit leeën -, mä ech wëll awer soen, et geet net duer, fir hei mat engem theoretesche Pabeier ze wibbelen, fir dass eis Wirtschaft op d'Been an op d'Spréng kënnt; dat ruckt do net sou séier wéi ee sech dat emol heiansdo kéint virstellen.

(Interruption)

Dofir brauch et ënner anerem och eng Reprise sou laang eng exportorientéiert Wirtschaft, wéi eis, déi auslännesch Mäert brauch a sou laang wéi déi auslännesch Mäert - dat ass dat, wat den Här Gramigna virun e puer Deeg gesot huet - an Europa, wéi a breedene Dealer an Däitschland an a Frankräich, d'Ökonomie net uspréngt ass d'Morositéit bei eisen Entrepreneuren grouss an de Geescht, fir ze investéieren kënnt eréischt, wann och hei sech weist, dass Erhuelungstendenzen do sinn.

Ech muss soen, Här President, ech hunn déi Fro virdu gestallt: Huet d'Regierung hir Hausaufgabe gemaach? Wann eng Ökonomie de Schnapp huet, da gëtt et eng éischt Aufgab déi muss gemaach ginn, et muss een déi richtig Steuerpolitik maachen. An ech denke souguer, dass mat Ausnahm vu vereenzelte Kriticken déi heibanne waren, déi Steuerpolitik, déi jo hei am Joer 2001 an 2002 gemaach ginn ass, begreist ginn ass.

(Interruption)

Jo, ech ginn dat ganz gären zou. Emmerhin hu mir Steuerreforme gemaach zu engem Zäitpunkt wou mir eis et konnte leeschten a wou haut eis Ökonomie a Positioun bruecht ginn ass fir kënnen, wann d'Reprise kënnt, an de Startlächer ze sinn a fir vun deene beschte Konditiounen ze profitéieren, fir Investissementer, déi mir eis alleguerte wënschen. D'Steierlaascht fir d'Betriber 2001-2002 sinn erofgesat gi fir d'Investissementer ze encouragéieren, d'Steiere fir d'Privatleit sinn erofgesat gi fir de Konsum unzereegen an öffentlech Investissementer héich ze halen. Här President, dat ass fréizäiteg gemaach ginn an dat ass gemaach gi wéi mir eis et nach konnte leeschten.

Wa mer an d'Ausland kucken, an notamment an Däitschland, a wéi enger Kränkt, dass déi leie fir hir Steuerreformen op de Wee ze kréien, da muss ech soen, an deem Punkt do, huet d'Regierung hir Aarbecht gemaach. Ouni des Steuerreduktiounen géif et eiser Ökonomie méi schlecht goen, déi finanziell Enkpäss, déi de Stat hätt, wäere méi grouss an nach manner gutt opgestallt, fir d'Konkurrenz mat eisen Noperen unzengoen.

Här President, de Statsminister, mä och verschidde Chambres professionnelles, hu sech d'Méi ginn an

hiren Avisen ze analyséieren, wat dann den Impakt war vun de Steuererleichterungen op d'Entwicklung zum Beispill vum Konsum vun de Ménagen hei zu Lëtzebuerg, op d'Entwicklung vum Gesamtcommerce, domadder schlussendlech och op de PIB an domadder op d'Steierrecetten. A si hunn nogewisen, dass de Konsum, duerch d'Kombinatioun, déi gemaach ginn ass vu Steuerpolitik a vu Sozialpolitik, och an de Krisejoren 2002-2003 gewuess ass, an domadder e positiven Impakt hat op de Wuesstum allgemeng an op d'Steierrecetten op där anerer Säit.

Ouni déi Steuerreformen, Här President - mir haten 2002 an dëst Joer 2003 e Wuesstum vu ronn 1,5% -, hätt eist Wuesstum, net licht iwwert der Nullgrenz, mä no un der Gefrierergrenz geleeën. Et war wichtig, et war noutwendeg an et war richtig, dass déi Steuerreforme gemaach gi sinn an datt se an deem Ausmooss gemaach gi si wéi se gemaach gi sinn.

An dann d'wirtschaftlech Diversifikatiounen, e Steckenpferd an en Hobby, l'objet des critiques vun der versammelter Opposition. Ech, Här President, bleiwen derbäi, an d'Chiffere beweisen et, a wien d'Chiffere korrekt kuckt an d'Chiffere korrekt interpretéiert, dee gesäit, datt d'Resultater vun der wirtschaftlecher Diversifikatioun vun der Regierung sech op d'mannst mat de Resultater vun där leschter an där vileschter Regierung vergläiche loosse, esou gutt wat dat investéiert Kapital, wéi och wat d'Kreatioun vun Aarbechtsplazen ubelaangt.

D'Regierung huet, contrairement zu deem wat ëmmer erëm behaupt ginn ass, ugefaange mam Wirtschaftsminister, mat dem Statsminister zesumme mam Grand-Duc hir Promotionsreese gemaach, dee Wirtschaftsminister, dee vum President vun der FEDIL am Mee vun dem Joer gesot krut: „Il a défendu au cours des années passées avec fermeté et compétence les intérêts des entreprises“, dese selwechte Wirtschaftsminister ass gereest an déi fënnel Kontinenter. En ass vun Oslo op Santiago, vun Tokio op Ottawa a vu Peking op Mailand gereest. En huet alles gemaach an engem Moment, Här President, wou et vill méi schwierig war fir Promotioun ze maachen a fir Betriber unzezielen, wéi dat nach an der leschter Legislaturperiode de Fall war, well d'Situatioun vill méi schwierig ginn ass a well d'Konkurrenz net schléift an d'Konkurrenz vill méi haart ginn ass. Och en considération vun deenen Elementer sinn déi Efforten, déi gemaach gi sinn an déi Resultater, déi opzeweise sinn, loosse déi sech largement weise par rapport zu deem wat fréier de Fall war.

Wann de President vun der LSAP, Här President, sech moquéiert huet iwwer eng vun de Visité vum Statsminister a China, ech zitieren hei aus engem Artikel, deen hie geschriwwen huet: „Lëtzebuerg brauch keng eegestänneg China-politik“, da goug et net drëm, datt de Statsminister wollt fir Lëtzebuerg eng eegestänneg Chinapolitik dévéléppéieren, mä et goug drëm fir Kontakter, nei Kontakter a bestoend Kontakter op deem grouse chineseschen, dem zukunftssträchtege Maart vun der Welt, hierzustellen. Dofir war de Wirtschaftsminister do an net fir eng eegestänneg Chinapolitik ze dévéléppéieren.

A propos Diversifikatioun, Här President: AOL, Amazon a Microsoft, dat si Beispiller vu rüsséierter Diversifikationspolitik. An dat ass fir eis eng ganz wichtig Affär, och wann d'Sozialisten dat net wëlle wouer hunn. A puncto Steiereinnahmen, a puncto Aarbechtsplazen, Amazon huet an der Tëschenzäit 30 Aarbechtsplazen, 30 Leit hei zu Lëtzebuerg agestallt. Dat ass net dramatesch vill par rapport zu deem wat sech um Lëtzeburger Aarbechtsmaart an dee-

ne leschte Woche gedoen huet. Mä ëmmerhin ass et awer dat an ëmmerhi bréngen déi Firmen hei an dësem an am nächste Joer Milliarden, Här President, eran u Receten an et kënn dem Lëtzebuerger Stat nu wierklech an där Situatioun wou mer dra sinn an de Lëtzebuerger Statsfinanzen zegutt, datt dat doten eis gegléckt ass an dofir hunn ech gesot, ass dat eng wichtig an ass et eng grouss Affär an ech kommen net derlaanscht, well och elo schonn erëm Remarken oder Téin op dëser Säit ze héiere sinn, fir ze soen, datt mer onverständlech, fir net ze soen aarmséileg fannen d'Haltung, déi d'Sozialisten an dëser Affär un den Dag geluecht hunn. AOL an Amazon dat ass jo nâischt, keng Aarbechtsplaze bréngen se, héchstens e puer Frang an d'Keess a souwisou si se an de Schouss gefall.

Ech muss soen, Här President, ech fannen dat eng ganz, ganz aarmséileg Haltung. Amplaz unzuerkennen, datt der Regierung a virun allem och dem Investissement vum Statsminister hei ze verdanken ass, dass eis e grouse Coup gegléckt ass, motzen d'Sozialiste wéi kleng, bockeg Kanner. Dat kann net sinn. Fréier, wann den Här Goebbels gereest ass an hien huet e Betrib mat op Lëtzebuerg bruecht, dann hu mer dat unerkannt an et goufe Pressekonferenz gehalen an et gouf dat dohinnergestallt als dat wat et war. Haut kann d'Regierung Betriber bréngen an deene schwierigsten Zäiten an dann heescht et vu Säite vun de Sozialisten, dat do ass jo an de Schouss gefall a souwisou ass et net vill.

Ech hoffen, Här President, datt dat Ganzt en Ausrutscher war vu Säite vun de Sozialisten an datt se an dëser Debatt déi doten Argumentatioun net méi ophalen, déi kleng karéiert Jalousien, déi hei un den Dag kommen, well der Regierung wierklech e grouse Coup gegléckt ass, dat steet enger Partei wéi de Sozialisten net esou gutt zu Gesiicht. An an deem Kontext erlaben ech mer nach eng kéier, Här President, de Statsminister hat et zwar gemaach, mä ech wëll et nach eng kéier maache, well et esou schéin ass, de Fraktiounschef vun de Sozialisten, dee jo vill monéiert ëmmer iwwer alles dat wat sech deet am Beräich vum E-Commerce, vum Internet, wat Microsoft an hirem Communiqué gesot huet, dee se geschriwwen hu wéi se heihinner komm sinn, an net nëmmen Microsoft, och schonn AOL oder war et Amazon, ech weess et net méi, déi haten, wéi se sech decidéiert hunn sech hei ze etabléieren, en ähnleche Communiqué erausginn.

Ech hunn deen net erëmfonnt, wéi ech elo meng Preparatioun hei gemaach hunn, mä dee vu Microsoft ass jo eréischt e puer Deeg al, dofir wëll ech en nach eng kéier zitieren: „La plate-forme grand-ducale avec son infrastructure de pointe, la présence d'acteurs importants des médias, un cadre législatif et réglementaire approprié et une approche volontariste des autorités“, dat sinn d'Elementer, déi Microsoft determinéiert huet fir op Lëtzebuerg ze kommen. Wann d'Opposition dat net fir gutt hält, da soll si et weiderhi kontestéieren.

Ech sinn zefridde wann d'Entreprises, déi kommen, et esou gesinn, wann déi unerkenne wat hei gemaach ginn ass, wéi eng Plateformen, dass mer hei hunn, wéi eng Infrastructure de pointe, wéi e Cadre législatif et réglementaire, et geet eis duer wann d'Entreprises dat unerkennen. Mir brauchen dofir d'Opposition net. Ech si frou, dass Microsoft an anerer dat esou gesinn a sech deementspriedend fir Lëtzebuerg decidéieren.

Här President, et gouf och der Regierung virgeworf, si hätt ee vun den Haaptpilleren, nämlech de Finanzsecteur, net genügend ënerstëtzt. An ech hu gelies an den Zeitungen: „Unter dieser Regierung gingen 50 Banken weg.“ Ech muss awer soen, dat doten ass relativ plomp. Datt Banken hei vu Lët-

zebuerg fortgaange sinn, kontestéiert jo keen, mä dat huet jo awer nun am allerleschten eppes mat der Regierung ze doen. Dat huet eppes ze doe mat de Fusiounen, mat de Restrukturierungen, mat de Konzentratiounsefforten, déi sech um internationale Marché, op der internationaler Bankewelt, dinn. Dat ass d'Ursaach, firwat datt eng Rei vu Banken hei fortgaange sinn. Iwwregens ware ganz vill klenger derbäi, déi mat zwee, dräi Leit hei waren, wat een am Kader vu Banke scho bal net méi kann zielen.

Ech stelle just fest, datt d'ABBL zesumme mat der Regierung virun e puer Joer eng Strategie op d'Been gesat huet, fir eis Bankeplazen ze diversifizéieren. Den Här Thiel seet an engem Artikel: „Le marché est là. La législation est là. Le know-how aussi est là.“ Dat sinn d'Schlëssele fir eis Bankplaz weider ze kréien. De Schlëssel, deen heescht eraus aus der Souveränitéitsnisch, eran an d'Kompetenznisch. An der Kompetenznisch si mer an der Tëschenzäit ukomm. An där Kompetenznisch musse mer weiderfuere an da brauch eis an engem éischte Stadium oder an engem mëttelfrste Stadium och net Angscht ze sinn, datt eis Bankeplaz an eis Finanzplaz ewechfällt.

Här President, d'Mëttelstandspolitik gouf och vill kritiséiert. Ech stelle just fest, datt ënnert der Fiederfeierung vum Fernand Boden deen Zéngpunktenaktiounsprogramm duerchgesat ginn ass. Et sinn nach eng Rei Detailelementer, déi musse ajustéiert ginn an da steet dee Plang. Et ass e Plang, deen dem Mëttelstand op wäite Strecken engéintkënn, mat deenen de Mëttelstand gutt ka liewen, mat deenen de Mëttelstand déck zefridden ass, a wa mer déi Projeten, déi ustinn, d'Loi-cadre an den Droit d'établissement deemnächst och nach hei iwwert d'Bühn hunn, dann hu mer e Kader geschaf, dee selbstverständlech ëmmer muss weiterentwickelt ginn an ëmmer muss perfektionéiert ginn an den Ofbau vun den administrativen Hürden, selbstverständlech muss weider dorunner geschafft ginn, mä dat ass eng Fuerderung un där mer schon zënter 15 Joer an engem permanente Prozess schaffen.

Dann und wann, muss ech soen, stéiert et mech awer, wann da vu Säite vun deene Leit, déi grad just wat déi administrativ Hürden ubelaangt, zum Beispill bei der Betribsgrënnung, Kommodo an Inkommodo, wou gefuerdert ginn ass a wou net genuch reglementaresch Konditiounen konnten an e Gesetz ageschriwwen ginn, grad just vun deene Leit gefuerdert gëtt, dass mir missten déi administrativ Hürden ofbauen. Och hei, Här President, muss een oppassen, dass ee glaubwürdig bleift.

Ech gesinn, datt d'Zäit séier virugeet. Ech wëll nach dräi punktuell Problemer opgräifen. Éischtens de Krankekesendefizit. Mir droen inhaltlech déi Propositionen, déi vun der Tripartite gemaach gi sinn. Mir mengen, datt deen Transfert, dee geplangt ass aus de Pensiounskeesen an d'Krankekesen, gerechtfäertegt ass. Den Invaliditéitsrisiko gehéiert an d'Pensiounskeesen, dee gehéiert net an d'Krankekesen. Ech hu vereenzelt Kritikke gelies, mä ganz villes huet een zu där doter Problematik nach net héieren. Ech si gespaant wéi am Kader vun dëser Debatt sech eenzel Gruppen zu där doter Fro positionéieren.

Ech wëll just soen, mir deelen déi inhaltlech Proposen, och wat déi strukturell Moosnamen ubelaangt, déi hei proposéiert gi sinn. Et bleift, dass ee beim Punkt vun der Lounfortzahlung bei den Aarbechter muss selbstverständlech extrem versichteg bleiven, well hei effektiv eng Rei vu Risikoe besti fir déi kleng Entreprises. Et dierf net zu enger globaler Méibelaaschtung hei kommen, mä do waarde mer d'Etüden of, déi amgang si gemaach ze ginn.

Fleegeversécherung: D'Ofsenkung vun der Participatioun vum Stat vu 45 op 40%. Ech muss soen, ech hätt mir och méi Transparenz gewënscht an där Propos, wéi se vun der Regierung gemaach ginn ass. Vun Ufank u méi Däitlechkeet, dass ee gewosst hätt, wou een dru wär. Mir wëssen et elo, an ech gi gären zou, et kann een iwwert déi Moosnam do diskutéieren. Et kann een effektiv driwwer diskutéieren, ob de Stat fir ee Joer soll seng Participatioun vu 45 op 40% erfsetzen oder net. Mä wann hien et net mécht, da muss ee soen, wou een dann de Contre-pas vun deem hierhëlt, wat hei agespuert gëtt. Huele mer dofir méi e groussen Defizit a Kaf, oder gi mir op eng aner Plaz déi Sue sichen, déi gebraucht ginn?

Ech hu kee Problem, dass mer driwwer diskutéieren, muss awer soen, dass déi onwahrscheinlech Polemik, déi mat där dote Fro gemaach ginn ass, wéi bekannt ginn ass, de Stat géif fir ee Joer seng Participatioun an der Fleegeversécherung ëm 5% erfsetzen, d'Gefill bei de Leit dobause geschürt ginn ass, elo géingen d'Fleegeleeschungen erfogesat ginn. Dat war onverantwortlech. Et war jo zu kengem Moment, Här President, dru geduecht, fir d'Fleegeleeschungen,...

Une voix.- Dat huet kee gesot.

M. Lucien Weiler (CSV).- De Sozialofbau huet ugefaangen, de Sozialofbau ass agelaut, ass virprogramméiert, dat hunn ech nach virun e puer Deeg héieren.

(Interruption)

Wa kee Mënsch dat gesot huet, dat froen ech mech, wou bei esou ville Leit dobassen, déi fleegebedürftig sinn, d'Gefill an de Gedanken konnt opkommen, dass d'Fleegeleeschungen géifen erfogesat ginn. Vu Säite vun der Regierung a vun der Majoritéit ass...

M. Lucien Lux (LSAP).- Zitëiert do och emol d'Avisé vun de Chambres professionnelles.

M. Lucien Weiler (CSV).- Dir maacht dat jo.

Här President, fir dass et kloer ass, an dass net dobassen d'Leit nach ëmmer mengen, et géif un de Fleegeleeschungen geréckelt ginn: Fir ee Joer gëtt d'Participatioun vum Stat an der Fleegeversécherung erfogesat, well genuch Reserven do sinn. Et brauch un de Fleegeleeschungen net gedréint a gebastelt ze ginn, keen dee Fleege noutwendeg huet muss fäerten, dass en deemnächst déi Fleegeleeschungen, déi en haut huet, net méi kritt. Et geet mer drëm, fir dass dat ee fir allemol kloergestallt ass.

Här President, wa mer iwwert d'Grenzen erauskucken, an d'Belsch, an Däitschland, a Frankräich, a mer gesinn, wat fir eng Ravagen déi wirtschaftlech Morosität an deene Länner mécht, och d'Rezessioun, déi streckeweis ass, déi riseg Lächer an de Stathaushalter, déi dramatesch Verschëldungssituatiounen, déi Sozialversécherungssystemer, déi op der Kipp stinn, an de Sozialofbau, deen eng ganz gausam Tatsaach ass, wa mir eis dat alles ukucken a mer vergläichen et mat der Situatioun, déi mir hei zu Lëtzebuerg hunn, da mengt een awer nach erëm bal mir wären eng Insel, obschonns mer guer keng Insel sinn.

Mir hunn eng Verschëldungscapacitéit vum Stat, déi intakt ass. Mir hunn e Statsdefizit, dee minimal ass, a mir hunn héich staatlech Investitiounen, sou dass mer, wéi dat d'lescht Woch hei beschriwwen ginn ass, déi Duuschtstreck op där mer sinn an déi nach undauert, bis dass eng wirtschaftlech Reprise

kënn, ouni Vollbremsung kënnen duerchhuelen. A wa mir déi kënnen ouni Vollbremsung duerchhuelen, dann ass et awer net esou, dass déi gebroden Dauwen eis an de Mond geflu komm sinn. Dat huet dach och eppes mat Politik ze doen. Dat huet eppes mat der Politik vun der leschter Regierung ze doen, an et huet eppes mat der Politik vun dëser Regierung ze doen.

Den Här Juncker, den Här Frieden, den Här Halsdorf, déi hunn eis d'lescht Woch op impressionant Aart a Weis gewisen, wéi mer versichen iwwert déi Duuschtstreck ze komme mat de Reserven, déi ugeluecht gi sinn, de Reserven, déi an den 90er Joren ugeluecht gi sinn, an deene Reserve wou virun allem d'Halschent während dëser Regierung ugeluecht ginn ass. A wann den Här Goebbels schreift a seet, dës Regierung géif sech iwwert d'Ronne rette mat de Reserven aus den 90er Joren, dann ass dat net richtig. Déi Reserven, déi mir hunn, sinn zur Halschent vun der leschter Regierung an zu Halschent vun dëser Regierung ugeluecht ginn. Et ass deen Apel fir den Duuscht, dee mer hunn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

A wann ech dann héieren, Här President, dass gesot gëtt neierdings, net nëmmen AOL, Amazon, a Microsoft sinn der Regierung an de Schouss gefall, mä och d'Reserve sinn hir an de Schouss gefall, si konnt jo iwwerhaupt net derfir, do ginn ech gären zou, dass 1999/2000 opgrond vun der Expansioun vun de Bourssé mer e ganze Koup vu Steieren erakritt hunn iwwer e Wee, wou een net ka soen, dass et direkt den Aktivismus vun der Regierung war, deen déi bruecht huet, mä Fakt ass awer och, Här President, an ech wëll dat hei ënnersträichen, dass vu ville Leit am Parlament an deene leschte Joren eng aner Politik gefrot ginn ass wéi déi, déi mir gemaach hunn. An ech wëll dräi Beispiller erausgräife vun där anerer Politik.

Bei de Steuerreformen do erënnere ech mech un déi Propositionen, déi vun de sozialistesche Kolleege komm sinn. Mir hate jo en Deel dovun opgeholl, mä glécklecherweis net alleguerten, well mir hätten haut Milliarde Steuerrecettë manner wa mer d'Propositionen vun de Sozialisten definitiv duerchgezunn hätten. A wann ech un den ADR denken, deen hei fënnf Milliarde supplementar Dépensé vum Statsbudget an eis Rente gefuerdert huet, a wann ech denken un d'Propositionen vun deene Grëngen, fir d'Plus-valué vun de Joren 1999 an 2000 an e Fong ze ginn, fir d'Entschëldung...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Wou ass déi Proposition, Här Weiler?

M. Lucien Weiler (CSV).- Här Bausch, ech hu mer geduecht, dass Der d'Fro géift stellen, dofir hunn ech lech se matbruecht. Et ass d'Motioun, déi am Kader vum Débat iwwert d'Kooperatioun vun der Madame Renée Wagener déposéiert ginn ass de 5. Abrëll 2000, wou no ganz ville Considéranten d'Madame Wagener schreift: „... à consacrer une part substantielle des excédents des exercices“...

(Interruption)

Här Bausch, lauschtert emol schéin no.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Wéi vill waren dann d'Plus-valuen, Här Weiler? Et ware 40 Milliarden aler Frang. Wann ech dovun soen „une part substantielle“, da sinn et se net all.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, den Här Bausch jâizt schonn ier e geschloen ass. Ech wollt mol einfach konkret soen, wat dat bedeit.

Mir haten am Joer 1999 20 Milliarden där aler Frang Plus-valuen, an am Joer 2000 waren dat der 30.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Et waren der 40.

M. Lucien Weiler (CSV).- Da kéime mer op 60 Milliarde Plus-Valuen, déi mir decidéiert hunn, op Propositionen vun der Regierung, fir an eis Investitiounsfongen ze ginn. Dir hat deemools proposéiert, mir sollten „une part substantielle“...

(Interruption)

Ech muss lech soen, Här President, Lëtzebuerg brauch sech net ze schumme fir eis Entwécklungspolitik. Mir maache méi wéi déi meescht aner Länner. D'Solidaritéit vu Lëtzebuerg, eis Contributioun fir d'Drëtt Welt, déi huet Ausmoossen, fir déi mir eis net brauchen ze schummen. Mir hunn deemools ofgelehnt, Här President, dat wat den Här Bausch gefuerdert huet, an zwar vun deene 60 Milliarden „une part substantielle“ ze ginn. Wat heescht „une part substantielle“? Ech denken awer, dass dat d'Halschent wär oder wéi vill dann?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dat heescht am Verhältnis zu deem, wat mir an aner Fong ginn hunn. Dat ass jo awer evident.

M. Lucien Weiler (CSV).- Ah sou, et war keng Part substantielle!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dir hutt elo grad behaupt, et wäire sämtlech Plus-valué gewiescht.

M. Lucien Weiler (CSV).- Neen, Här Bausch. Ech hunn net behaupt, et wäire sämtlech Plus-Valuë gewiescht, ech hu just gesot, dass Dir gesot hutt „une part substantielle“ vun de Plus-valuë misst an de Fong goe fir d'Entschëldung vun...

(Interruption)

Ech wëll soen, Här President, dass mer d'Propositionen vu Säite vun de Sozialisten, d'Propositionen vum ADR, d'Propositionen vun de Grëngen, déi sympathesch an deem Moment waren, awer ofgelehnt hunn, well mer gesot hunn, mir wëllen hei eng voluntaristesche Politik maachen, mir wëllen den Apel fir den Duuscht op d'Säit leeën, mir wëllen eis Fonge fëlle fir deen Dag, wou et net méi esou gutt geet. Dat ass elo de Fall, an haut kënnen mer dorobber zrëckgräifen. A wa mir déi Politik gemaach hätten, déi hei gefuerdert ginn ass vu ville Bänken, Här President, da wär et esou zum Deel, wéi de Statsminister et lescht Woch hei gesot huet, da séize mer haut am Dreck.

Mir sëtzen net am Dreck, well mir an der Zäit lues gebremst hunn an net alles dat gemaach hunn, wat mir gäre gemaach hätten. Déi Politik, déi mir gemaach hunn, déi erlaabt eis haut iwwert d'Ronnen ze kommen, sou wéi mir dat de Moment kënnen maachen.

An da soen ech nach zwee Wieder zum Ofschloss, Här President. Et gëtt ëmmer erëm hei monéiert vun dëser Tribün, an Artikelen an op anere Plazen, d'Regierung hätt d'Kris verschlof an ze spéit reagiert.

Här President, ech deelen déi Appreciatioun net, och wann den Här Di Bartolomeo mengt, dat wär esou. D'Regierung hat keng aner Date wéi déi, déi mir och haten. Mir haten d'Daten alleguerte gemeinsam vun der Steierverwaltung, mir haten d'Prognosé vun der OECD, vum Statec a vun aneren. Mir haten déi an d'Regierung hat déi. Wann een also géif dovun ausgoen, nëmmen an der Theorie, datt d'Regierung hei eppes verschlof hätt, da muss ech soen, Här President, dann huet awer och dat Parlament hei, virun allem och d'Oppositionen eppes verschlof, an da stëmmt dee Reproche jo awer och fir si.

(Interruptions)

Mir hu virun zwee an engem hallwe Joer, Här President, um Rendesch gesiess a mir sinn all ge-

meinsam vun engem mëttelfristege Wirtschaftswuesstum vu 4% ausgaangen. Wa mer elo der Regierung reprochéieren, esou huet awer kee vun eis deemools...

(Interruptions)

Jo, Här Bausch, déi meescht, déi um Rentendesch waren, sinn dovunner ausgaangen. Et war een, deen ëmmer gewarnt huet a gesot huet: Dat doten, dat geet eng Kéier schiif, dat kënnen mer esou net huelen.

(Interruptions)

Dat war de Statsminister, am Summer 2002.

■ **Une voix.**- Hutt Dir näischt méi mat deem ze dinn, oder wéi?

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Här President, am Summer 2002, et ass annerhalleft Joer hier, ass hei nach vu verschiddene Leit aus deem Parlament gesot ginn, mir missten eis Wirtschaft bremsen, well gefäert ginn ass, mir kéimen an ee 700.000-Awunner-Stat eran an d'Wirtschaft misst gebremst ginn an e seriöe Coup de frein...

■ **Une voix.**- Wie sot dat dann?

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Den Här Gibéryen huet dat gesot. Mir missten eis Wirtschaft bremsen, fir datt mer net esou wäit kéimen. An ech muss lech soen, Här President, wann een dat dote gesäit, déi Affär vun deem Verschlofen, da muss ech soen, wien am Glashaus sëtzt, soll net mat Steng werfen.

E Leitartikler huet virun e puer Deeg geschriwwen, datt zumindest am Fréijoer 2002 héchst Virsicht gebuede gi wär. An du schreift en: „Ein warnender Aufschrei war jedoch aus keinem der politischen Lager zu vernehmen. Kein Abgeordneter, weder von der Mehrheit noch von der Opposition, ergriff die Chance, sich im Parlament mit der Beantragung einer Aktualitätsdebatte, etwa zum Thema: Die Auswirkung des internationalen Börsenmassakers auf die Wohlstandsinsel Luxemburg, zu beschäftigen. Der Weitblick der Luxemburger, auch der LSAP“, deen hätt sech deemools a Grenze gehalten. An esou war et, Här President.

(Interruptions)

Et war den Här Lenert, deen dat dote geschriwwen huet. Ech kënn lech awer och vill Artikelen aus dem Tageblatt zitieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Statsminister huet gesot: D'Situatioun ass eescht, mä si ass net dramatesch. De Budget fir 2004 ass d'Äntwert op eng eescht Situatioun, ouni datt et zu dramateschen Aschnëtter kënnt. An d'nächst Joer, beim Budget 2005, wäerte mer esou wäit wéi een dat haut ka virausgesinn an enger ähnlecher Situatioun sinn. An 2006, wann et dann zu kenger wirtschaftlecher Reprise kënnt, dann ass et ganz sécher esou, dass et da ganz enk gëtt, an da wäerten d'Avoiren an de Fongen, deen Apel, dee mer fir den Duuscht ugeluecht haten, deen hält jo net éiweg. Mir gebrauchen en de Moment. Iergendwann ass deen eriwuer an dann, wann et zu kenger Reprise kënnt, an et kënnt zu kenger Reprise vun de Recetten, da muss gehandelt ginn, an da wäert och gehandelt ginn, an da sinn ech iwwerzeegt, datt déi nächst Regierung, wann et dann iergendwann sollt esou wäit kommen, hir Responsabilitéit iwwerhuele wäert.

(Interruptions)

Haut fir de Budget 2004 gesi mer keng Noutwendegkeet fir iwwert dat erauszegoe mat proposéiert ass. D'finanziell Situatioun vum Stat, eis finanziell Polsteren, zesummen och mat deene wirtschaftleche Perspektiven, vun deene mer an deene leschten Deeg héieren hunn.

Ech kucken d'Chifferen, déi aus Amerika kommen, ech héieren dat wat gëscher an Däitschland vermellt ginn ass, da sinn dat awer Viraussetzungen, déi ee weinstens kennen drop hoffe loosse, datt d'Duuschtstreck iergendwann och iwwerwonnen gëtt. Et ass un eis fir ze kucken, datt mer hei am Land iwwert d'Ronne kommen. Dese Budget ass eng Äntwert op eng schwierig Situatioun. Mir brauchen hei keng schaarf Bewegungen ze maachen, keng Vollbremsungen, esou wéi dat gesot ginn ass, an d'Lëtzebuerger verstinn dat och ganz gutt.

Ech denken, datt d'Leit dobausse wëssen, datt, wann et méi lues geet, d'Bréidercher méi kleng ginn. Si verstinn dat, si akzeptieren dat. Dat Eenzezt, wat se gären hätten, datt ass, datt den Iwwergank an dat wat de Budgetsrapporteur déi nei Ära genannt huet, datt deen Iwwergank roueg gestalt gëtt, datt en iwwerleucht gestalt gëtt, datt mer ouni Panik handelen, well Ursaach fir Panik gëtt et net, well dee Budget hei, deen eis virläit, dee richteg Wee zu deem Zil ass, wat ech virdru beschriwwen hunn. Här President, dofir wäert meng Fraktioun dee Budget stëmmen. Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. D'Wuert huet elo den Här Krecké.

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss haut ëm e bëssen Émsicht bieden, ech weess net, et huet ee mech ugestach an ech kommen op dee Patient nach ze schwätzen. Här President, mir hunn op alle Fall zwee Phenomeneen, déi ech hei feststellen am Lëtzebuerger Land am Moment, mir hunn der e puer méi, mä zwee déi bei der Diskussioun vun haut méi wichteg sinn. Dat Éischt ass deen, dass et eiem Land schlecht geet, besonnesch wann een dat Ganzt a senger Entwécklung op der Zäitachs kuckt. Dat Zweet ass, mir hunn eng Regierung, déi steet sechs Méint virun de Wahlen, d'Koalitionsparteie mussen an d'Wahle goen, esou wéi mir och, an déi wëlle sech iwwert deen Datum ewechretten ouni mussen noutwendeg Mesuren ze huelen, déi gegebenefalls onpopulär wäeren.

Et sot emol eng Kéier een: En Optimist wär e Mënsch, deen alles hallef esou schlëmm oder duebel esou gutt gesäit. Dat ass och alles gutt am Privatliwen. Et ass heiandsdo wichteg, dass een et optimistesche ugeet. Et ass awer ganz geféierlech wann dat Politiker sinn, an déi rëtschen do relativ schnell, wa se nëmmen als Optimisten duerch d'Géigend geeschten, an den Déphasage mat der Realitéit. Kuckt nëmme mäi Kolleeg, de Lucien Weiler, elo grad. Hien huet - et deet mer Leed, ech muss eng Kéier eppes Waarmes drénken - hien huet vum Mëttelstand geschwat a vun enger ganz gudder Politik, déi seng Partei an där doter Saach gemaach hätt.

Ech weess net ob en haut d' „Lëtzebuerger Wort“ gelies huet, et steet jo net am Verdacht, dass et elo onbedéngt eiser Partei ganz genehm wär, déi hunn haut dat wat Dir do alles virschlot esou vernicht a mengen Aen, dass Dir roueg sollt si wann et nach iwwert de Mëttelstand geet. Si hunn nämlech gesot, iwwert dee Pabeier, déi Virschléi: „Man wird den Eindruck nicht los, dass den wohl gemeinten Worten keine Taten“, an da maache se just virdrun „fast“.

En anert Beispill, Här Weiler, fir den Déphasage vun lech e bëssen ze weisen. Mir hu Proposé gemaach, op déi ech nach zrëckkommen an deem Wirtschaftspabeier, deen Dir als en theoreteschen Aufsatz dohinnersezt. Wësst Der wat d'Confédération du Commerce lech äntwert: „Einige unserer politischen

Verantwortlichen wären gut beraten, sich gerade mit den Vorschlägen der Sozialisten zu befassen anstatt sich über die Rückäußerung der Opposition lustig zu machen.“ Ech weess net ob se dru geduecht hunn, dass Dir haut domadder géingt gefuer kommen, mä dat passt wéi d'Fauscht op d'A op dat, wat Dir haut gesot hutt. Dir hätt lech sollen domadder ausenaner setzen, dat weist en Deel vun Ärem, vum ganze Veräin sengem Déphasage, vun deem ech geschwat hunn.

(Interruptions diverses)

De Pilotage à vue, Här President, deen hat ech probéiert duerzeleeën an der Budgetsried d'lescht Joer an deen hat wéigedoen, hat ech d'Impressioun, an ech gesinn, dass et dëst Joer net vill besser ass, just dat Ganzt gëtt e bësse besser agekleet. Ech vergläichen et u sech mat engem Patient, wéi gesot, de Patient heescht Lëtzebuerger, deen ass krank, mir sinn eis dees bewusst. En huet keng Longenentzündung, mä en huet eng ganz staark Erkältung, a wa mer net oppassen...

(Hilarité)

De Patient huet mech ugestach. Mä ech weess zumindest, dass ech muss oppassen. A wann Der net oppasst, da gëtt ganz gären doraus eng Longenentzündung. Kuckt, dee flüchtege Blëck, deen Dir op dat Ganzt geworf hutt, Här Weiler, deen hunn och schonn d'Dokteren heiandsdo geworf op e Patient, dee just eng Kéier gehouscht huet an e war schonn amgaangen eng Longenentzündung ze kréien. Et war hinnen net opgefall an et ass lech net opgefall. A wann ech eng Zäit roueg war, dann ass et well ech mer Zäit geholl hunn, an dat hei ass d'Plaz fir dat ze maachen. Et ass jo scho remarquabel, soss kréien ech virgeworf bei all Pressekonferenz déi ech maachen: Wat hues du dann do erëm erzielt? Elo kréien ech virgeworf wann ech keng maachen, mir schwätzen elo schonn iwwert déi Pressekonferenzen, déi net gehale gi sinn. Mä bon, mir kënnen dat awer och maachen.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Elo war emol eng Kéier eppes ze soen, elo héiert een lech net!

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- An der Tëschenzäit, Här President, wou mir keng Pressekonferenz gemaach hunn, hunn awer aner Leit och sech schonn zu Wuert gemellt. Et ass komesch, dass den Här Weiler déi net zitëiert. Ech huelen d'Zentralbank, ech huelen eng ganz Rei Beruffsckummeren. Et schéngt wéi wann Dir eng aner Lecture hätt wéi ech. Soll ech lech beispillsweis d'Chambre de Commerce virliessen: „Les aspects négatifs sont notamment la mauvaise maîtrise des dépenses courantes de l'État, la dégradation de la situation financière de l'assurance maladie, l'absence d'un recours systématique à l'analyse: Coût avantage pour tous les projets d'investissement, le manque de transparence de la politique budgétaire, et de manière plus générale le manque de prévoyance à long terme et de coordination entre plusieurs politiques.“ Dreemen déi Leit allegueren? Firwat hutt Der déi net zitëiert? Ech muss dann elo probéieren de Complément ze liwweren zu Ärem.

Dir hutt och net ganz vill aus dem Avis vun der Cour des Comptes zitëiert. No deem gudden Avis, deen déi bis elo all Kéiers gemaach hunn zum Budget, war et scho bal peinlech, dass d'Majoritéitspartei wollte wierklech derlaanscht kommen, fir dass déi nach eng Kéier en Avis maachen. Ech hu missen e Brëif maachen. Ech hu missen zwee-, dräimol froen, dass d'Cour des Comptes huet dierfen en Avis maachen.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Här President, wa mir eppes géingen änneren an deem Gesetz, da sinn ech der Meinung mir sollen draschreiwien, d'office, egal welch Regierungskoalitioun et ass, si sollen am Gesetz stoen hunn, dass se en Avis ze maachen hunn. Et ass ee vun deene beschten Avisen all Kéiers nach gewiescht an ech froe mech, firwat dass Der lech esou derlaanscht dréckt.

(Interruptions)

De Premier huet geschwat vun der Budgetspolitik wéi vun engem feine Gehäkels. Bon, hie geet an anere Kreeser wéi ech, ma meng Kreeser wou ech sinn, wann een zu engem seet wat ass dat e Gehäkels dat do, dann heescht dat net ganz vill Guddes. Dann ass et ewell plutôt: Il est en train de s'enlever les bigoudis. Ech weess net wéi hien dat gesäit, mä ech gesinn et op alle Fall esou.

De Jean-Marie Halsdorf huet et souwisou op de Punkt bruecht an där doter Saach.

(Interruption)

Här Statsminister, sidd Der do? Ech si frou lech ze gesinn. Et huet mer iergendeppes gefeelt.

■ **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.**- ...gefeelt, mä et ass mer elo nach net besser.

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Okay.

(Hilarité)

Den Här Halsdorf bréngt et e bëssen op de Punkt a seet, alles könne weitergehen wie bisher, so Jean-Marie Halsdorf in seinem schriftlichen Bericht, wenn der Aufschwung schnell komme. Dat heescht, Här Halsdorf, Dir sidd der Meinung mir sollen also mol waarden, dass den Opschwonk kënnt, an da brauche mer déi noutwendeg Reformen, déi ustinn, déi strukturell Reformen, net ze maachen. Dat ass eben ee vun de Problemer.

Ech maachen lech awer kee grouse Reproche. Ech hu par ailleurs, an ech wëll dat dann och hei maachen, lech trotzdeem félicitéiert fir Are Rapport, wou Der eng zolidd Aarbecht geleescht hutt, ouni Zweifel. Mir hunn lech dat op enger anerer Plaz scho gesot. Mir wëssen och, dass et schwéier ass bei esou engem Budget op eemol gutt Reformakzenter ze fannen. Dir hutt de Mérite, dass Der eng Rei Wourechte gesot hutt, Dir hutt eng Rei Froen opgeworf, och wann Der d'Äntworten net bruecht hutt, mä tréisch lech, et ass och schonn anere Rapporturen esou gaangen a virun allem ass dat Batterst bei der ganzer Geschicht gewéinlech, dass aus gudder Remarken, déi Der gemaach hutt, recht weineg geschitt. Op alle Fall den Effet, deen Är gutt Remarken op deen heite Budget hunn, déi si gläich null. Ech hoffe just, datt dat dann iergendwann eng Kéier ännert. Mä bon!

Firwat hunn ech vun engem Déphasage geschwat? Deen Déphasage muss ee sech jo nach eng Kéier virstelle virun eppes méi wéi engem Joer. Eppes méi wéi virun engem Joer huet hei d'CSV-Fraktioun eis konfrontéiert mat enger Diskussioun iwwert de 700.000-Awunner-Stat. Mir sollten e Konvent maache fir iwwert d'Zukunft do ze schwätzen. Wat hu mer an deem Moment gehat? Mir hate schonn annerhalleft Joer Stagnatioun, a mir hunn eis Suergen hei gemaach driwwer, ob mer iwwerhaupt de Wuesstum nach am Grëff behale géingen, wou mer d'Aarbechter an d'Employéé géinge siche goen, déi bei eis schaffe kéimen. Et ass Rieds dovun gaangen, dass mer se a Polen géinge siche goen, dass mer se an Ungarn géinge siche goen. Mir waren totalement déphasé. An och déi Regierung, déi iwwer aner Moyenë verfügt wéi eng

Oppositioun hei am Parlament. A wann een do net vun Déphasage schwätzt, da verstinn ech näischt méi. Mir hunn, an dat ass nozeliesen, permanent...

(Interruption)

Här Juncker, mir hu permanent zu lech gesot, haalt op mat där Diskussioun a léist déi Problemer vun haut. Dat ass nozeliesen, wat mir gesot hunn. Ass dat falsch gewiescht? Hätte mer eis dorëms bekëmmert, da wiere mer net esou erwëscht gi wéi mer erwëscht gi sinn.

■ **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.**- Dir schwätzt léiwer iwwert déi nächst sechs Méint, wéi iwwert déi nächst sechs Joer. Dat verstinn ech.

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Also, Här President, sot hie soll sech packen.

■ **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.**- D'Bevölkerung wiisst konstant virun.

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Dir hutt eis agelullt, Dir an Är Partei, an Diskussiounen, a ronderëm déi eigentlech Problemer do hutt Der probéiert lech erëmwälzen.

(Interruption)

An zwee Joer ass dat heite Land, wat en europäesch Musterland jo war, vu senger Spëtzepositioun a Finanz- a Wirtschaftsfroen erofgefall op Mëttelmooss. Op Är Schlusslichttheorie kommen ech och nach zrëck.

■ **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.**- Streit net mam Här Goebels.

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Neen, ech kommen op lech zrëck. Hei auslännesch Noperen ze beméie fir seng eegen Akzenter wëllen ze justifiéieren, wou déi eng ganz aner Ausgangssituatioun wéi mir hunn, wou déi ganz aner Problemer hunn, verstinn ech awer wierklech mam beschte Wëllen net. Mir hu verhältnisméisseg a bei wäitem déi meeschten Aboussen higeoll an domat solle mer eis beschäftegen. An do kann dach kee behaupten, dat do wier alles ëmmer nëmme vu bausse komm an et wier guer näischt hausgemaach.

Viru kuerzem, et ass ee Joer hier, huet de Budgetsminister nach gesot, dat wier d'Resultat vun enger Politik, dat gutt Resultat wat mer do hätten. Jo, mä dann deet et mer Leed, dann ass et och d'Resultat vun enger schlechter Politik, wa mer déi Situatioun hunn, déi mer elo hunn. An ech muss soen, d'lescht Joer hat ech lech gesot, dass ech et e bësse verglach hunn, déi Regierung hei an déi Koalitioun, mat deene Leit, déi esou bei rouegem Wieder um Mier do piddelen a vergiessen d'Stuermsegelen ze setzen. Ech hu gesot, Dir sidd amgaangen ze bitzen. Mä dëst Joer sidd Der emol net méi amgaangen ze bitzen an net amgaangen ze haken, Dir sidd amgaange Stécker op d'Segelen ze pechen, fir d'Lächer zouzemaachen, fir dass ee se net gesäit. Dat sidd Der amgaangen ze maachen an dorops wäert ech herno kommen.

■ **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.**- Et ass awer weinstens nach ee Segel do.

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Wann e Lach dran ass, da kann ee mat engem Segel net méi vill ufänken. Ech soen lech dat. Gleeft mir et.

(Interruptions)

Dobäi huet dëst Land, Här President, eng ganz Rei Méiglechkeeten, Potenzialitéiten, déi mir leider net waakreg gemaach hunn. Wou sinn déi Iddien an déi Konzepter,

déi awer och mussen ausgoen, net nëmme vun Oppositiousparteien, mä och vu Regierungsléit? Wou sinn déi konkret Léisungen? Wou sinn d'Perspektiven? Firwat mussen mir hei Rechtfertigungen iwwer eis ergoe loossen, iwwer eis Propositionenspabeieren, déi mir gemaach hunn? Firwat ass et esou, dass hei muss Rechtfertegung gemaach gi mat Vergläicher mam Ausland?

An därselwechter Zäit ass déi Regierung higaangen - oder Eenzelner vun hinnen -, faarweg Broschüren duerch d'ganzt Land hei ze schécken: „Mir hu Wuert gehalen“. Wat soll dat do dann? Hutt Dir da soss näischt ze dinn? Mengt Der doduerch, dass mer Är Gesichter permanent géingen an den Zeitunge gesinn, géing et engem, dee seng Aarbecht verluer huet, elo besser goen? Ech fannen dat eng Frechheet. Wann et eng verstoppte Pressehéillef soll sinn, déi Der amgaange sidd ze maachen, dann iwwerweist Suen a loosst déi Annoncé sinn an dann erspuert Der eis dat do.

Här President, ech fannen et de mauvais goût, de plus mauvais goût, well ee jo an dëser Zäit, wou et wierklech esou vill Problemer am Land gëtt, soss näischt ze dinn huet wéi faarweg Broschüren ze maachen, wou ee seet mir hu Wuert gehalen a wou een da probéiert opzezielen. Déi Leit, déi dobaussen d'Situatioun kucken, déi hunn net vill Verständnis dofir.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances. - Ech zéie mech aus der Schosslinn, Här Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Dem Patient Lëtzebuerg, hunn ech gesot, Här President, deem geet et net gutt, an ech probéiere mol déi Diagnos ze verfeinere.

(Coups de cloche de la Présidence)

Kommt mir kommen emol op den éischte Symptom, nämlech dee vum Aarbechtsmaart. Mir hunn eng Rekordaarbechtslosegkeet hei, iwwer 4% dépasséiert se mat Steigerungsraten, déi erschreckend sinn. Haut Villeroy, Cepal. Mir haten e grouse Mediegrupp. Och muer entléisst deen esou vill Leit. Am Déifbau stinn eis ganz vill Entloossunge bevir. Dir braucht nëmmen lech ëmzehéiere wat do op eis zoukënn an da freet ee sech hei an deenen Diskussiounen, déi hei an där Chamber gelaf si vu Säite vun der Regierung: Wou sinn d'Perspektive fir dës Leit? Wou sinn d'Äntwerte fir dës Leit? Wou sinn déi strukturell Reformen, déi dës Leit erëm solle fit maache fir den Aarbechtsmaart? Wéi gesi mir dann aus, wa mir en Deel vun de Leit einfach hei ignoréieren an eise Gespréicher?

Déi symbolesch Akten, wou fënnf Ministeren optrieden, bei der Cepal elo geschitt, fënnf Ministeren optrieden op eemol mat engem groussen Aktionismus, dat ass jo alles schéin a gutt, hëlleft vläicht psychologesch och eenzelne Leit, mä wou war dann déi symbolesch Aktioun bei Villeroy? Ass et net puren Aktionismus? Dir kennt dat do jo säit esou ville Wochen. Dir selwer hutt et gesot, dass dat do säit esou ville Woche bekannt ass. Firwat dann elo op eemol mussen fënnf Ministeren untrieden? Hutt Der da virdrun dat net gemaach wat Der ze maachen hat, wann dat Woche bekannt war?

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances. - D'Politik ass einfach, ne?

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Jo, dat hutt Der mer schonn eng Keier gesot, Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances. - Jo, jo, et gëtt ëmmer méi einfach an iwwer Villeroy schwätze mer.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Jo.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances. - Ech schwätzen hei an der Chamber iwwer Villeroy, well wien déi zwou Saache matenee vergläicht, dee kennt weder deen ee Betrib nach deen aneren. A mir hunn eis ëm déi zwee bekëmmert.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här Statsminister, wann ee sech esou géiert huet wéi Dir.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances. - Ech hunn och vill Betriber mat lech restrukturéiert. Mir schwätzen emol dodriwwer.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här Statsminister, wann ee sech esou géiert huet, wéi Dir am Numm vun der Regierung dat gemaach hutt, wéi Der am État de la Nation 2000 gesot hutt: „Mir brauchen net ëm all Präis egal wat fir engem engem neie Betrib nozelafen.“

(Coups de cloche de la Présidence)

Déi nei Betriber mussen ëmweltschounend, ressourcéfrëndlech sinn. Kritär fir d'zukünfteg Usiedelung ass net méi an éischter Linn d'Zuel vun de geschafenen Aarbechtsplazen, mä de Volume vum geschafene Mehrwäert.“

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances. - Très bien.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Wat kann dann do ee sech elo kafe vun deenen iwwer 10.000 Leit, déi hei zu Lëtzebuerg keng Plaz hunn, ouni ze zielen déi Leit, déi Grenzgänger sinn an an eise Statistiken net virkommen.

Déi Lëtzebuurger Regierung huet zu deem Zäitpunkt op enger Wollek gelieft. Am Joer 2000 hutt Dir op enger Wollek gelieft, an Dir hutt lech selbstgefälleg beweegt. Dir huet net gemierkt wéi ufälleg - a jiddferee vun eis wousst dat dach - eis Situatioun wier. Et ass jo net nëmme well mir e Finanzsektor hunn, deen ebe sou iwwermächtig war, wat d'Ressourcé vum Stat ubelaangt, mä et ass och déi extrem Fiscaliséierung vun eise Sozialleeschungen déi mir hunn an zu deene mir stinn, well mir wësse jo, firwat dass mir se gemaach hunn. Mä dat mécht jo d'Ufällgkeet esou grouss. Wann nëmmen iergendeppes op där enger Säit geschitt, da geet et vill méi schnell wéi do wou et manner fiscaliséiert ass.

An dofir muss ech soen, hätt ech mer awer méi Fantasie vu Säite vun der Regierung virgestallt wéi dat, wat ech elo hei déi leschte kéier aus dem Mond vum Verrieder vun där Regierung héieren hunn. E seet: Ob et net méi intelligent ass, wann de Stat als Stat Sue mobiliséiert, fir Leit a Beschäftegung ze halen oder séier op eng aner Beschäftegung ze bréngen, anstatt Suen ze ginn, fir hir Aarbecht opze-ginn, fir am Chômage ze setzen a fir näischt ze maachen, net well se näischt maache wëllen, mä well se näischt maache kënnen.

Ech mengen dorop waren och schonn anerer komm an ech mengen geschter hunn ech nach een héiere bal datselwecht soen. Mä mir haten awer mol e 16-Punkte-Programm virgeluecht. Ech hu geduecht, déi Regierung géing bei där extremer Situatioun, déi mir jo awer scho säit Jorzéngten net méi um Aarbechtsmaart kannt hunn, heihinner kommen a si géing soe wat dann elo geschitt. Ob mer eng besser Orientéierung, Ëmschoulung vun Aarbechtslosen, haaptsächlech beispillsweis am Finanzsektor envisagéieren, ob mer innovativ...

M. Lucien Weiler (CSV). - Här Krecké, dat ass um Lafen. Den Aarbechtsminister huet dat zënter laangem opgegraff.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Hat Dir net gesot, Dir wëllt net ënnerbrach ginn, Här Weiler.

(Interruptions diverses)

D'Schafe vun innovativen Aarbechtsmodellen, eng effizient Bekämpfung vun de Failliten, den Ausbau vun der Berufs- a Weiterbildung, iwwerbetriblech Ausbildungsplazen, d'Fuerdergesetz fir d'Économie solidaire, d'Bürokratie ofbauen,...

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances. - Wou ?

M. Jeannot Krecké (LSAP). - ...d'Aarbechtsmaartverwaltung konsequent reforméieren. Et kann dach net um Placeur si mat 500 Persounen! Wee soll dann do eng individuell Betreibung maachen? D'Bekämpfung vun de Failliten, d'Relance économique, et ass hei kee Wuert vun der Relance économique säit Wochen a säit Woche Ried. Et ass Pilotage a vue gewiescht, dat hunn ech gesot, an dat ass et och elo nach an der Wirtschaftspolitik. Et kann dach net sinn, dass mir sou eng Situatioun virfannen; an do kënn näischt! An da gëtt gewitzelt iwwert dat, wat mir erzielen, als Ruck, deen duerch d'Wirtschaft an déi politesch Caste misst goen.

Deen zweete Symptom, Här President, ass wierklech dee vun de Failliten, datt een deen eraushëlt. Erwaart gitt Der op der Fro vun de Failliten. Déi si längst bekannt, de Problem war schonn Enn den nonzege Jore bekannt. D'Faillite frauduleuse ass eppes, wat eis schonn deemools Misère gemaach huet. A wat stellt ee fest? Et ass jo kloer, doropshi verléieren eng ganz Rei Leit hir Plaz, awer net nëmmen dat. De Stat verléiert vill Geld, d'Sozialversicherung verléiere vill Geld an e ganze Koup Betriber kommen a Schwieregkeeten.

Wat geschitt? An all deene Joren ass nach näischt geschitt, just elo zum Enn, elo wou et wierklech batter ginn ass, hutt Dir e puer Saachen era ginn, déi do sollten Remedur schafen. De Jean-Marie Halsdorf huet a sengem Rapport ausgedréckt, wat en - an ech sinn nach vill méi kritesch wéi hien - vun deene Propositionen hält. Dat bréngt dach hannen a vir näischt, well mer elo hi ginn, an eng vun deene grouse Mesuré soll dann elo d'Kapitalopstockung sinn. Fir dass mer Faillité verhënnere, misste mer d'Kapital ëm 1.000 mol opstocken, fir dass et eppes géing notzen. Dat bréngt also strictement guer näischt, mécht just nach den esprit d'entreprise futti an et bréngt guer näischt. Et ass e Gepléischters sonnergläichen.

Et gëtt nëmmen eppes ze maache fir dat doten ze verhënnere, dat ass eng streng Iwwerwaachung. An da muss een einfach de Courage hunn, esou eng Plattform ze schafen, wou déi Iwwerwaachung méiglech ass.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - A jiddfereen deen dat doten net wëllt maachen, aus Gott weess welleche Fadenscheinege Grënn, ob et elo ass de Secret bancaire, de Secret professionnel hei an de Secret professionnel do, mä dee soll ophalen! Dee wëllt och net, dass eppes geschitt, dee wëllt guer net, dass mer Leit entdecken, déi iwwerhaapt keng ekonomesch Wierkung hei zu Lëtzebuerg hunn, mä just probéieren en amont d'TVA ofzezapen. Dat ass alles wat déi Leit wëllen hunn, do schafft seelen een, heiansdo emol een.

Wësst Dir wéi vill Suen eis eigentlech duerch d'Latte gaange sinn an deene leschte sechs Joer? 287 Milliouen Euro, 11,5 där aler Frange

Milliarden, hu mir a sechs Joer verluer, duerch dat doten; reng op der TVA. Et brauch een emol guer net ze kucke wat een op den direkte Steiere verluer huet, wéi all déi Betriber, déi dorënner gelidden hunn, guer net ze schwätzen, wéi gesot, vun de Sozialversécherungen. An deen do net wëllt e grouse Schrëtt maachen, déi soll och déi kleng Schrëtt si loossen, well dat bréngt guer näischt.

Drëttes Symptom, Här Weiler, de Finanzsektor. Ech hunn och net vill nei Froe vun lech héieren, wat de Finanzsektor als solches ubelaangt. Dat ass a mengen Aen, wa mer vun engem „Patient Lëtzebuerg“ schwätzen, trotzdem dat wichtegst Organ wat mir hunn. Et ass dee gréisste Steierzueler a mir hanken duerch déi staark Fiscaliséierung ganz staark vun em of.

Wou schwätze mer dann hei iwwert d'Problemer vun de Fonds d'investissements, ech hunn näischt héieren doriwwer. Mir hu mat deene kleng Moyenen, déi eng Opposition huet, déi net eng grouss Verwaltung huet, déi en halwe Mataarbechter huet, probéiert eist dozou bäizedroen. Wou sinn dann d'Äntwerten op déi Problemer, déi évoquéiert ginn? Also ech schwätze jo awer net eleng mat der ABL a mat deene Leit alleguerten. Wou sinn dann déi, déi évoquéiert ginn, déi administrativ Barrière vun de Pensionsfongen, déi eben net aus de Startlacher kommen, weinst enger Rei Dispositionen, déi mir am Gesetz vun 1999 hunn, oder weinst enger Rei Ausleeungen, déi d'Administration haut mécht? Dat sinn dach lauter bekannte Saachen, oder weess ech dat eleng? Dat ass dach net méiglech, ech schwätze jo net mat deeneselwechte Leit wéi Dir. Firwat ass dann do näischt geschitt? Firwat hu mer entweder d'Gesetz geännert... Well do si mëttlerweil Saachen dra gedickt ginn, an ech war jo Rapporteur dovunner, Dat ass guer net sou gewënscht gewiescht, dat war iwwerhaapt net sou virgesinn, sou wéi et elo ass.

Wou sinn dann hei déi Problemer erörtert ginn, déi am Moment der Finanzplaz mat déi meeschte Suerge maachen, nämlech den Over-shooting an eiser Reglementéierung, wou mir all kéiers bei den Direktive probéiere méi wäit ze goen. Ech hunn et gëscht nach an der Finanzkommission gesot a ech loosse mech gäre beléieren. Bei all Projet de loi soll ee mer erklären, firwat dass mir eppes méi gemaach hu wéi dat wat an den Direktive steet. Mir hunn dat elo systematesch gemaach a mir hu just Misère domat veranstalt, an ech ka mir net virstellen, dass ech deen eenzege sinn, deen domadder be-laascht ginn ass.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances. - Wee seet dat dann nach soss, wéi Dir?

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ma d'ABBL. All Banquier!

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances. - D'LSAP an d'ABBL, dat wollt ech just héieren.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Wat soll dat doten? Kann ee mir soe wat dat dote soll?

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances. - Et ass eng Fro.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Dat doten ass Ärer onwierdeg. Ech muss awer éierlech soen, Dir sidd...

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances. - Ech wollt just soen, wann een d'prudentiell Kompetenz huet iwwert d'Finanzplaz Lëtzebuerg, weess een heiansdo, firwat dass een Direktive bis hannen hinner applizéiert. Dat wësst Dir och.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Et ginn der déi sinn iwwerdrinnen an déi kann een hannerfroen, an ech hunn d'Impressioun, dass Dir lech d'Zäit net dofir huet an dass dat ee vun den Hauptproblemer ass.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances. - Wësst Dir iwwerhaapt vu wat fir enger Direktiv Dir schwätzt?

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Well d'Signature électronique huet der Bauteplaz ganz vill Suerge gemaach. Ech soen lech en anere Punkt deen hinne ganz vill Suerge mécht, dat sinn déi Amnestien déi am Moment amgaange sinn. Net weinst der Amnestie als solches, mä well mir mëttlerweil op der Plaz grouss Gruppe vu Banken hunn. An à la limite ass et deenen am Ennere vun hirem Grupp egal, ob déi Suen hei zu Lëtzebuerg sinn, zu Bréssel, zu Utrecht, dat ass deenen à la limite egal. An domat mussen mir eis befaassen. Dofir ass déi Fro vun der Amnestie, bei sou grouse Gruppen, sou eng enorm wichteg, net nëmme weinst der Amnestie als solches, mä weinst den Auswierkungen am Ennere vun de Gruppen. Do ginn et och ganz Secteuren, well mer eben déi Fusione vun de Banken hunn, déi am Moment probéiere Synergien ze maachen. Et ass evident, dofir gi Fusione gemaach, mä déi bréngen mat sech, dass och beispillsweis d'Bankgeheimnis a Gefor as, iwwert d'Aart a Weis, wéi am Moment d'Gruppen hir Dëngschtleeschungen zesumme leeën. Do héiert een näischt heiriwwer. Dobäi geet et ëm de Finanzsektor, dee gréissten an dee wichtigste Steierzueler. Dorop hätt ech mir Äntworten erhofft.

Véierte Symptom, Här President, ass dee vun der Stëmmung bei eise Betriber. Hei ass jo gemaach ginn, wéi wann alles an der Rei wier. Ech weess net duerch wat fir e Brëll den Här Weiler virdru gekuckt huet, mä op alle Fall war et net nëmmen e Liesbrëll. Hei gi vun 3.270 Betriber - zwee Drëtzel hu geäntwert -, gréisser Betriber iwwer zéng Leit, Wäerter eraus geholl iwwert d'Stëmmung bei deene Betriber, déi nach ni sou schlecht waren.

M. Lucien Weiler (CSV). - Wat sinn dann d'Ursaachen?

Une voix. - Mä lauschtert no, Här Weiler! Lauschtert no, Här Weiler, Dir gitt elo alles gewuer.

M. Lucien Weiler (CSV). - Dir hutt virdru guer net nogelauscht, Dir hutt nëmmen...

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Mir hunn, Här Weiler, an deene leschten dräi Joer ganz vill u Wettbewerbsfäegkeet verluer. Kuckt och eis Aklässierung beim World Economic Forum, wou mer vun der drëtter op déi 21. Plaz ofrëtschen. Mengt Der dat wär ëmsoss? Wësst Der wat feelt? Mir gesinn déi Problemer jo alleguerten zesumme säit dem leschte Joer a mir maache Gepléischters. Wou ass dann hei wierklech vu Säite vun der Regierung gewise ginn, mir kommen elo där Wirtschaft hei entgéint? Mir si bereet, hei elo e besonneschen Effort ze maachen, vu dass geschlof ginn ass, an dat ass vu jiddferengem monéiert ginn, vu dass geschlof ginn ass. Wou kënn dann dat doten? Mir maache weider näischt wéi iwwer eis Ofhängegkeet mam Ausland lamentéieren. Eegen Initiativen, wou sinn déi?

Bon, mir maachen elo déi Tripartite de 15., mä och do soen ech mer: Mä dat doten hätt der dach scho viru Méint misse gesinn! Et ass gewitzelt ginn iwwert dat, wat mer do gesot hunn, wéi mer gemengt hunn, et misst een elo direkt eppes ënnerhuelen an net waarde bis no de Wahlen; do ass gewitzelt ginn, mä et ass genau dat de Punkt. D'Hausaufgabe si beispillsweis net

gemaach, dat ass dach net nêmen d'Ausland, wat de Problem fir eis duerstellt.

Ech ginn lech e Beispill och erëm vun der Chambre de Commerce: „Même si sur le papier le programme gouvernemental eLëtzebuerg présente des éléments et des actions louables, une stratégie globale, cohérente et concertée, s'étendant de manière horizontale et verticale à tous les domaines du secteur public, fait défaut.

En ce qui concerne la réforme administrative" - dofir si jo awer Däitschland a Frankräich net och nach zoustänneg – „le bilan de la législation est décevant et les nouvelles mesures adaptées dans l'intérêt de l'avancement de cette réforme sont rares.“ Dat do si vläicht net ëmmer déi ganz entscheidend Punkten, mä wichteg Punkten. Dat sinn déi wou mer en Afloss drop hunn, wou mer näischt gemaach hunn.

Och de Budgetsrapporteur huet gemengt: „Es ist an der Zeit, dass hierzulande ein neuer Wind weht, das Unternehmertum gefördert und die Risikobereitschaft vergrößert wird.“ En anere Wand muss blosen. Scheinbar war him och dat net genuch, wat bis elo do lass war. „Anders gesagt“, Här Weiler, „wir müssen vor allem unserem Mittelstand stärker als bisher unter die Arme greifen.“

Dogéint kréie mir dann hei virgelies, an och nach vun lech, e laangootmege Communiqué vun enger Firma. An domat mengt Dir, hätt Dir alles geleesch, well déi Firma do drageschriwwen huet, de Wëlle vun den Autoritéiten zu Lëtzebuerg wär grouss. Mais il ne manquait plus que ça, wann de Wëllen net do wär fir Firmen heihinner ze kréien.

Ech muss lech soen, d'lescht Joer - et kann ee vun eisen inhaltlechen Initiativen hale wat ee wëllt - hu mer gesot, hei ass e Problem um Niveau vun eiser Ekonomie. Dunn hu mer en 29-Punkte-Programm erausginn. Et ass net vill geschitt doropshin. Wat hu mer gemaach? Wéi erëm déi schlecht Indicateuren do waren elo am Hierscht, hu mer dat nach eng Kéier gemaach, an d'Angscht war haaptsächlech déi, dass jiddferee sech verstoppt a seet, mir schreiwen déi gutt Iddien elo an de Wahlprogramm an duerno kucke mer weider. Wa mer dat maachen, da verliëre mer ee bis annerhalleft Joer an dann ass de Misère do.

(Interruption)

Ech soen lech wat fir eng Mesuré beispillsweis misste geholl ginn. Mir hätten elo missen d'Investitionsfreedegkeet iwwert den 152bis erëm eng Kéier eropsetzen. Mir hätte missen higoen an aner Elementer éligibel maache fir Investitiounshëllef. Et ass dach net normal, wann ee kuckt wéi haut IT, Software, Patenter wichteg an engem Betrib sinn, dass een dofir keng Investitiounshëllef kritt. Dat sinn dach déi Elementer, wou mer hätte sollen usetzen. Dat ass dach just eis Aarbecht. An do gëtt et kee groussen Déchet fiscal, well do gi mer wierklech, dat wat hei zu Lëtzebuerg entsteet, esouwuel an der Recherche wéi an der Imaginatioun vun enger ganzer Rei Leit, déi an den Entreprisë schaffen, dach hin a maachen eppes Positives.

D'Prozeduren op eise Steieren an der TVA reforméieren, soen ech elo scho säit 1997. D'Neutraliséierung vun de Steierscholden. Wësst der wéi vill Misère dass am Moment d'Betriber hunn, doduerch dass déi Steieren an déi TVA esou wäit hannendra sinn? D'TVA hält 622 Milliounen Euro, dat si 25 Milliarden aller Frang, am Moment an. Ech wäert lech herno virweisen, wéi et an deene Jore virdu war. Dat ass dach net normal. Et ass dach net komplizéiert fir do eppes ze maachen. Do muss ee sech dohinner setzen.

Den Ofbau vun der Bürokratie, dat ass dach wierklech dat Element

wat mir kënne beaflossen a wou mer wierklech och de Leit kënnen entgéint kommen. Wat ass dann do geschitt? Esou gutt wéi näischt.

D'Plans d'action PME, hunn ech gesot, an e Guichet unique ass dach näischt Komplizéiertes. Mir schwätze säit fënnef, sechs Joer dovunner. Et steet nach ëmmer keen. E soll eréischt 2006-2007 kommen. Dat do ass dach net seriö. Dat sinn déi Elementer, wou mer kënnen de Leit entgéintkommen, déi och nach den Esprit d'entreprise hunn. Mä mir maachen déi jo alleguerter futti. Wat hu mer da gemaach mat de Gewerbezonen? Wat hu mer da gemaach mat de Bauschuttdeponien? Wat hu mer gemaach fir eis Betriber fit ze maachen, fir nei Konventiounen am Sënn vu Basel 2, wou et e Problem gëtt herno, wa se higin a si musse Sue léinen? Dat do sinn an Ären Aen alles theoretesch Virschléi. D'Confédération luxembourgeoise du Commerce hat d'Impressioun, dass et anstänneg Virschléi wieren, an dass et besser wier, Dir géngt lech mat deenen ausenanersetzen, anstatt dass Der probéiert hei an der Diversifikatioun, wou ech lech d'lescht Joer d'Probe aufs Exempel gewisen hunn, wat hei geflunkert ginn ass mat deenen Zuelen, déi an der Diversifikatioun hei op den Dësch geluecht ginn.

(Interruptions diverses)

Do ass hei d'Profil-ARBED-d'Strooss, déi an den 90er Joren decidéiert ginn ass, elo vun dëser Regierung als Diversifikatioun ugezeechent ginn. Firmen, déi Faillite gaange sinn an opkaaft gi sinn, sinn als nei Diversifikationsbetriber ageschriwwen ginn.

Et sinn anerer, wou 40 Persounen ugemellt ware fir ze schaffen, wou eng Persoun haut schafft. Esou Geschichten hu mer hei erzielt kritt, an da solle mir soen, oh dat do ass eng gutt Diversifikatiounspolitik. Also, wa mer awer net laachen.

En anere Punkt, dee fir eis Wirtschaft wichteg ass, sinn déi Infrastrukturen déi mer bidden, an do gëtt et een enorm wichtegen, dat ass d'Mobilitéit oprecht erhalen vun den Acteuren hei zu Lëtzebuerg. Wat hu mer gemaach? Mir sinn um Standpunkt vum öffentlechen Transport wéi e war viru fënnef Joer. Et ass souwisou kee Meter Schinn, et ass iwwerhaapt näischt geschitt. Et ass guer näischt geschitt, Här Weiler, an an der Fëschenzäit stinn all Camionnetten, all Camionen am Stau. Dat hutt Dir als Majoritéit ze verantworten. Et louch e Projet do. Hei ass e Big Bang noutwendeg, net klengt Gepiddels wat Der maacht, well Der Angscht hutt hei eng Kéier duerch d'Stad ze fueren. An Dir wësst genau, och den Transportminister weess genau, wat déi richtig Solution ass, mä en traute sech net fir et ze maachen. An dofir eis Virschléi...

M. Lucien Weiler (CSV).- ...hei virläit. Vun där schwätzt Der net.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Weiler, e Big Bang wier beispillsweis wann den öffentlechen Transport gratis wier, fir e Maximum vu Leit op den öffentlechen Transport ze kréien.

Dir schwätzt jo gären iwwert d'Taux de couverture an der Majoritéit. Den Taux de couverture ass 14% landeswäit. Déi 14% kënnt mer menger Meenung no och nach dropleeë fir hinzegoen an de Leit den öffentlechen Transport attraktiv genuch ze maachen. Mir hunn och ëmmer gesot, d'Moderniséierung vum Fierpark ass ee vun den essentielle Punkten. Dat ass elo just geschitt.

D'Moderniséierung vun der Aérogare. Mir kommen do net virun. Ass dat dann de Feeler vun der Opposition vläicht wann d'Prozeduren, déi Dir lech afale loosst, derniewent leien?

(Interruptions diverses)

An ech muss soen, Här President, d'Aussoe vum Transportminister de leschte Samschdeg iwwer eis national Eisebunn, dat schléit dem Faass de Buedem an. Wéi ass et méiglech, an enger Situatioun wéi déi hei, wou ee probéiert d'Leit alleguer un en Dësch ze kréien fir eppes ronn ze kréien, dass een higee an da vun eiser nationaler Eisebunnsgesellschaft seet, dat wier en Dinosaurier, deen nach just um Ausstierwe wier? Ech ka mech erënneren, et huet emol eng Kéier en DP-Wirtschaftsminister vun der ARBED esou geschwat, wéi e vun der Industrie crépusculaire geschwat huet. Kuckt lech an de Spiegel bei deem wat Der do gesot hutt.

Och déi ugekënnegt Privatiséierung vum Transportminister mécht eis awer wierklech Suergen an ass mat Sécherheet net d'Léisung vun de Problemer, déi mer hunn.

An dann ee Wuert zu där léiwer Nischepolitik, déi de Statsminister esou gär huet, mä déi en awer elo net wëllt nolauschteren, hunn ech d'Impressioun. Mir begreissen, dass AOL, Microsoft an Amazon hei sinn. Et misst ee blöd sinn, wann een dat net géng maachen. Ech begreissen et, ech soen lech firwat. Et ass glécklecherweis an engem Zäitraum komm, wou mir Schwierigkeeten an eise Budget hunn, an dat ass gutt esou. Dat hätt jidderee vun eis esou gemaach. Jiddereen hätt probéiert esou eppes ze kréien an da kann een och kengem et virwerfen. Dee Virwurf, deen ech awer maachen, dat ass ebe just deen, dass mer virdrun dat Ëmfeld fir elektronischen Handel an deem Mooss net geschafen hunn. Mir haten nämlech gesot beim État de la Nation 2002, mir mussen de bedenkelosen Ausverkauf vun de Souveränitéitsnischen duerch d'Promotioun vu Kompetenz- a Qualitéitsnischen ersetzen. Dat ass précisément an dësem Fall net geschitt. Ech si frou, dass se hei sinn. Ech si frou, dass se am Moment eis hëllef iwwert de Bierg ze kommen. Mä de Problem ass, wat ass an dräi Joer? An dräi Joer muss een deene Leit eppes méi bidde wéi ebe just eng TVA-Nisch, soss bleiwe se net hei.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.- Si sinn net komm weinst der TVA-Nisch.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Minister, muss ech lech nach eng Kéier dee leidege Wee vum elektronischen Handelsgesetz a vun de Simulateurs électroniques opzielen?

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.- Neen, dat war falsch kommentéiert. Si schreiwen allen dräi, si wäeren hei weinst deem gudden reglementareschen an infrastrukturellen Ëmfeld.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech wëll och net, dass déi ganzen Zäit ënnerbrach gëtt!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Fuert weider, Här Minister, déi aner hunn nolauschteren.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Merci, dass Der mech Här Minister nennt, Här President. Mir hunn dat Gesetz 2000 gestëmmt, Här Statsminister. Dann erkläert mer weisou et méiglech ass, dass mir et net fäerdeg bréngen dee Certificat, dee wierklech drun häng, elo nach an enger Machbarkeetsstudie ze hunn. Dat heescht esou vill Joer duerno hu mir nach guer näischt do.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.- Well d'Betriber komm sinn.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir wësst dach ganz genau, dass et net dowéinst ass.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.- Firwat si se net an d'Saarland gaangen? Firwat net an d'Belsch, net an Holland, net a Schweden, net an Dänemark an net a Finnland?

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir wësst ganz genau weinst wat. Mir kënnen eis och nach doriwwer zerklappen. Mä bon, ech vergiesse dat do, Här President, elo geet et mer awer duer.

Fir déi, déi et interesséiert, mä ech weess net ob et jiddereen interesséiert, d'Investissemter, iwwert déi jo och eng Ausenanersetzung hei stattfonnt huet - dréckt Ären Info, do hutt der e puer Slides vu mir, zumindest een, deen ech elo geschwé wäert gebrauchen -, de Virwurf, Dir hätt d'Investissemter zrëckgeschrauft.

Kuckt deen éischte Slide, wann Der wëllt, da gesidd Der, deen ass net vu mir, dass dat effektiv de Fall ass. Dass dat net staark de Fall ass, gestinn ech gären an. Dass et virdu biergop gaangen ass an duerno eréischt biergof, gestinn ech gären an, mä komm mer awer keen heihinner a werf eis vir, mir géingen hei eppes madeg rieden, mir géingen hei Saache soen, déi net geschéien. Si sinn zrëckgeschrauft ginn. An ech muss soen, wann ech eleng d'Dépenses en capital kucken, da sinn déi vun 2002 op 2003 ëm 10% zrëckgaangen, minus 19% fir 2003 op 2004.

An ech muss soen, dem Statsminister seng Äntwert op dat do, an och d'Budgetspolitik vun dëser Regierung, déi hunn d'Berechnung vum PIB mat beaflosst. De Statec huet jo gesot, datt en opgrond vun deem, wat e gesinn huet am Budget, eis Prognos ëm 0,6% zrëckgeschrauft huet, well précisément op den Investissemter net dat komm ass, wat ugekënnegt gi war. D'Äntwert vum Premierminister ass en Ausfluch, deen hie mécht. E fängt un ze vergläichen 1995 bis 1999 mat de Joren 2000 bis 2004, wéi vill do investéiert ginn ass.

Fir hien ze paraphraséieren: Engem Mann, deem ech esou eng iwwerflächlech Rechnung net zougetraut hätt - ech mengen, hien hat dat och vun engem hei gesot -, wëll ech mol soen, datt een net Äppel mat Biren hei ka vergläichen.

Dir sidd een Echten, Här Statsminister. Ech wosst dat, mä esou schlëmm wosst ech et awer net. Dir gitt hei vergläichen effektiv Dépenses, déi deemools geschitt sinn, mat Dépenses, déi Dir elo gemaach hutt, plus Aert Wonschdenken aus dem Joer 2003-2004.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.- Neen, neen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech fannen dat remarquabel. An dann Är Prozentrechnung. Dir wësst ganz genau, den Euro vun haut an de Frang vun 1995, dat ass eppes anescht. Opgrond vun Ären Zuelen - wiere se richtig - kommen ech op 19% wat méi investéiert gi wier, wann ech dat Ganz mol e bëssen inflatiounsberengegt kucken. Dat wär de Minimum gewiescht, deen een hei an d'Diskussion hätt kënnen erabréngen.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.- Mir haten dach net esou vill Inflatioun ënnert deem fréiere Wirtschaftsminister. Dat ass dach falsch.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Zweete Punkt. Wann een dat Bauindex berichtiget kuckt, dann ass dat dauernd zwëschent 400 a 500 Milliounen gewiescht.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.- Ah, Dir hat e puer Indexen!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- A wann Dir 2002 an 2003 op eemol esou vill méi als Investissemter ukënnegt, dann ass et, well Der op ee Coup, dat wat Der scho längst hätt misse maachen, ukënnegt, nämlech de ganzen Deel vum Spidolswiesen. Well dat op déi Jore fällt, hutt Dir déi och schéin an Är Rechnung mat erageholl.

Wësst Der firwat mer lech net trauen?

(Interruption)

Här Weiler, lauschtert no. 2003 an 2004 gëtt d'Regierung vir 1,3 Milliarden auszeginn. Nogerechent, net vu mir mä vun aneren, sinn am Joer 2000 11% manner gemaach gi wéi am Budget voté stung. Am Joer 2001 20% manner. Am Joer 2002 15% manner. Wann een elo d'Fonds d'investissements hëlt, dat ass nach méi flott, da geet et vu minus 19 bis minus 32. Da kann ee jo awer net déi Chiffren huelen, wou kloer bewisen ass, datt se ni erreecht gi sinn an deene Jore virdrun, egal a welcher Regierung, mä an dëser ass et ganz flagrant.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.- Fir datt mer keng Kontrovers kréie bei deene villen, déi mer souwisou schonn hunn, op deene Punkte wou mer keng brauchen, wëll ech soen, datt an deene Chiffren, déi ech genannt hunn, y compris d'Joer 2003, ech d'Dépenses effectivement effectuées geholl hunn an net d'Dépenses prévisibles.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- An 2004?

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.- Fir d'Joer 2004 liest dat no a menger Ried vum leschten Dënschdeg: „...souguer wa mer am Joer 2004 net géifen op deen Niveau kommen, dee mer ugepeilt hunn“. Zitiiert dann awer och wann ech gelift d'Zuelen am Verglach fir d'Joren 1991, 1992, 1993 an 1994. 1996, 1997, 1998, déi hutt Der jo.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Statsminister, ech erspueren de Leit hei esou vill Zuelen.

(Hilarité)

Wann ech de Pluriannuel géng och nach vergläiche mat deem, wat wierklech erauskomm ass, da sinn déi Zuelen nach ganz anescht.

D'Investissemter, déi hu mer jo hei an der Diskussioun gehat, haaptsächlech fir ze weisen, Dir op alle Fall, wéi Der d'Ekonomie um Trapp behaalt domadder. Dat ass richtig zu engem gudden Deel, awer och net richtig um Ganzen.

Den TGV, dee mir staark mat subventionéieren, ass noutwendeg, ass och richtig, mä do kënne mer awer net als solches soen, datt dat eiser Ekonomie dans l'immédiat eppes bréngt. Mir schwätze jo wa mer elo d'Investissementsquot héichhalen, do leien déi Chifferen dran. Et leie Chiffren dra vun Tunnelbau, déi noutwendeg sinn, mä mir wëssen awer selwer, datt bei deene groussen Équipementen, déi mer haut beim CITA maachen, de Gros dovunner jo net hei gebaut gëtt, et gëtt importéiert.

Wat nämlech den Hauptproblem ass, Här Minister, dat ass net nêmen de Volumen, mä et ass och heiansdo d'Qualitéit vun deem.

(Interruption)

Mä da sidd dach net esou nervös. Mir kënnen dach eng Diskussioun féieren iwwert d'Qualitéit vun engem Invest.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.- Meng Nervositéit ass déi, datt ech déi nächst Deeg zu Bréis-

sel sinn an lech net kann äntwer-
ten. Dofir muss Der mech ent-
schëllegen, datt ech lech heiansdo
ënnerbriechen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).-
Heiansdo ass een Euphemismus!

M. Jean-Claude Juncker,
*Premier Ministre, Ministre des Fi-
nances.* - Ech wëll lech just soen,
datt déi Investissementen vun dee-
nen ech weess, datt se an hirer fi-
naler Affektatioun net zu Lëtze-
buerg landen, awer zur Verbesse-
rung vun den Infrastrukturen hei
am Land investéiert ginn, an domat
e mobiliséierenden an dynamiséie-
renden Effekt an eiser Vollekswirt-
schaft hunn. Mat deem dote Rai-
sonnement dierft een Investisse-
menter bei der Luxair virhuelen, mä
ni an e Fliger, dee se wëlle kafen,
well dee gëtt net hei am Land ge-
baut.

M. Jeannot Krecké (LSAP).-
Här Statsminister, Dir hutt mech
ganz genau verstanen an Dir wëllt
just net.

D'Gemengefinanze sinn duerfir
esou e wichtegt Element, well et
ass effektiv iwwert dee Wee, wou
duerch vill kleng Projekte fir Renova-
tiounen, Wunnengen an esou wei-
der, déi net europäesch ausge-
schriwwen ginn, d'Betriber effektiv
eppes dovun hunn, wat essentiell
ass. Mä Kolleg Alex Bodry wäert
dorobber agoen.

Sechste Symptom, Här President,
sinn d'Wunnengen. Wat erziele mir
dann de Leit, déi haut eng Wun-
neng sichen a kee bezuelbare
Wunnraum fannen. 30.000 Wun-
nenge feelen. D'Präisser sinn an 10
Joer ronn 300% gestiegen. Elo krée
mer iwwert d'Bäitrittslänner
esou vill Leit a ganz kuerzer Zäit
heihinner, wat mat Sécherheet jo
net d'Präisser no ënne wäert dré-
cken.

Mir hunn eng Uni a Plaz gesat, ou-
ni eis Gedanken ze maachen, wou
mer dann déi Studente géngen hin
dinn, déi elo op déi Uni do kom-
men. Wat ass dat da fir eng Virge-
hensaart a -weis! Mir si jo am-
gaang wierklech de Wunnengs-
noutstand als sozial Ausgrenzung
erbaizerieden. Mir hunn Alarm ge-
schloen. Mir hunn eng Rei Proposi-
tiounen gemaach. Mir hunn e Posi-
tiounspabeier vun 10 Punkte virge-
luecht.

Ech kommen dann, Här President,
zu deenen Ausserunge vum Stats-
minister, wat d'Schlusslicht ube-
laangt. Wéini deen Terme ge-
braucht ginn ass vum Schlusslicht,
dat war dat lescht Joer, an dann
hunn déi Riedner sech référéiert op
d'Chiffre vun der europäescher
Kommissioun. D'lescht Joer war de
Wirtschaftswuesstum, deen d'euro-
päesch Kommissioun eis zouge-
mutt huet, 0,1%. Domat ware mir
déi Lescht.

Wann also Riedner heibannen an
op der Plaz dobause sech référé-
rieren op Prognose vun der euro-
päescher Kommissioun, op déi
par ailleurs d'Regierung sech jo
esou oft beriff, dann ass dat legiti-
m, an dann ass et net fir mat deene
Leit hei de Geck ze maachen,
déi sech op eng Institutioun référé-
rieren, déi jo nach fir de Moment
awer, mengen ech, anstänneg Re-
sultater opzeweisen huet. An da
soen ech lech, zu deem Zäitpunkt
ware mir Schlusslicht an de Pro-
gnosen, an ech bleiwen dobäi.
Glécklecherweis ass et net dozou
komm. Glécklecherweis fir eist
Land.

(Interruptions)

Zweete Punkt, Här President, eLët-
zebuerg. Wann Der gären e Bei-
spill hätt, wou mer wierklech
Schlusslicht waren - och haut nach
- während 5 Joer, dann ass et bei
den Online-Déngschter vun eisen
Administratiounen. Den OECD-
Rapport vun 2003 seet: „...re-
marque qu'un plus large recours à
l'administration électronique, do-
maine dans lequel le Luxembourg
accuse du retard sur tous les
autres pays de l'Union européen-

ne, contribuerait aussi à réduire le
fardeau administratif“.

Mir si meilewäit hannendran, déi
Lescht. D'Schlusslicht, wann Dir et
gären héiert. Mir wollten net dovun-
ner schwätzen, mä wann Der et gä-
ren héiert, da soe mer lech et.

An déi Verwaltungsprozeduren, déi
mer hunn, wou Der de Courage net
hutt, se ëmzeänneren. Dat géng
zumindest hëllefen eng ganz Rei
Barriären ewechzehuelen.

Här President, en drëtt Beispi-
ll, wou mer net gloriäich do stinn,
wou mer net frou driwwer sinn, dat
ass dee Beräich, wou mer Spëtze-
reider sinn am Moment. A wat ganz
traureg ass, dat ass d'Aart a Weis
wéi eis Aarbechtslosenzuel uwiisst.
Do si mir am Moment vun 2001 bis
2003 - déi do Zuele wiere mir net
an de Kapp komm fir hei ze erzie-
len, wann hei net ugefaange gi wier
de Geck ze maache mam Schluss-
licht - mat 77%, Dänemark 39 an
déi nächst 66, net Schlusslicht, mä
Spëtzerreider, mä a mengen Aen
awer Schlusslicht. A mir haten eng
Period, soen ech lech, bei der
Ëmstellung vum Euro, wou mer och
déi Zweetlescht waren, wat d'Infla-
tioun ubelaangt, wou mer ee Mo-
ment 3,8% Inflationen haten. Wann
Der also gäre Beispiller hätt, Här
Statsminister, Dir hutt jo gemaach
wéi wann ech vum Mound kéim, da
ginn ech lech der e puer.

Ech kann lech der nach e puer gi
wann Der wëllt. Mä loasst mer déi
ganz Saach net esou elle mole wéi
se ass. A kommt mir kommen op
eenzel Elementer, déi awer vläicht
de Budget dann elo méi direkt be-
treffen. De „Wort“-Leitartikler, Här
President, eemol méi steet jo net
am Verdacht, eis ganz gëschteg
gesinnt ze sinn, huet am Mee 2003
gesot: „Luxemburg hat den ökonomi-
schen Klimawechsel zu spät er-
kannt.“ Dat ass den Déphasage
vun deem ech geschwat hunn. De
Paul Lenert fiert weider: „Dass ge-
rade die Koalitionsparteien nach
den atemberaubenden Boomjah-
ren lange Zeit nicht an eine wirt-
schaftliche Trendwende glauben
wollten, ist bedauerlich und ärger-
lich zugleich.“ Dat hu mir jo net ge-
sot, mir hunn dat och gesot, mä
awer och aner Leit hunn d'Impres-
sioun, dass Dir Reforme verschlof
hutt, an dofir déi Ausenanerset-
zung hei bei der Presentatioun vum
Budget mat der Opposition, an an
deene Woche virdrun, déi Dir ge-
maach hutt, souguer mat der Zen-
tralbank, well déi lech e puer
Saache gesot hunn, déi lech net
passen. Dir géngt am léifsten...
Wann den Thermometer lech Féi-
wer uweist, da pucht Dir en ewech!

(Hilarité)

Mä esou ass et jo net, esou einfach
geet dat doten net. Wéi mir gefuer-
dert hunn, dass och déi aner Zue-
len op den Dësch kommen, näm-
lech déi, déi Richtung Brüssel
ginn, do hu mir just eppes geholl
wat am Kontabilitéitsgesetz steet.
Mir hunn eng Kontabilitéit, déi ass
an zwee agedeelt. Déi eng ass eng
Version budgétaire, an déi aner
Kontabilitéit ass eben eng Compta-
bilité générale, en partie double,
wou d'Avoiren an d'Engagement
dra sinn, wou een dann e bemol
och d'Budgetsreserv, iwwert déi
mir hei schonn Ausenanersetzun-
gen haten, gesäit, dass effektiv do
déi 144 Milliounen, wou mir ëmmer
gesot hunn, déi Dir musst eraus-
rechnen, dass déi effektiv do
erausgerechent sinn.

Dofir muss ech soen ass et gutt ge-
wiescht, dass noutwendegen
Drock vun alle Säite komm ass, an
déi nächste Kéier géng ech lech
roden - egal welch Regierung dass
et ass, hei geet et jo net nëmmen
ëm eng -, déi soll higoen an de
Budget dohinnerleeën an zur gläi-
cher Zäit och dat wat am Kontabi-
litéitsgesetz virgesinn ass, déi aner
Aart a Weis en duerstellen, fir
dass ee propper d'Engagement
an d'Avoiré gesäit, fir dass een och
e Bild huet vum Patrimoine vun
deem Land hei, an net nëmmen
iwwerflächlech, esou wéi mir et
säit Jorzéngte praktizéieren, ech ge-
stinn et gären an.

Mä 2000 hu mir e Gesetz
gestëmmt, deemools ass et „en
application“ gaangen, an do ass
dat dote jo virgesinn. An dofir ass
et och gutt, dass mer endlech dat
doten um Dësch leien hunn. Ech
iwwerloosse jiddferengem vun lech
an och dobaussen et fir dann ze
kucken, ob dee Kranken elo, dee jo
eng Therapie brauch, ob déi zwie-
lef Punkten, déi ech am Budget er-
kennen, ob dat dann elo eppes ass
wat en heelt, oder ob et en Artifice
ass, deen e wahrscheinlech net
heelt.

**(M. Nico Loes prend la Prési-
dence)**

Mir brauche Suen, jiddferree weess
dat. Wat maache mer? D'SNCI kritt
Aktie vum Stat, de Stat kritt 30 Mil-
liounen a seng Keess. Et ass eng
Operatioun, déi ech scho laang
gefrot hunn eng Kéier, nämlech
dass eng Koordinatioun vu sämt-
leche Participatiounen...

(Interruption)

Oh, Här Weiler, Dir hutt lech opge-
reegt, dass Dir eng Kéier ënner-
brach gi sidd, ech muss soen, ech
si jo awer haut „gâté“, well ech och
sécher esou eng schlecht Stëmm
hunn, profitéiert Dir schändlechst
haut.

(Hilarité)

De Stat huet Participatiounen an 22
Privatgesellschaften, mat ronn 800
Milliounen nominale Wäert, an huet
néng Établissements publics mat
engem Wäert vun 1,4 Milliarden.
Ech hu schonn e puer Mol gesot, et
wär besser mir géingen déi Parti-
patiounen op enger eenzeger Plaz
géréieren, dass mir dat solle ma-
chen. Firwat huele mer dann elo 30
Milliounen just eriwuer, firwat 30 Mil-
liounen? Mir huele se net alleguer-
ten eriwuer, well da misste mer se
verbuche bei der SNCI, an dat
géng net goen. Eng „one-shot“-
Geschicht vun enger Kéier, dat
huet eis arrangéiert.

Zweete Punkt, et ass flott, all Betri-
ber maache méi lues, si affichéieren
hir Perten, aner réckleefeg
Gewënner. Mir bréngen et fäerdeg,
d'Post esou wäit ze kréien, an deene
Jore wou all Betriber méi lues
trëppelen, d'Suen anhalen fir ze in-
vestéieren, manner Gewinn aus-
schëdden, wat mer hinnen nach
ëmmer noleeën, muss d'Post dëst
Joer eelef Milliounen méi ausschë-
de wéi dat wat se déi Jore virdu
gemaach huet, wou se ëmmer
esou an der Géigend vu 24 Milliounen
war. An elo op eemol, oh Won-
ner, well de Stat Sue brauch, ginn
et der 35 Milliounen; mir entzéien,
well mir et brauchen, deem Betrib,
deen et och dounnoutwendeg huet
fir hinzegoen, Investitiounen ze
maachen, entzéie mir dat doten.

Drëtte Punkt: Mir verkafen...

(Interruption)

Une voix.- Dat interesséiert
den Här Krecké net!

M. Jean-Claude Juncker,
*Premier Ministre, Ministre des Fi-
nances.* - ...d'nächst Joer net man-
ner wéi d'lescht Joer.

M. Jeannot Krecké (LSAP).-
Dat ass de Beweis, Här Minister.

Jo, jo, firwat huet Är Regierung vir-
drun, wou jo Boomjore waren, wéi
ass et da méiglech, dass se do
manner gefrot ginn ass fir Suen an
d'Statskeess ze ginn, an elo méi?
Déi Explikatioun, déi kréien ech jo
dann eng aner Kéier.

M. Jean-Claude Juncker,
*Premier Ministre, Ministre des Fi-
nances.* - Investéiert d'Post
d'nächst Joer manner oder méi wéi
dëst Joer?

M. Jeannot Krecké (LSAP).-
Ech hunn lech d'Fro gestallt, ech
wëll gären dorop geäntwert kréien.

M. Jean-Claude Juncker,
*Premier Ministre, Ministre des Fi-
nances.* - D'Äntwert ass, dass se
d'nächst Joer méi investéieren.

M. Jeannot Krecké (LSAP).-
Här President, den nächsten Exer-
cice, dee mir gemaach hunn, ass,
mir verkafen e Gebai. Mir verkafen
dem europäesche Parlament e Ge-
bai. Et ass jo alles an der Rei, mais
ça nous arrange bien, et ass dëst
Joer wou mir d'Sue brauchen, net
d'lescht Joer, a vläicht d'nächst
Joer och net an deem Mooss.

De véierte Punkt ass d'Fleegever-
sécherung. Mir setzen déi erof, vu
45 op 40, mir mussen eng Reserv
vun 20% hunn, a mir soe mir hätte
largement driwwer. Mir vergiessen
awer ze soen, dass mer do eng
Schold hunn - do si Leit déi waar-
den op hir Suen, déi eréischt nobe-
zueelt ginn, déi eréischt duerno be-
zueelt ginn -, an dass mer also mus-
sen e gudder Pak loosse. A well an
all deenen anere Länner de Flee-
geberäich - et Dieu sait dass ech
awer vläicht eppes Klenges dovun-
ner kennen - amgaangen ass ze
explodéieren, da geet een net hin
zu dësem Zäitpunkt, wou all Län-
ner de Contraire maachen, wou et
viraussichtlech fir all Länner
schwierig gëtt, de Fleegeberäich
nach finanzéiert ze kréien, da gi
mir dat zréckschrauwen, just well
mir Geld brauchen. Dat nennen
ech eng kuerzfristeg Siicht vun der
Saach, dat ass net an d'Zukunft
gekuckt.

Wann ech den Defizit vun de Kran-
kekeese kucken, a mir maachen
dat mat engem Grëff an d'Pen-
siounskeess, mat alle gudden Ar-
gumenter, déi do sinn, eng Kéier
maache mir dat, et ass déi x-ten
Opzielung déi ech elo maachen,
zoufälleg ass et, Här President, an
dësem Joer wou mir et musse
maachen. Mir hätten dat doten elo
scho kënnen éischer maachen,
mir maachen et an dësem Joer.

Ech muss lech soen, et ass fir
mech nach wie vor eng bedeitlech
Aart a Weis virzegoen, et ass eng
Vermischung vun de Risikoën, déi
mir do maachen, well mir mussen
och dann higoen an eng Rei Saa-
chen zréckqualifizéiere vun deene
Leit, dat maache mer net. Mir ginn
hin a mir huelen elo déi Suen a mir
stieche se an d'Krankekeesen, fir
dass nëmme keen op de Gedanke
kënn, dass mir vläicht e Bäitrag
dozou misste leeschten. Et war
den Essai, ass mir bericht ginn,
och gemaach ginn, fir d'Mamme-
rent - dat war jo schonn eng Kéier
de Fall - och aus de Privatpen-
siounskeesen erëm ze finanzéie-
ren.

(Interruption)

De sechste Punkt ass, Här Presi-
dent, mir brauche Suen, mir ginn
d'Soldé bei de Steiere sichen; ech
hu gesot ech fannen dat an der
Rei, mir musse just wëssen, dass
et duerno fäerdeg ass, dass mir
duerno keng Soldé méi siche ginn.
Mir gi se dëst Joer sichen, d'nächst
Joer nach e bëssen, an dann ass
et fäerdeg. Mir gi se siche fir dass
mer bis iwwert d'Wahle kommen.
An der TVA: Här President, ech
ginn net midd all Joer hei Reformen
ze froen an der Andreiwung vun
der TVA. D'Regierung huet eng
aner Meenung. Dat ass hiert gutt
Recht. Ech bidden lech den zwee-
te Slide ze kucken, deen ass kloer,
do brauch een net méi vill ze erzie-
len.

Wat ass geschitt? Säit 1997 gesidd
Dir dee Phänomeen do, a wat ass
geschitt? Déi Betriber en activité,
déi soss 142 Milliounen Euro ze
bezuelen haten, sinn elo bei 561.
Mir hu Suen ze bezuelen an déi Be-
triiber gehat, 1997 - de Stat, dat si
mir -, 197 Milliounen Euro, haut
622. Ech fannen dat onverantwor-
tlech an enger Zäit, wou et de Betri-
ber schlecht geet, wou mir hinne
mat alle Méigleckeete sollen ën-
nert d'Aerm gräifen. Ech fannen et
onverantwortelech, dass mir déi
Suen all halen, well mir als Stat déi
am Moment brauchen. Et ass jo
keng seriö Erklärung soss ze ginn,

well dat Beispi-
ll, dat mir virun eis
gesinn op der Grafik, schwätzt jo u
sech fir sech selwer, an déi Grafik
kënn jo net vu mir, déi kënn vun
der Cour des Comptes. An et ass
och kee Wonner, dass Dir net frou
sidd, wann déi Avisé maachen.

Den aachte Punkt, Här President,
sinn d'Scholden. Mir kréien hei ge-
sot, mir hu keng Schold opgehol-
l fir eise Budget, mir hu se nëmme
fir Investissementen geholl. Déi zwou,
déi 50 Milliounen an déi 70, wësst
Dir wou déi dann déi Jore virdu
stoungen? Déi stoungen am nor-
male Budget fir de Fonds du rail,
eng Dotatioun, a fir de Fonds des
routes. Lo huele mer se do ewech,
do steet nämlech elo eng Null, do-
mat hu mir 120 Milliounen am Bud-
get gewonnen, an da gi mir eng
Schold ophuelen, am Fong. Et ass
also kif-kif bourricot, et mécht just
dat ganz Bild méi schéin, well
soss hätte mer net 84, mä soss hät-
te mer 84 bis 120 Milliounen.

Mat deem Trick hätt ee jo nach
kënnen eng Zäitche weiderfuere.
Et hätt een nach Saache kënnen
eraushuelen. Et hätt ee bei dem
Hospitalier oder ech weess net
wou aus de Fongen nach kënnen
eraushuelen a soen: Ok, fir d'Inves-
tissementer gi mir dann eis ver-
scholden, mä dat ass awer fir e
ganz noblen Zweck. Mir haten et
virdrun am Budget. Mir huelen et
elo eraus, fir d'Bild ze verschéine-
ren. Et deet mir Leed, et gëtt dofir
keng aner Explikatioun.

D'Budgetsreserv, - hunn ech
schon eng Kéier gesot - Dir refu-
séiert am Moment ze imputéieren
144 Milliounen Euro op déi Bud-
getsreserv. Do feelen - an Dir
wësst, dass déi 144 Milliounen ier-
gendwa mussen an d'Kontabilitéit
vum Stat erakommen an domat
d'Budgetsreserv manner gutt
géng ausgesinn. Domat sinn
d'Chifferen erëm eng Kéier net
propper duergeluecht sou wéi se
misste sinn.

Da kommen ech op d'Reserven. Et
ass jo hei gesot ginn - Dir hutt
vun de Reserve geschwat, Här Stats-
minister, wéi vill dass Dir géingt han-
nerloossen. Dir selwer hutt eng
Kéier gesot, 1999: „Dës Regierung
hannerléisst der nächster Regie-
rung, dat heescht net noutwende-
gerweis sech selwer“ - Dir kënn
et nach eng Kéier soen, mä ech
weess net, ob Dir dat heiten nach
eng Kéier kënn hei soen - „e Fi-
nanzpolster vun 73,8 Milliarden an
eng eigentlech Statsschold vun 11
Milliarden. Mir hunn also bal siwe-
mol méi Reserve wéi mer Schold
hunn.“

Wa mir esou weiderfuere wéi mer
elo amgaange sinn, da kënn Dir
dat doten net méi soen. Dir hutt e
Grëff am Joer 2003 gekoppelt an
d'Budgetsreserv an an d'Fonds
d'investissement vu Minus; déi sinn
op minus 24% erofgaangen,
duerch dat wat Dir un Dépenses
ausginn hutt an net un Alimenta-
tioun dragestach hutt. Dat ass jo
luewenswäert. 2004 maache mir
déi Operatioun nach eng Kéier an
der Grëssenuerdung, wann déi
Chifferen do solle stëmmen, vun
30%.

Dat just viru Wahlen. Mir haten dat
do och schon eng Kéier. Mir haten
dat do schon eng Kéier 1991. Do
hu mir 27% gezaapt an 1992 esou-
guer 45% gezaapt, mä dat war net
viru Wahlen. Ech hat meng Prome-
nade gemaach, Här Minister. Dir
hat jo eng Promenade gemaach.
Ech hat meng e bësse méi wäit ge-
maach wéi Dir, ech war an d'Joren
1980 bis 1983 kucken. O Wonner,
kuerz viru Wahlen, do ass nach
eng Kéier déiselwecht Operatioun
gemaach gi vun där Koalitioun, déi
och haut do ass. An ech hu mech
gefrot, firwat dass Dir nëmme ge-
schwat hutt vun där virdrun an net
vun där doter, déi just virun de
Wahle genau déiselwecht Opera-
tioun gemaach huet, d'Budgetsre-
serv erofgedriwwen huet. Et ass
alles nozeliesen am Budgetsrap-
porteur sengem Deel iwwert
d'Budgetsreserv an iwwert d'Fon-
gen.

(*Interruption*)

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre des Finances*.- Esou war dat net. Deemools net an esou ass et och net dës Kéier.

M. Jeannot Krecké (*LSAP*).- Dat sot Dir.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre des Finances*.- Et ware Gemengewahlen, mä mir hunn et net dowéinst gemaach.

M. Jeannot Krecké (*LSAP*).- 1983, wat war dann duerno?

Also, wa mir esou weiderueren op déi do Aart a Weis, wa mir géinge kucken an eenzelne Fongen, dat wat un Engagementer schonn do ass, a mir géingen dat héichrechnen, da froen ech mech, wéi mir dat jee an deenen nächsten zwee, dräi Joer bezuelt kréien. Mir hunn a sechs Fonds spéciaux Engagementer fir 5,7 Milliarden Euro. Dat ass déi nächst Regierung, déi muss kucken, fir do erauszekommen. An huelt den drëtten Slide, wann Dir wëllt. Da gesitt Dir d'Evolution vum den haaptsächleche Fonds d'investissement, an dozou brauch ech net méi vill ze soen, déi sinn an deem Moment am Joer 2006 op Null. Déi sinn 2007, wann een dat géing weiderzéien, large-ment ënner Null. Ech muss soen, et ass onverantwortlech fir esou virzegoen an alles ofzeschiben op déi nächst Generatioun vu Politiker, déi dat mussen iwwerhuelen.

Den eelefte Punkt, Här President, ass dee vun den Accisen, wéi mir elo de Fonds pour l'emploi ofhänkeg maache vum Tanktourismus. Mir wëssen, dass den Tanktourismus eis Problemer schafft am Protokoll vu Kyoto. D'Wirtschaft huet de Gros vun hiren Aufgaben erfüllt. De Problem läit beim private Verkéier, e läit beim Tanktourismus. Mir wëssen, dass mir do Suen anhuelen, mä ech fannen et awer geféierlech, wann déi Suen elo laanscht de Budget ginn.

Wann et an de Budget geet, hunn ech manner Problemer domadder, wéi dat do, wou mir de Fonds pour l'emploi elo zweemol hannertenaner - déi éischte Kéier war ech och net begeschtert driwwer, och wann ech an der Majoritéit war, dat ass nozeliesen an ech hunn och schonn e puermol virdru gesot, ier déi heiten Operatioun gestart ginn ass, dass ech dat net gutt fannen. Wa mir dann elo do sinn, solle mir et an de Budget fléisse looszen a mir sollen de Fonds pour l'emploi esou effektiv alimentéiere wéi et noutwendeg ass, wéi d'Situatioun sech ergëtt a wéi d'politesch Optiounen et erfuerderen. Mä et soll een et net laanscht de Budget maachen. Mir maachen eis do ofhängeg, a Sozialleeschungen ofhängeg ze maache vum deem Tanktourismus, do wou mir eng Kéier mussen iwwerleeën, wat mir domadder maachen, well iergendwann ënnert dem Stréch muss een d'Rechnung eng Kéier maachen. Ech weess net, wat méi gönschteg gëtt. Ech verzichten...

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre des Finances*.- Mä och, wann Dir et direkt an de Budget féiert, dann ass d'Problematik Tanktourismus exactement déiselwecht, millimetergenau.

M. Jeannot Krecké (*LSAP*).- Jo, mä mir hunn awer net déi Ofhängegkeet direkt vun engem Fonds pour l'emploi, deen einfach just un deem Frang um Benzin oder elo un deene siwen Cent häng. Dat ass dat, wat ech net gutt fannen. Bon, dat ännert effektiv ënnert dem Stréch näischt. Elo kënnt Dir soen, dat ass Maquillage. Dat ass kee Maquillage, dat ass fir eng propper Duerstellung och ze kréien.

Ech erspueren lech déi puer Saachen, déi ech wollt soen iwwert

d'Ausgaben, Här President, an ech kommen zur Konklusioun.

Ech hat lech gesot, mir hunn hei mat engem Patient ze din. An ech hat Therapien och évoquéiert. Ech muss soen, eis Fraktioun ass zur Konklusioun komm: Am beschten Dir sicht lech en neien Dokter. Well dës Regierung huet eist Land vum Wuelstand...

(*Interruption*)

Ech och! Ech och!

Dës Regierung huet eist Land vum Wuelstand an d'Ongewëssheet gefouert. Si ass selwer responsabel fir hir Lethargie, déi si déi lescht fënnef Joer gewisen huet. An deenen nächste fënnef, zéng Joer si grouss Reformen noutwendeg. Un deene Schwächen a Propositionen, déi ech virgeluecht hunn, gesäit een, wat an deenen nächste fënnef an zéng Joer - och anerer wäerten nach Propositione maachen - muss kommen.

Déi aktuell Regierung, stellen ech einfach fest, ass net gewëllt, déi do Reforme virun de Wahlen ze maachen, soss hätt si et gemaach. Si ass längst bekannt. Dës Regierung muss sech de Virwurf gefale looszen, dass se sech probéiert iwwert déi nächst Wahlen ewech ze retten. Mir verléieren domadder Zäit, a mengen Ae wäertvoll Zäit.

D'Fro, déi d'Bierger sech musse stellen, ass déi, mat wat fir enge politesche Verantwortleche se dee Wee do goe wëllen, wou Reformen noutwendeg si wéi déi, déi ech opgezechent hunn. Wëlle se déi aktuell Regierung weider wurschtele looszen a risquéieren, dass all eventuell Reformen eesäiteg um Bockel vun enger klenger Grupp vu Bierger, vu Jonken, vu sozial Schwache gemaach ginn? Wëlle si higoen an déi Leit, déi versot hunn, nach eng Kéier schécken a probéieren d'Geschécker vun eisem Land ze leeden?

Mir hunn an all deene Joren alternativ Konzepter dohinner geluecht. Eis Propositione fir d'Ekonomie unzuekuerbelen hunn am concertéierte Milieu vill Opmierksamkeet an Zoustëmmung fonnt. Net awer bei der Regierung, déi weiderhi waart, dass iergendwann eppes besser gëtt dobaussen. D'Confédération du Commerce seet zur Regierung iwwer eis Virschléi: Just do it, and do it now.

Eis Reformvirschléi fir eng besser Schoul sinn esouwuel beim Léierpersonal wéi och bei den Elteren als eescht an interessant ëmfonnt ginn. Den LSAP-Modell fir d'Ganzdagsschoul an d'Virschléi fir eng verbessert Vereenbarkeet vu Beruff a Famillje gi vun alle Säite begreisst. Eis Konzepter fir den öffentlichen Transport mat der Realisatioun vum BTB an dem Gratisginn vum öffentlichen Transport wäert am ganze Land dofir surgen, dass et zu enger dättelecher Entlaaschtung op eise Stroosse kënnt.

Eisen Zéng-Punkte-Programm fir bezuelbare Wunnraum géif contrainement zu der Regierung hirem Fléckwierk elo scho spierbar Entlaaschtungen um Wunnengsmaart bréngen. Eis Virschléi am Beräich vun der öffentlecher Fonctioun, a besonnesch vun der öffentlecher Déngschtleeschung, géif de Leit eng iwwerdriwwer Liberaliséierung a Privatiséierung bei Stat a Gemeengen erspueren. Mir sti fir eng biergero, héichwäerteg a modern Offer vun Déngschtleeschungen.

Schliesslech hu mir an deene leschte fënnef Joer eng ganz Rei Positionspabeieren, Konzepter, Iddien op den Dësch geluecht. Zur Kultur, zu enger ganzer Rei gesellschaftspolitesche Moosnamen, zur Aussen- a Sécherheetspolitik, zu engem modernen Déiereschutz an anerer. D'Reaktioun vun deser Regierung huet sech ëmmer nëmmen op midd an iwwerhiefléch Reaktiounen limitéiert.

Wann et esou weidergeet, wäert dës Regierung no fënnef Joer soss näischt opweises hu wéi iwwert

d'Ausrichtung vun eisem Land am Joer 2050 nodeduecht ze hunn. Dobäi huet si vergiess d'Politik ze bestëmmen an d'Problemer vun haut an déi vun deenen nächste Joren ze léisen. Mat Nodenken, Hearingen, Débaten, Studien an esou weider léist ee keng Problemer. Dës Regierung hält keng Entscheedungen, huet keng geholl a fäert esouguer zäitweilleg, mat eenzelnen Ausnahmen, d'kontrovers Diskussioun.

Duerch dëst Land a besonnesch seng politesch Verantwortlech muss e Ruck goen. De Laissez-faire, de Laisser-aller léist keng Problemer. D'LSAP ass bereet, déi grouss Erausforderung unzuhuelen an en neien Élan an eist Land a besonnesch a seng politesch Aktivitéiten ze bréngen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Krecké. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Jean-Paul Rippinger agetroen. Här Rippinger, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (*DP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat eigentlech wëlle, nodeem déi zwee Virriedner hei esou interessant kontradiktoresch debattéiert hunn, mech aus all Polemik erauszehalen an eigentlech zu dem Budget Stellung ze huelen, an zwar d'Meenung vun der Demokratescher Partei zu dem Budget 2004, fir dass et de Leit och méiglech ass den Ënnerscheid tëschent deenen engen an deenen aneren erauszefannen.

(*Interruption*)

Wann ech elo grad mäi Virriedner héieren hunn, da weess ech net ob déi Wonschlescht, déi hien zulescht gesot huet, nach vum Kleeschen oder fir d'Chrëschtkëndchen ass oder ob et e Wahlprogramm ass oder vläicht souguer en Testament. Op jidde Fall ass et eng Wonschlescht, déi menger Meenung no net ze erfüllen ass an déi eis och nach keng eenzeg Aarbechtsplaz schafft hei zu Lëtzebuerg.

Et ass gesot ginn, et wier e Budget fir d'Wahlen, an et ass och gesot ginn, et wier, oder wéi kann een a mengen Aen, wéi kann een iwwerhaupt behaupten, dass et dësem Land schlecht geet. Ech si vläicht naiv wann ech déi Fro stellen, mä ech muss lech awer soen: d'Steieren hu mer erfogusat, d'Steiere ginn net eropgesat, d'Sozialleeschungen bleiwen, d'Renten hu mer eropgesat, d'Rente ginn net erfogusat. Et gi keng Hongerrente méi. D'Kotisatioun fir d'Pensiounen, ...

(*Interruptions diverses*)

...d'Kotisatiounen fir d'Krankeessen a fir d'Pensionskeese ginn net eropgesat. D'Leeschungen bleiwen déiselwecht. Den Accord salarial vun der Fonction publique gëtt net zrëckgeschrauft. Also froen ech mech, wann een dobäi kuckt, dass mer keen Emprunt ophuelen dat nächst Joer an dass mer just 84,2 Milliounen Euro aus dem Fonds de réserve huelen, da muss ech lech soen, vläicht sinn ech naiv, mä wéi kann dann d'Situatioun vun dësem Land esou schlecht sinn, wéi se da vu mengem Virriedner gemaach gëtt.

Eng interessant Fro hunn ech mer gestallt. Wann ech do liese wat de Generalsekretär vun der LSAP gesot huet: „An uns soll kein Weg vorbeiführen“ - an zu gläicher Zäit och nach - „wir fühlen uns auf der Siegerstraße“. Da wier et jo interessant gewiescht wann d'LSAP an d'Regierung kéim - ech schwätzen am Conditionnel, net dass ee mengt ech géing dru gleewen -, wat si dann un dësem Budget 2004 am Juni géing änneren. Dat géif ech

emol gäre gesinn. Ech sinn iwwerzeegt, dass an deem Fall, deen net antrëtt, mä wann en dann antriede géif, se genau deeselwechte Budget exekutéiere géife wéi deen, dee mir hei virleeën.

Dofir, Här President, ass dat alles, wat mäi Virriedner gesot huet, mat Virsiicht ze genéissen. Ech kënnt grad esou gutt soen, wann hien eis de Reproche mécht dat wier e Wahlbudget, wat keen ass, dat wat hie gesot huet, dat wier eng Wahlried hei gewiescht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Budget 2004 fällt an e Joer wou d'Europäesch Unioun kuerz viru grousser Changementer ass. Et kommen nei Membren bäi, nei Leit, nei Kulturen, nei Liewensarten an och nei Gewunnechten. Lëtzebuerg als ee vun de Grënnungsmembré vun der Europäescher Unioun war während deene sukzessiven Élargissementer vun der Unioun déi driewend Kraaft an dësem Prozess.

Och wann den Élargissement be- deit, datt Lëtzebuerg op der europäescher Landkaart méi kleng wäert ginn, sou dierf dat net heeschen, dass och Lëtzebuerg institutionell a politesch géif méi kleng ginn. Dofir muss Lëtzebuerg och, an ech wëll dat awer elo nach eng Kéier ganz kloer hei soen, well dat eis Meenung ass, weider mat sechs Deputéierten am Europaparlament vertruete sinn an d'europäesch Kommissioun, sou wéi dat d'Madame Ausseminister och gesot huet, ass och nach mat 25 Kommissäre funktionsfäeg. Mir halen also um Prinzip „ee Kommissär pro Land“ fest. An engem gemeinsamen Europa dierf et an eisen Ae keng Kritäre ginn, déi op kleng oder grouss oder räich oder aarm baséieren.

Här President, meng Fraktioun ass frou, datt mir den Engagement vun engem Referendum zum neien europäesche Verfassungstext och zu Lëtzebuerg vis-à-vis vun eise Bierger agaange sinn. Dobäi proposéiere mir, datt mir dee Referendum och dofir notze fir de Leit engersäits Europa a seng Institutiounen méi no ze bréngen, mä anersäits awer och fir déi verschidde Länner a Kulture sech méi no ze bréngen. Dofir wëll ech hei nach eng Kéier soen a bestätegen, datt fir eis dëse Referendum onofhängeg vun den nationalen an den Europawahle soll stattfannen.

Den Élargissement huet awer och e Marché vu weidere 75 Milliounen Leit als Konsequenz. Dat ass eng Chance fir d'Europäesch Unioun, mä och eng grouss Erausforderung fir Europa an och fir Lëtzebuerg. D'Konkurrenz wiisst an de Choix fir den net europäeschen Investisseur gëtt och méi grouss. Dat bedeit, datt Lëtzebuerg sech stänneg an ëmmer erëm muss vergläiche mat anere Länner, fir an dësem héich kompetitive Wirtschaftsraum ze bestoen. Mir musse kucke besser ze ginn, besser Konditiounen unzebidden a méi schnell ze si wéi déi aner. Op deem Punkt hate mir an hu mir nach en Nachholbedarf a verschiddene Beräicher.

A verschiddenen anere Beräicher si mer awer op engem äusserst gudden Niveau, trotz schwieriger Konjunktur. Dozou e puer prinzipiell Remarken. D'Budgetspolitik ass näischt fir abrupt Manöveren no rechts oder no lénks. Ech halen dofir net vill vun deene Fuerderungen, déi elo a Panik gestallt ginn a wou esou gemaach gëtt wéi wann dann all Problemer mat engem Wësch geléist wieren.

Une voix.- Très bien.

M. Jean-Paul Rippinger (*DP*).- Ech sinn der Meenung, datt d'Budgetpolitik esou Manövere weder während de gudden nach während de schlechten Zäite maache soll. Mir mussen a Rou op der Dépensésäit an op der Recettésäit de richtige Mix vun Entscheedungen treffen, deen engersäits de Budget am Équilibre

hält an anerersäits d'Kompetitivitéit vun de Betriber an d'Kafkraaft vun de Leit erhält.

Wat maache mer also op der Dépensésäit fir de Budget am Équilibre ze halen? Hei geet et emol fir d'éischt drëm fir déi budgetpolitesch Instrumenter, déi mer eis selwer an d'Hand ginn hunn, ze benotzen. Instrumenter wéi eng Budgetsreserv, eng héich Verschëldungscapacitéit an en héijen Investitionsvolumen. D'Budgetsreserve si jo dofir ugedoen, fir et dem Stat ze erlaben eventuell Moins-valué während konjunkturell méi schwierigen Zäiten duerch Plusvaluen, déi ee während gudden Zäite gemaach huet, ze palliéieren. Déi konsequent Dotatioun vun de Spezialfongen an deene Joren, wou mer e staarke Wuesstum kannt hunn, erlaabt et eis fir den Exercice 2004 d'Dotatioun vun de Programmes d'investissements plu-riannuels ze garantéieren.

Um Enn vum Exercice 2002 hunn d'Reserve vun de Spezialfonge sech op 2,5 Milliarden Euro chiffréiert. 50% vun deene Reserve konnte vun 1999 bis 2002 ugeluecht ginn. Et ass also net richtig wéi een heiansdo héiert, datt just déi viereg Regierung Reserven ugeluecht hätt, während déi hei déi Reserven, déi do waren, opgebraucht hätt.

Deene leschten Estimatiounen no gëtt jo fir den Exercice 2004 domadder gerechent, dass 81 Milliounen Euro méi indirekt Steieren agezu gi wéi dat eigentlech ursprüngelech virgesi war. Dat huet als Konsequenz, dass den Defizit sech elo op 84,2 Milliounen Euro beleeft, deen duerch Budgetsreserven ausgeglaach gëtt. De Lëtzeburger Stat brauch also fir dee sechsten Exercice hannereneen keen Emprunt ze maachen, fir seng Dépenses en capital ze decken. Domadder gëtt d'Charge vun der aktueller Statsschold net weider belaauscht.

Wann de Stat sech bis 2008 net weider verschëlde géing, dann hätte mer zu deem Zäitpunkt keng Statsschold méi. Dat eleng gëtt Opschloss genuch iwwert déi héich Verschëldungscapacitéit, déi mer hunn. Deemo kënnen mer deene héijen Investitionsvolumen vun deene leschte Jore bäibehalen. Glécklech muss dach dat Land sech schätz wat Investitioun quasi cash aus der Portokeess tätege kann. Mir sollen dofir och net esou maache wéi wann et eng Katastroph wier, wa mer emol eng Kéier Geld léine goe missten. Mir hunn op alle Fall kee Problem, datt een a schwierigen Zäiten op dat Instrument géing zrëckgräifen.

Mir wësse jo all wat dat fir eis Ekonomie bedeit. Statsinvestitiounen sinn e wichtegt Instrument fir de Wuesstum ze ënnerstëtzen, besonnesch am Beräich vum Handwerk. Dat heescht awer net Dépenses à tout va, besonnesch an dësen Zäiten. D'DP huet schonns op deser Plaz d'Iddi opgeworf fir, esou wéi dat op der Dépensésäit all siwe Joer de Fall beim Bilan actuariel am Rentewiesen ass, och beim Statsbudget no deem Prinzip ze fueren. Et géing een also no esou enger Period eng Analys vun der Effikassitéit vun de Besoinë bei den Dépenses maachen a kucken, wou nach weider Investissementer néideg sinn nom Prinzip vum „zero base budgeting“.

Dat sinn Iddien, déi d'Parlament menger Meenung no och emol eng Kéier kënnt verdéiwen. Wann d'Exécution vun eise Budgeten ir-reprochabel ass, da muss een och feststellen, datt d'Dépenses awer net ëmmer nom Prinzip vun der Économiséit ausgefouert ginn. Et ass jo zum Beispill opgrond vun den Informatiounen vun der IGF an der Cour des Comptes gewosst, datt de Budget op der Dépensésäit um Enn vum Joer ëmmer sensibel an d'Luucht geet. Dat erkläert sech, well d'Administratiounen sech dru gi fir um Enn vum Joer hir Kreditter all opgebraucht ze hunn. Dat

war nach ëmmer esou, well soss fäerte se, si kréiche keng nei Kre-ditter méi an deem neie Joer.

Dofir ass och d'Fro opgeworf ginn, fir eventuell vun der Annualitéit vum Statsbudget erof ze kommen an esou, wéi dat an anere Länner de Fall ass, e Budget fir een oder méi Rechnungsjoren, de Joren no getrennt allerdéngs, opzestellen. Dat hei ass eng Iddi, an ech sinn iwwerzeegt, et ginn der sécher nach.

Tatsaach ass, datt mir der Meenung sinn, datt eng Kultur vun der Économiséitéit an der Effikassitéit beim Stat agefouert soll gi wat d'Dépenses ubelaangt. Dofir widerhuelen ech och eise Virschlag, fir bei all Projet de loi, niewent der Fiche financière, och d'office eng Fiche virzegesinn, déi am Detail Opschloss gëtt iwwert d'Économiséitéit an d'Effikassitéit vun engem Projet.

D'Cour des Comptes ass jo, conformément zu hirer am Gesetz festgeluechter Missioun, amgang éischt Erfahrungen ze sammelen an deem Beräich, Erfahrungen, déi mir eis sollten zu notze maachen. Dobäi muss mer awer oppassen, datt déi Prozeduren eis net behënneren an dann alles méi lues maachen. Wann een nämlech hei ëmmer esou vu Réforme administrative schwätzt, da muss een och soen, datt mir, de Gesetzgeber, egal wien an der Majoritéit ass, selwer jo dozou bäidroen, datt déi administrativ Aarbecht ëmmer méi komplizéiert gëtt an den Apparat doduerch och vill méi lues gëtt.

Ech mengen, datt d'Fonctionnairen zum groussen Deel hir Aarbecht korrekt maachen, an datt et manner un hirem Wëllen oder hirer Formation hängt oder läit, woufir heiansdo Saachen an d'Stock kommen. Mir hunn dat jo grad gesi beim Remboursement vun der TVA-Logement, wouduerch eng gesetzlech Emännerung a Vereinfachung vun der Prozedur op eemol riseg Retarden zum gudde vum Administré konnten ofgebaut ginn.

Här President, eng Fro, déi ee sech awer muss stellen, ass déi heiten: Wat sinn d'alternativ Rezepten op der Dépensésäit, déi muncher an deser Situatioun préconiséieren? Ech mengen, datt ee si ka mat dräi Schlagwierder ganz gutt resuméieren: sozialen Ofbau, Steiererhéijungen a manner Konsumausgabe vum Stat. Dat heescht am Klortext: méi niddreg Léin an der Fonction publique.

Ech muss lech soen, datt mir weider zu deem sti wat mir am Beräich vun de Steieren an dem Sozialwiese gemaach hunn. Anescht wéi aner Parteien, huet d'Regierung a mir, mat eise Koalitionspartner also, d'Steiere fir d'Privatpersounen erofgesat, an anescht wéi aner Parteien, hu mir och déi fir d'Betriber zesummen erofgesat. An dat war och gutt esou, an dozou sti mir.

Wat d'Sozialpolitik ugeet, esou sti mir och zu deem, wat ofgemaach ginn ass. Mir fänken awer dann net un, wéi muncher dat maachen, de Leit nach weider net erfëllbar Hoffnungen ze maachen, op nach méi an nach méi héich Sozialleeschungen. Dat wär onverantwortlech.

Déi direkt Alternative betreffen déi sougenannt Konsumausgabe vum Stat. Wann een hei d'Commentairen esou héiert a liest, heiansdo daitlech an heiansdo tëschent den Zeilen, da gëtt een d'Gefill net lass, wéi wann erëm de Spaltpilz um Wierk wär. Et gëtt erëm neideg op d'Fonction publique gekuckt, woubäi ech wëll ze bedenke ginn, datt d'Part vun der Fonction publique am Statsbudget déi lescht Joren erofgaangen ass, a parallel d'Missionen an domadder och d'Produktivitéit eropgaange sinn.

Ech wëll och ze bedenke ginn, datt d'Kafkraaft vun de Leit, déi duerch anstänneg Léin an niddreg Steieren a Sozialofgabe garantéiert gëtt, immens wichteg fir eis Économie ass. Ech kann dofir net verstoen,

wa vun enger „politique salariale non soutenable dans la fonction publique“ geschwat gëtt. Ech wëll deene Leit, déi dat gesot hunn, dofir och Folgendes ze bedenke ginn.

2001 war d'Part vun den Administrations publiques am PIB nëmme 40,4%, géint 48,3% en moyenne an der EU. Gläichzäiteg war d'Part vun der Rémunération vun de Salarieën aus den Administrations publiques just 8,3% vum PIB, géint 10,3% en moyenne an der EU. Ech muss lech soen, datt d'DP net fir en eesäitege Sozialofbau ze kréien ass.

Här President, eng aner Alternativ ass, an dovun ass och vu mengem Virriedner geschwat ginn, d'Liberaliséierung vu verschiddene Services, wéi zum Beispill déi vun der Bunn. Do wëll ech soen, datt mir net blannemännerchers liberaliséiere ginn, wa mir net wëssen, wou mir hannen erauskommen. Ech weess nämlech net, ob mir eppes geschafft hu fir de Bierger, wann um Enn d'Leeschunge méi deier wéi virdru sinn. Déi Liberalisation vun der Bunn ass sécherlech à terme net ze vermeiden, well se vum Usaz hier an den Traitée steet a vu Bréissel viru gedréckt gëtt. Mir ginn awer elo net nach dee Prozess beschleunegen. Den Transportminister huet mat der Belsch a mat Frankräich am europäeschen Transportconseil géint den zweete Paquet ferroviaire gestëmmt. Den Henri Grethen ass nämlech mat senge Kolleegen aus der Belsch an aus Frankräich enger Meenung fir ze soen, datt fir d'éischt emol gemeinsam sozial a sécherheetstechnesch Mindeststandarden an Norm misste festgehalen ginn, an domat d'Konditiounen fir e gemeinsame Maart geschafe ginn, ier et zu enger grenzüberschreitender Liberaliséierung vun den Eisebunnsservicer dierf kommen. Dat Märchen, datt mir alles géinge blann liberaliséieren, stëmmt also net. Och déi Partei, déi haut behaupt, si géing d'Liberaliséierungsfäll a Fro stellen, misst muer Liberalisationsdécisionen vu Bréissel ëmsetzen, wa si d'Verantwortung ze droen hätt.

Här President, mir müssen eis sécher Gedanken maachen iwwert d'Effikassitéit an d'Finanzéierung vun eise Sozialsystem. Meng Fraktioun ass op alle Fall bereet, fir dorunner konstruktiv matzeschaffen. Dobäi sollte mir awer ophalen hei am Land mat dem Spill fir ëmmer erëm eenzel Elementer vum Sozialsystem einfach esou, ouni Gesamtkonzept, a Fro ze stellen. Elo zum Beispill d'Dispositionen vum Rentendéisch a Fro ze stellen, Dispositionen, déi vun alle Parteien, déi hei am Haus vertruede sinn, gedroe gi sinn. Dat ass an eisen Aen net dee richteg Wee. Um Rentendéisch ass decidéiert ginn, datt mer eis 2006 erëm zesummen un den Dösch setzen a kucken, inwiefern déi Mesuren nach duerchféierbar sinn. Wann dann Ännerungen sech imposéieren sollten, kann et op jidde Fall net sinn, datt dat zu Laaschte vun deene kleng Rente geschitt. Fir de Moment ass et op jidde Fall esou, datt sech d'Rentereserven op den 31. Dezember 2002 op bal dräimol de Montant vun de järelechen Ausgabe belafen. Et gesäit een also nach net emol e Stee vun där berühmter Mauer, an déi mir solle rennen. Ech verstinn dofir net, firwat ëmmer erëm op d'Resultater vum Rentendéisch gekuckt gëtt, wéi wann déi géingen eis ekonomesch Situatioun verschlechteren. D'Reserve si stabil an d'Kotisationen sinn net eropgesat ginn, an all Partner um Rentendéisch war bereet, fir d'Konsequenzen ze zéien, wann e Problem kéim. Dat si glaskloer a verantwortungsvoll Messagen.

Här President, bei de Krankekeesen ass elo en éischte Versuch gemaach ginn, fir méi Effizienz an de System eranzebréngen. Aus de Pensionskeese sollen 130 Milliounen Euro geschëlte Geld an d'Krankekeesen zréckfléissen, fir den Defizit ze begläichen. Jid-

deree war sech an der Tripartite bewusst, datt dat just eng Noutléisung ass an datt een dee Problem vum Krankekeesendefizit probéieren muss um Fong ze léisen.

Dat si Léisungsvirschléi, déi a mengen Aen op där richteger Plaz usetzen a justement de Wee ewech vum Abus sinn zu méi Économiséitéit ouni Leeschungssofbau fir d'Leit féiert. Et sinn och Léisungsvirschléi, déi engem de gesunde Mënscheverstand diktiert, an déi zum Deel en direkten Nidderschlag op d'Finanze vun de Krankekeese wäerten hunn. Aner Dispositionen wäerten e mëttelfristegen Impact hunn. En éischten Usaz ass do, an déi strukturell Reforme solle jo eréischt an e puer Méint decidéiert ginn. Et geet elo dréms Léisungsvirschléi ze erschaffen, a se och ze berechnen. Mir sollen déi dofir och net schonn am Virfeld futti maachen an zerrieden, eier d'Donnéeën alleguerten um Dösch leien.

Här President, wat de Chômage ubelaangt, sou muss mer eis am Allgemenge Gedanken maachen, wéi mir deen andämme kënnen oder wéi mir et fäerdeg bréngen, dass déi Zäit, wou d'Leit am Chômage sinn, sou kuerz wéi méiglech ass.

Fir d'éischte Kéier a laange Jore long de Chômage Enn Oktober hei zu Lëtzebuerg bei 4%. 8.204 Leit waren ouni Aarbecht, dat sinn der 1.749 méi wéi virun engem Joer a bal 3.000 méi wéi nach am Ufank vun deser Legislaturperiod. Hélt een de Chômage au sens large, muss een och déi derbäi zielen, déi an enger sougenannter Mesure pour l'emploi sinn. Och do ginn et der ëmmer méi. Am Oktober 2003 waren et der iwwer 4.000. D'Statistike besoen, dass et déi Jonk, déi ouni Erfahrung am Häerz trefft, an et trefft och déi haart, déi iwwer 50 Joer al sinn.

Am europäesche Verglach huet Lëtzebuerg mat 4% nach ëmmer deen niddregste Chômagetaux, mä ze bretzen ass sech net domat. Déi Feststellung tréischts sécher keen, dee sech am Chômage erëmfënnt.

D'Feststellung, dass de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart en atypischen ass mat engem 38%egen Undeel vu Frontalieren, hëlleft deem och net weider, dee seng Aarbechtsplaz verléiert, och net dass tëschent 1997 an 2002 iwwer 60.000 Aarbechtsplaze geschafe gi sinn, an nach 5.491 am éischte Semester vun deem Joer am Verglach mam éischte Semester 2002.

D'Politik ass gefuerdert fir déi geféierlech Entwécklung vum Chômage ze bremsen. Mä wat ka se maachen, fir deem duerch Konjunkturschwieregkeeten ervirgerufenen Déséquilibre tëschent der Offer an der Demande um Aarbechtsmaart entgéintzewierken? Fir d'DP ass et kloer, dass et just ee Wee dofir gëtt, eise Betriber en Ëmfeld ze bidden, dat hinnen erméiglecht sech optimal ze entfalten. Dat heescht, si bei hirer Entwécklung ze ënnerstëtzen, an dat souwuel zu Lëtzebuerg wéi och am Ausland, an hir steierlech Belaaschtung sou vill wéi méiglech erofzesetzen, fir hir Kompetitivitéit héich ze halen.

Net d'Politik schaaft Aarbechtsplazen, mä d'Betriber. An dofir huet d'Politik net d'Recht fir vun uewen erof Moosnamen ze diktéieren, déi d'Wirtschaft a Bedrängnis bréngen. Ech denken do zum Beispill un eng forcéiert generell Reduktioun vun der Aarbechtszäit. Mir gesi jo an onsen Nopeschlänner, dass dat méi Verloscht bréngt wéi Gewinn. Dat schéngt eis allen elo agelicht ze hunn, och deenen déi dat zum Beispill - och a Frankräich - nach virun enger gewëssener Zäit als e Wonnerméttel géint de Chômage gepriedegt hunn.

D'Politik muss och stänneg d'Instrumenter verbessern déi se huet, fir den Demandeur d'emploi optimal drop virzebereeden nees an den Aarbechtsmaart kënnen anzeklappen. Dofir ass et wichteg, dass mir déi Beschäftigungsmoosnamen, déi mir hunn, nach eng Kéier iwwerkucken an dass mer se och finanzéiert kréien. Dofir hu mir jo decidéiert, fir d'Accisen um Benzin ëm siwen Cent ze héijen an dat Geld a de Fonds pour l'emploi ze stiechen.

Et dierf awer an eisen Aen net zum Opbau vun engem parallelen Aarbechtsmaart kommen, wou d'Demandeure stänneg vun enger Moosnam an eng aner Beschäftigungsinitiative hin a hier gedriwwen ginn an hiert Zil, den éischten Aarbechtsmaart, aus den Ae verléieren.

All Chômeur ass e Chômeur ze vill. All gerett an all nei Aarbechtsplaz si wäertvoll, dofir loosse mir eis drops konzentréieren, alles ze maachen, fir dass eis Wirtschaft Plaze schafe kann.

Meng Fraktioun wäert alles dru setzen, dass mir d'Steierlaascht vun de Betriber net erhéijen an d'Soziallaaschten an aner Ofgabe vun de Betriber niddreg halen. Et wär dat falscht Signal un eis Betriber, wa mir iwwert de Contraire géinge schwätzen.

Mir mengen och, dass d'Bildung an d'Weiderbildung eng wichteg Roll an deem Kontext spillen. Dobäi ass eng gutt Basisformation en enorm wichtegt Startkapital, fir an d'Beruffsliewen anzeklappen a fir spéider weiderzekommen.

Dierf ech just e puer Initiativen opzielen?

Do ass den Teamteaching an de Primärschoulen. Nei Zensure sinn ausgeschafft ginn, fir de Kanner hir Stärken a Schwächen besser evaluéieren ze kënnen. Och sinn nei Léiermethoden a -programmer, esou wéi nei Schoulfibelen ausgeschafft ginn. Am zweeten an am véierte Schouljoer gi gemeinsam Épreuves um nationalen Niveau proposéiert, déi dem Enseignant besser Opschloss iwwert de Kanner hir Fakultéiten um Enn vum Ënnergrad an och am Mëttelgrad solle ginn. De Projet de loi, deen d'Schoulgesez vun 1912 reforméiere soll, ass an der Chamber déposéiert.

Am Lycée classique ass d'Gesetz, dat d'Reform vun der Division supérieure virgesäit, gestëmmt. Ze vergiessen ass och net de Règlement grand-ducal vum 10. Juli 2003, deen d'Évaluation an d'Promotioun vun de Schüler am Cycle inférieur an am Régime préparatoire vum Secondaire technique virgesäit.

Nei Formationen si geschafe ginn, wéi zum Beispill déi vum Mechatroniker. Ech denken och un d'École de la deuxième chance. A puncto Formation continue ass d'Gesetz vum 10. Juni 2002, dat d'Gesetz vum 22. Juni 1999 iwwert de Soutien an den Développement de la formation professionnelle continue modifizéiert, ze ernimmen. Dat alles si wichteg Mesuren, déi d'Emploiyabilitéit vun de Leit hëllef verbessern an hir Chancen um Aarbechtsmaart Fouss ze faasse wierklech verbessern.

Här President, wat déi zur Verfügung stoeend Instrumenter ubelaangt, sou huet d'Regierung d'Verantwortung op der Dépensésäit vum Budget iwwerholl, mä och op der Recettésäit huet d'Regierung gekuckt, fir dat Beschte erauszuschloen.

Ier ech dorop ze schwätze kommen, wëllt ech eng méi allgemeng Remarque aus dem Joseph Stiglitz sengem Buch: „Quand le capitaliste perd la tête“ zitieren: „Au cours des folles années 1990, la croissance atteint des taux qu'on n'avait jamais vus en une génération. Experts et journalistes proclament l'avènement d'une „nouvel-

le économie“: les récessions appartenaient à un passé révolu, la mondialisation allait apporter la prospérité à toute la planète. Puis, à la fin de la décennie, ce que l'on avait pris pour l'aube d'une nouvelle ère se mit à ressembler de plus en plus à l'une de ces plus brèves poussées d'activité ou d'hyperactivité, inévitablement suivies par une chute brutale, qui caractérisent le capitalisme depuis deux cents ans.“

Déi Feststellung, dass déi Évolution, déi Amerika matgemaach huet, näischt Neies wier, prezisiéiert de Joseph Stiglitz andeem e feststellt, dass d'Bulle spéculative just des Kéier op der Bourse wéi och an der Économie méi grouss war, an dass déi nei Ära e weltwäite Charakter hat, an dofir net nëmme Amerika, mä och de Rescht vun der Welt beträff huet.

Aus deenen Aussoe ginn dräi Messagen ervir:

1. Déi konjunkturrell Situatioun, an där eist Land sech befënnt, ass net hausgemaach.

2. Mir hunn an deene leschte Joren eng Poussée d'activité erlieft, déi als Suite onweigerlech en Ofschwong huet missen hunn.

3. Et ass gewot vun enger neier Ära ze schwätzen, wann et sech ëm eng Situatioun handelt vun där ee weess an déi statistesch an historesch Donnéeën engem dat beleen, dass se net éiweg undauere kann.

Fir op eist Land zréckzekommen, esou fänkt och elo net eng nei Ära fir eist Land un, et ass och keng Ära eriwuer, ech géing éischter mengen, dass mer eis an engem wirtschaftlechen Zyklus befannen, woubäi een net de Feeler soll maachen, Zyklen mat Äraen ze vergläichen oder souguer gläichzesetzen.

Ech widerhuele mech: D'Steierreformen, déi gemaach gi sinn, hunn definitiv eppes bruecht. Dat ass eis och an der Finanzkommission vum engem Spezialist aus dem Finanzministère bestätegt ginn. Et wär dofir an eisen Ae falsch, wann een op der Recettésäit bei den direkte Steieren elo géing higoen an déi eropsetzen, fir kuerzfristeg méi Recetten ze hunn. Mir stinn op alle Fall dozou, dass d'Steieren niddreg bleiwen.

Mir sinn eis all bewusst, dass de Finanzsektor den Haaptpillier vun eiser Économie ausmécht. Dofir soll dee Sektour och weider ënnerstëtzt ginn, notament duerch Mesuren, déi e weider kompetitiv maachen.

Mir sinn eis och all eens, dass eis Économie nach duerch aner Piliere niewent deem vum Finanzsektor gestäipt muss ginn. Aus deem Grond huet des Regierung eng resolut Diversifizierungspolitik bedriwwen, sief dat duerch Infrastrukturen, déi geschafe gi si fir den Etablissement vun neie Betriber ze favoriséieren, sief dat duerch d'Schafe vun engem attraktive steierlechen Ëmfeld, sief et duerch d'Schafe vun engem den Ufuerderungen entsprechem gesetzleche Kader.

D'Regierung huet der SNCI och en neit Instrument gi fir déi Leit, déi gären eng Entreprise grënnen oder iwwerhuelen, ze ënnerstëtzen. Den Établissement vu 47 neien Entreprises oder Aktivitéiten ass säit dem Joer 2000 decidéiert ginn. Mir sinn nach wie vor der Meenung, dass mer Entreprises hei zu Lëtzebuerg implantéieren sollen, déi eng héich Valeur ajoutée ausmaachen an déi an eist Land passen an deem Sënn, dass si och d'Leit vun eise nationalen Aarbechtsmarché integréieren a se och rekrutéieren. AOL, Amazon an elo neierdengs och Microsoft sinn e gutt Beispill dofir, dat ass scho virdrun zu Genüge hei gesot ginn, déi an déi richteg Richtung ginn an déi nei Impulser a Signaler ofginn, déi wäit iwwert e blousse Volet vun enger niddreger TVA ewechginn. Dierf ech och nach soen, dass duerch

déi excellent Relatiounen, déi d'Madame Ausseminister Polfer mam Colin Powell huet, si et fäerdeg bruecht huet, dass bei der WSA - dat misst d'Sozialiste jo ganz besonnesch interesséieren - keen Ofbau vu Personal geschitt, sondern dass d'Personal do bleift wou et ass.

An ech schenken, muss ech éierlech soen, engem weltwäit bekannte Grupp méi Opmierksamkeet wéi aneren, déi hei d'Saache schlecht riede wëllen. Microsoft seet an hirem Communiqué de presse vum 2. Dezember...

(Interruption)

Neen, et ass net zitëiert ginn, et ass ëmmer nëmme sënngeméisst zitëiert ginn. Et gëtt vläicht net oft genuch zitëiert, a wann Dir et net gären héiert, da muss ech lech soen, et ass awer eppes, wat a mengen Ae ganz wichteg ass, wann eng international héich bekannt Entreprise op Lëtzebuerg kënn an dat schreift: si war jo net genéidegt ginn, an et huet keen hinne gesot, si missten et schreiwen. An dofir widderhuelen ech et extra nach eng kéier, fir dass d'Leit et och solle gutt verstoen: „La plate-forme grand-ducale avec son infrastructure de pointe, la présence d'acteurs importants des médias, des télécommunications et de l'informatique, le potentiel de compétence de pointe y compris de la Grande Région, un cadre législatif et réglementaire approprié...“, an elo kënn eréischt dat, Här Statsminister, wou Dir „très bien“ soe kënn...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Här President, elo kënn dat wou den Här Statsminister wierklech ka stolz si mat senger Regierung an och „très bien“ ruffe kann an hougfreg sinn: „...ainsi que l'approche volontariste des autorités compétentes...“

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.- Très bien!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- ...ont amené Microsoft à ce choix d'implantation stratégique."

Gesitt Der, dat ass dat wat wichtig ass, all dat anert ass nëmme Geschwätz.

Wa mer diversifizéieren, dann däreffe mir och net aus dem Bléckfeld verléieren, wien eise gréissten Handelspartner ass. Wa mer déi Produkter déi mir produzéieren, net exportéiere kënnen, dann hu mer näischt gewonnen. Tatsaach ass awer, dass de gréissten Deel vun eisen Exporten an eis Nopeschlänner geet. Frankräich an Däitschland hu wirtschaftlech Problemer. A si hunn aner Regierungen.

An dat bréngt mech dann op de Stabilitéitspakt. Vill ass diskutéiert ginn iwwer d'Rigiditéit vun de Kritären. D'DP ass der Meenung, dass den EU-Ministerconseil déi richtig Décisioun geholl huet. Et soll een an deem Stadium näischt maache wat déi Länner weider belaaachte géing an hirem Bestriewen, fir hir Konjunktur erëm unzekuerbelen, entgéintzetrieden. All weider Belaaschtung fir déi Länner huet och Konsequenze fir d'Eurozon an och fir eist Land, wat net heescht dass een déi Situatioun awer net soll am A behalen. Ech sinn d'accord mat de Wirtschaftspuristen déi soen, dass déi Länner virdrun net genuch gemaach hu fir d'Stabilitéitskritären ze erfüllen. Dofir huet Lëtzebuerg gutt dru gedoen, déi pragmatesch Haltung do anzehuele vis-à-vis vu senger wichtigsten Handelspartner. Gläichzäiteg soen ech awer och, dass mer vläicht sollten higoen an de Fonctionnement vun deene Stabilitéitskritären emol iwwerdenken. Déi Iwwerleeunge sollen awer lassgelaist vu wichtigen Entschéedungen a virum Hannergrond vum Zil vun der Präisstabilitéit an engem haarden Euro gefouert ginn.

Här President, wat d'Investissementer ubelaangt, et gëtt heibai dann ëmmer esou gemaach wéi wann d'Regierung oder d'Majoritéit egal wat mam Geld géing maaachen, beziehungsweise wéi wa se géing d'Geld einfach zur Fënster erauspuchen. Et gëtt esou gemaach wéi wann et dem Land haut géing méi schlecht goe wéi 1999.

Une voix.- Dat stëmmt och!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dat konnt ee jo rezent an der Zeitung liesen.

(Interruptions)

Elo hunn ech déi ganzen Zäit interessant Saachen hei gesot, do hutt Der geschlof, elo op eemol sidd Der erwächt wann et drëm geet, dass et säit 1999 dem Land net méi schlecht geet, contrairement zu deem wat Dir behaupt.

Une voix.- Hutt Dir d'Aarbechtslosestatistiken net gesinn?

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Et gëtt gemaach wéi wann d'Regierung nëmme géing Schlechtes maachen an d'Opposition nëmme géing Guddes proposéieren. Et gëtt behaupt vun der Opposition, dass se ze vill an d'Infrastrukturen an net genuch an de Mënschen investéiere géif. Ech zitëieren lech den Här Lux: „Es ist enorm wichtig“, dat ass e wonnerbare Programm, „die Menschen zu stärken“, ech froe mech wat wat? Mat Doping oder ech weess et net. „Wir müssen wegkommen von Diskussionen über Steine und mehr über die Menschen reden.“ Dat ass e Programm, dee kéint ech och mat zwou Hänn ënnerschreiwen. An da wësse mer jo, en anere wichtigen Deel vu sengem Programm ass, „...auf wirtschaftlicher Ebene wollen wir einen Ruck einleiten“. Ech wëllt emol gäre wëssen, wat fir e Ruck dass dat ass a wéi dat geet an ob een dee Ruck net kéint op aner Gebidder aleeden.

Une voix.- Elo sidd Der zweedeiteg.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Jiddfreee sicht dat do dran, Här Asselborn, wat e fir sech fir gutt fënn.

Wann ech dat dann esou richtig verstinn, däreft net méi a Steng investéiert ginn, mä awer nëmmen nach an d'Leit. Jo, da sinn d'Sozialisten och elo dogéint, dass nei Schoulen, nei Spideeler, nei Schinnen an en neien öffentliche Transport soll organiséiert ginn. Menge si also, dass de Rentendesch, d'Steierreform, d'Kannergelderhéijung, d'Invalidérent an esou weider näischt fir de Mënsch sinn? Menge si also, dass déi vill gesellschaftspolitesch Décisiounen näischt fir de Mënschen wäeren? Fir dës Regierung ass et wichtig, gutt Infrastrukturen ze hunn, déi de Besoine vun eise Land entsprechen. Tatsaach ass, dass do e groussen Nachholbedarf bestanen huet, wéi dës Regierung hire Mandat ugetratt huet, well mir wësse jo och iwwerens dass een aacht Joer brauch fir e Lycée ze bauen. Deen Nachholbedarf hu mer an de Schoulinfrastrukture festgestallt, bei den Infrastrukturen an der Santé, mä awer och am Schinnebau.

Une voix.- Dat ass normal.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech fannen dat net normal, mä dofir muss ee kucken, dass een deen Délai reduzéiert. Ech hu jo gesot wat d'Ursaach ass, wann een haut eng Schoul baut, dass dat aacht Joer dauert. Här Gibéryen, dat kann net sinn. Et war an ass der DP op alle Fall e grousst Uleies, Här Asselborn, well ech gesinn, et kënn elo e bësse méi Animatioun, Dir sidd elo emol all erëm méi do, méi present.

(Interruptions diverses)

Ech schwätzen net esou laang wéi meng Virriedner, déi iwwer 60 Minutte geschwat hunn, ech sinn och

gläich fäerdeg. Dir braucht mech net méi allze laang ze erdroen. Dir dierft net vergiessen, dass dat heite meng lescht Budgetsried ass, vun dëser Legislaturperiod. Dofir, freet lech net ze fréi, dofir gitt mer Zäit.

(Hilarité)

Et war an ass der Regierung, par conséquent der DP op alle Fall e grousst Uleies, déi Schoulinfrastrukturen ze schafen, déi mer blutnéideg hunn. An an dëser Legislaturperiod huet d'Regierung dräi Gesetzer déposéiert, déi gestëmmt gi sinn, fir dräi nei Lycéeën ze bauen. Dat sinn de Lycée zu Péiteng, zu Esch an de Lycée zu Réiden op der Attert. De Plan sectoriel „Lycées“ gesäit vir, nach dräi weider Lycéeën zu Klierf, Jonglënster an Ettelbréck ze bauen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

D'Gesondheitsinfrastrukture sinn eis och e wichtegt Uleies. Ouni wëlle weider an den Detail ze goen, wëll ech just ernimmen - well jo ëmmer gesot gëtt, dës Regierung géif iwwerhaupt näischt maaachen, si hätt näischt opzeweisen, muss ech lech dat alles erëm eng kéier an Erënnerung ruffen, well Dir hutt alleguerten e kuerzt Gediecht nis, besonnesch an der Opposition. Ouni wëlle weider an den Detail ze goen, wëll ech just ernimmen, dass d'Bauaarbechte fir de Rehazenter um Kierchbiereg Enn November ugefaangen hunn. Fir d'Klinik Dokter Bohler ass de Grondstee geluecht ginn, d'Modernisation vun der Kannerklinik, nei Spideeler um Kierchbiereg an zu Ettelbréck, d'Modernisation vun...

(Interruption)

Jo, neen, dat ass ganz wichtig, well Dir contestéiert dat jo, dofir muss een lech dat ëmmer erëm soen. Dofir ass et ëmmer erëm gutt, gesidd Der, dass mir dat rappeléieren. Obschons dat net wouer ass wat Dir sot, dat weess jo och all Mënsch.

De Fonds du rail gëtt an deem Budget mat 50 Milliounen Euro dotéiert, an deem Kontext sief un d'Strategie „mobilité.lu“ erënnert, a mir mussen och erënnern un de Projet de loi, dee mir hei an der Chamber den 11. November gestëmmt hunn, de Raccordement ferroviaire vum Findel un de Kierchbiereg, an dann ass jo och vu mengem Virriedner geschwat ginn vun dem Bau vun enger neier Aérogare.

Ma jo, selbstverständlech, de Lëtzebuerg Flughafen muss en Accueil an e Service ubidden, déi dem Bild, dat Lëtzebuerg an der Welt ofgëtt, gerecht ginn. Dat geschitt och mam Bau vun där neier Aérogare. Si hätt jo scho laang kënnen do stoen.

Wat de Fret ubelaangt, esou besteet keen Zweifel, dass e wichtig ass. Mir sinn eis awer all eens, datt net à outrance dëse Fret soll ausgebaut ginn. An dofir sinn ech ganz besonnesch frou, och als Bierger vun der Stad Lëtzebuerg, dass den Här Grethen Folgendes gesot huet an engem Zeitungsinterview: „Cela concerne surtout le fret et ça veut dire que, si je ne m'oppose pas...“

Wann ech lech stéieren, Här Gibéryen, da sot Dir mir et!

(Interruption)

„...et ça veut dire que, si je ne m'oppose pas au développement normal de Cargolux, je suis par contre opposé à de nouvelles activités.“

Sécherheet ass och fir d'DP e wichtigen Aspekt. Mir stellen och fest, dass, wann an der Fonction publique e generelle Stopp vun den Astellunge fir den Exercice

2004 decidéiert ginn ass, de Recrutement um Niveau vun eiser Police awer virugeet. D'Regierung huet vun 1999 u järelech d'Zuel vun deenen neie Recrutementen an der Carrière vum Inspekter op 60 Unitéiten eropgesat. Mir leien haut an där Carrière bei 1.183 Leit géintiwier 1.053 am Joer 1999.

(Interruption)

Et ass eng Leeschtung. Et ass virgesinn, dass mir eppes fir d'Sécherheet maachen an dëse Rhythmus och an deenen nächste Jore bäibehalen. Och déi aner Carrière si personalméisseg an d'Luucht gaangen. De Cadre supérieur ass vun 29 op 52 eropgaangen, d'Briyadiere vun 43 op 64 an d'Zivilpersonal vun 83 op 138.

An elo kommen ech schonn zu menge Konkusiounen. Alles, wéi dat vun der Opposition gemaach gëtt, nëmme schlecht ze rieden a schlechten Zäiten, ass genausou schlecht wéi alles gutt ze rieden a gudden Zäiten. Fir dëst Joer geet de Statec vun engem Wuesstum vun 1,2% aus a fir d'Joer 2004 vu knapps 2%. D'europäesch Kommissioun rechent mat engem Wuesstum vun 1,9% fir d'Joer 2004. Mir sinn domadder sécherlech wäit vun deene 7,8 oder 9,1% Wuesstum ewech, dee mir nach virun dräi Joer kannt hunn.

Nach ass et awer esou, dass mir e Wuesstum ze verzechnen hunn an datt dat trotz allem nach op engem héijen Niveau ass. E wirtschaftlechen Émschwonk léisst sech net erbärieden, genau sou weénege wéi eng Rezessioun. Ech ka just feststellen, dass dës Regierung all d'Mechanismen, déi et eise Land erlabe sollen, esou gutt wéi méiglech duerch dës eescht, mä sécher net verzweifelt Situatioun ze kommen, a Bewegung gesat huet. An ech kann och just ofschléissend feststellen, dass dës Regierung och déi Mechanismen a Gang gesat huet, déi et eis erlaben, esou bal déi international Konjunktur an domadder och eis national Konjunktur erëm Opwand kréien, eis Segelen an de Wand ze setzen zum Beschte vun eiser Ekonomie an zum Beschten och vun eise Land.

Dat hei, dat mir elo stëmmen, ass kee Wahlbudget. D'Zuele leien all transparent um Dësch. Et gëtt näischt verheemlecht a verstoppt. Au contraire, et gëtt op d'Geforen an d'Erausforderungen higewisen an et gi Rezepten virgeschloen.

Une voix.- Très bien.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ier ech awer elo ganz ofschléissen, well ech awer am Numm vu menger Fraktioun ganz besonnesch dem Jean-Marie Halsdorf e ganz grouse Merci soen, him félicitéiere fir deen excellente schréfflechen a mëndleche Rapport an och iwwert déi Aart a Weis wéi hien d'Kommissioun ënerstëtzt huet. Ech muss allerdings soen - hien huet dat excellent gemaach -, mir waren an dëser Majoritéit verwinnt. All déi Rapporturen vun deene respektive Budgeten hunn eng excellent Aarbecht gemaach. Ech mengen, dat kann eis och an der Majoritéit mat Stolz erfüllen.

(Interruption)

Mä, an domadder schléissen ech elo...

(Interruption)

Här President, ech si jo frou. Den Här Di Bartolomeo huet et laang ausgehalen, bis op de leschten Absatz.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Et ass einfach ze vill ginn, Här Rippinger. Et ass einfach ze vill.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Elo konnt en d'Waasser net méi halen.

Mir ass et op alle Fall, Här President, net baang fir eis Zukunft, well

mat dëser Regierung a mat darselwechter Regierung d'nächste kéier...

(Interruptions diverses)

...mat Déterminatioun d'Weihe fir d'Zukunft gestallt ginn.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Loosst de Wieler dat bestëmmen.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Konjunktur hin oder hier, d'Land ass no 1999 esou fit wéi nach ni, an et ass nach Verbesserungspotenzial do.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Awer vill, awer ganz vill Verbesserungspotenzial.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Et kann een net alles matenee maaachen. Ganz viles, wann och vläicht net alles, mä ganz viles ass um richtige Wee. All déi Ursaache sinn e Grond dofir, dass d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei dëse Budget 2004 stëmmt.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

(Interruptions diverses et hilarité)

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

Une voix.- Et war ze vill déck opgedroen.

(Interruptions diverses et hilarité)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech vun eiser Säit aus e Merci riichten un de Rapporteur, de Kollege Jean-Marie Halsdorf, dee mat deem Rapport sech vill Aarbecht gemaach huet. Wann ee weess, wat fir ee Projet mir haut hei zur Diskussioun hunn, dann ass sai Mérite ëmsou méi grouss, dass hien dach awer nach et fäerdeg bruecht huet, e Rapport ze bréngen, deen zumindest an enger Rei vu Punkte kritesch vis-à-vis vum Budget war, wat een net ëmmer esou gewinnt ass, och wa mir mat de Konkusiounen, déi heeschen, mir sollen dëse Budget stëmmen, net kënnen averstane sinn.

Här President, wann an der leschter Zäit d'Parteien oder d'Fraktionspresidenten gefrot si ginn, ob mir schonn an der Wahlcampagne wieren, da war ëmmer een, dat war den Här Weiler, dee gesot huet: „Mir net, awer déi aner sinn alleguer dran.“ Wéi ech de Mëtten hei den Här Weiler héieren hunn, do hunn ech gemengt, mir wäeren net bei de Budgetsdebatten, mä mir wäeren op engem Wahlkongress, well den Här Weiler huet sech räichlech weénege mat deem Budget hei befaasst, mä hien huet vill méi déi aner Parteien zitëiert, Gewerkschaften zitëiert, Beruffschamberen zitëiert. Alles huet hien zitëiert, awer hien huet weider net zu deem Budget geschwat.

(Interruption)

Et ass dofir nun eben un der Opposition, fir eben déi zweet Säit vun der Medaille ze belichten, och dofir, datt d'Leit am Land d'Wourecht iwwert déi ganz Situatioun gewuer ginn an net nëmmen déi Schéimolerei, déi de Mëtteg hei versicht ginn ass vu Majoritéitsdeputéierten.

Sécherlech wär et falsch an der heiteger Situatioun, Panik ze streeën, d'Leit onsécher ze maaachen. Mä genausou falsch ass et awer, wann ee mécht, wéi wann alles a Botter wär, wéi wann alles an der Rei wär, wéi wa mir nach esou vill Reserven hätten, datt eis och an deenen nächste Joren näischt kënn geschéien.

Ech wëll mech dofir mat enger Rei vu Punkte befaassen, déi eiser Meenung no wichtig sinn an de

Budgetsdebatten. D'Finanzsituation vum engem Stat hänkt ëmmer vum wirtschaftleche Wuesstum of, dat heescht, dat, wat eis Betriber an déi Leit, déi do dra schaffen, erwirtschaften an anersäits wéi de Stat mat deem Geld, wat hei verdéngt gëtt, ëmgeet.

Dofir riichten och praktesch all Diskussioune sech ëm de wirtschaftleche Wuesstum. No enger ganzer Rei vu Boomjoren, wou mir am Fong ëmmer hei diskutéiert hunn, datt d'Regierung d'Recetté géng ënnerschätzen, wou mir Diskussioune iwwer Plus-valuen haten, ass dat heiten den éischte Budget, deen net méi opgeet, deen déficitaire ass a wou och schonn eng Rei vu Joren de Wirtschaftswuesstum stagnéiert. Nom Rekordjoer vum 2000, wou mir nach 9,1% haten, ass en am Joer 2001 op 1,2; 2002 op 1,3 an 2003 - elo laut deenen neieste Statistike vum Statec - op 1,2 a fir d'nächst Joer op 2% virprogramméiert.

Wann een déi Zuele gesäit, da muss een dat awer ganz virsiichteg genéissen, well déi Zuelen, déi ëmmer am Ufank annoncéiert ginn, wann de Budget deponéiert gëtt a wann de Budget dann diskutéiert gëtt, da si se an der Regel no ënne revidéiert ginn, an déi Joren, wann dann de Budget exekutéiert ginn ass, si se nach eng kéier no ënne revidéiert ginn.

Ech wëll als Beispill dëse Budget huelen, dee mir am Abléck amgaange sinn ze exekutiere vum Joer 2003. Wéi dee Budget presentéiert ginn ass, si mir vum engem Wuesstum vu 6,6% fir 2003 ausgaangen. Wéi mir de Budget diskutéiert hunn, ware mir op 2%. Am Fréijoer dëst Joer, also an deem Joer wou en exekutéiert gëtt, ware mer op 1,5%, an elo am Hier-scht si mer bei 1,2% ukomm.

De Statec, a senger Note iwwert den Impakt an den Szenario vum der Entwécklung vum PIB, kënn dann och zu de Konklusiounen - dat hu mer an der Kommissioun matkritt -, datt seng Ännerung no ënne vum PIB, vun 1,5 op 2 fir d'Joer 2003, a vun 2,8 op 2, zréckzeféieren ass engersäits op déi international Konjunktur an anersäits awer och op d'Budgetpolitik vum dëser Regierung. An zwar seet en, datt uganks dëses Joers, wéi dëse Budget opgestallt ginn ass, se Chifferen aus de Ministère kritt hätten opgrond vun deene se dunn am Fréijoer gesot a gerechent hätten, dass mer fir d'nächst Joer 2,8% Wuesstem krite an opgrond vum reelle Budget, deen awer du presentéiert ginn ass, festgestallt ginn ass, dass d'Regierung iwwer hire Budget net esou vill investéiert wéi se ëmmer no bausse seet an datt se dofir aus budgetäre Politiken huet missen 0,6% no ënne revidéieren, an déi konjunkturell Revidéierung huet nëmmen 0,3% uitgemaach.

Dat strooft also alleguer déi Ligner, déi ëmmer gesot hunn, d'Regierung géif den Investitiounsprogramm um selwechten Niveau erhalen. Hei ass ganz kloer vum Statec bewisen a geschriwwen ginn, datt déi Baisse vun 0,6% exklusiv op de Budget vum nächste Joer zréckzeféieren ass; dobäi sinn d'Gemengen nach net mat berücksichtigt. A well wa mer jo wëssen, datt d'Gemengen och wäerten d'nächst Joer manner investéieren - an déi Budgeté si jo och nach net bekannt fir de Stat - an dann och nach wäert eng zousätzlech Baisse, duerch e Minus un Investitiounen bei de Gemengen, dobäi kommen.

D'Regierung seet also net d'Wourecht wa se behaupt, d'Investitiounen op deem gläichen Niveau ze halen.

Ee weidere Punkt, deen och net esou richteg erauskomm ass bei de Majoritéitsdeputéierten, dat ass de Chômage. De Chômage ass, zënter datt dës Regierung am Amt ass - vun 1999 bis 2003 -, vu 7.036 op 11.205 Persoune geklommen, dat mécht eng Progressioun vu

ronn 60% méi Chômage, zënter datt dës Regierung am Amt ass. An et ass en Taux vu 5,61, well fälschlecherweis, wa mer den Taux de chômage rechnen, huele mer déi Leit an de Beschäftigungs-moosnamen eraus. Mä déi muss ee mat eran huelen an dann hu mer keen Taux am Abléck vu 4%, mä mir hunn en Taux vu 5,61%. Wann een also bedenkt, datt an dëser Regierungsperiod de Chômage ëm 60% geklommen ass an datt am Mee 2000, bei der Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun, de Statsminister hei gesot huet, de Chômage zu Lëtzebuerg wäert an der Moyenne vum Joer weider fallen, da gesäit een datt déi Wäitsicht, déi eise Statsminister sech ëmmer selwer zouschreift, éischter eng Kuerzsiichtegkeet ass, well de Statsminister jo sot, de Chômage fällt weider, an duerno ass en esou vill geklommen, wéi en nach ni an der Nokrichszäit hei zu Lëtzebuerg geklommen ass.

A mir fäerten, datt mer bei där Virausso, déi mir als ADR gemaach hunn, andeem mer gesot hunn, datt mer an de Joren 2005, 2006 wahrscheinlech bei engem Chômagetaux vun 20.000 Persoune ukommen, Recht behalen an datt et riicht an déi dote Richtung geet. Mir hunn an eiser Beschäftigungsentwécklung hei zu Lëtzebuerg e Paradox, deen een a kengem anere Land fënnt. International gëtt am Fong gesot, datt eng Ekonomie muss 2% wuessen, fir datt se zousätzlech Aarbechtsplaze schafft. Hei zu Lëtzebuerg soen d'Experten aus dem Statec, datt et 3 bis 3,5% fir Lëtzebuerg wäeren, a wann een d'Produktivitéitsentwécklung géif mat arechnen esouguer 5%, déi mer missten hu fir Aarbechtsplazen ze schaffen.

Mir haten an deenen dräi leschte Joren, 2001, 2002 an 2003 zesummen, awer nëmmen e Wuesstem vun 3,7% a mir hunn awer an deenen dräi Joer netto 29.000 an e puer honnert Aarbechtsplaze geschaaft. Dat heescht also an dräi Joer bal 30.000 nei Aarbechtsplaze geschaaft, obscho mer an deenen dräi Joer zesummen nëmmen 3,7% Wuesstem haten. Dat geheit all déi Theorien, souwuel déi vum Ausland vun 2%, wéi déi wéi hei zu Lëtzebuerg gesot gëtt vun 3,5%, souguer jee nodeem 5%, op d'Kopp, well mer mat engem Wuesstem während dräi Joer, dee knapps iwwert 1% war, nach Rekordastellungen hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn.

Firwat dass dat esou ass, ass sécherlech schwéier ze definéieren. Et ass sécherlech een Deel den Ausleefer vun de Boomjoren, wou et de Betriber nach guft gaangen ass a wou d'Commanden nach déck waren. Well wann ee gesäit, datt mer 2001 nach 14.700 Aarbechtsplaze geschaaft hunn, fällt et awer 2002 op 8.700 zréck an dëst Joer op 6.000: sou datt een awer gesäit, datt den Trend no ënne geet. Et ass awer och sécherlech d'Ausso vun der Regierung, andeems se ëmmer behaupt huet, si géif och an deenen nächste Joren deeselwechten héijen Investitiounsniveau behalen, deen d'Betriber dozou gefouert huet, fir eben och weider mat der Astellungspolitik ze fueren. A well mer - a mir wäerten herno och nach drop zréckkommen - bewisen, datt déi Investitiounspolitik net op deem Niveau wäert bleiwen a well mer fäerten, dass mer och sécher e gudde Deel vun deenen 30.000 Leit, déi mer an deene leschten dräi Joer agestallt hunn, an deenen nächste Jore wäerten op der Strooss, am Chômage erëmfannen, an datt dann eben déi Ziel, wou mer gesot hunn, leider wäert Realitéit ginn a mer lues a lues op 20.000 Chômeure wäerten zougoen.

All Dag kréie mer schlecht Noriichten - Villeroy & Boch, Groupe St. Paul, Cepal - a mer wëssen alleguer, datt eis nach leider eng Rei vun anere wichtige Betriber an deenen nächste Woche wäerte mat hire Problemer konfrontéieren.

E wichtige Faktor fir d'Ekonomie unzekuerbelen ass d'Gewerbesteier. D'Gewerbesteier ass eng reng Gemengesteier. Gelder déi d'Gemenge brauche fir Liewensqualität, Wunnraum an nei Obligationen ze schaffen, an déi d'Gemengen iwwert de Précoce, d'Structures d'accueil, d'Crêchen an esou weider kréien. Mä wann d'Gemenge méi Obligationen a manner Gelder kréien, da geet déi Rechnung do net op.

A wa mer eng Circulaire kucken, déi vum Innenminister un d'Gemenge geschéckt ginn ass, wou dra stoung, datt d'Gemengen 2003 600 Milliounen Euro kruten an elo bei där neier Circulaire kréie mer da matgedeelt, datt et keng 600 Milliounen fir 2003 wäeren, mä 495 Milliounen. A wa mer aus der Finanzkommissioun wëssen, datt d'Verwaltungen e Retard beim Encaisséieren hunn - an zwar war dat de leschte September 6% - an eis vis-à-vis vun deenen zwee Joer virdu gesot ginn ass, datt se dovunner géifen ausgoen, datt an deenen nächsten, also an deene leschten dräi Méint, déi Retardé vu 6% géifen opgeho ginn, sou hu mer awer an de leschte Chiffere vum Oktober konnte feststellen, datt en net erofgaangen ass, mä datt de Retard beim Encaissement vu 6 op 7% eropgaangen ass.

A wa mer da wëssen, datt d'Gemenge wahrscheinlech fir 2003 net déi Zomm kréien, déi an der Circulaire steet an datt se 2004 op 440 Milliounen an 2003 op 300 Milliounen erofgeet, da bréngt dat natierlech Konsequenze mat sech, déi fatal si fir d'Gemengen a virun allem awer och fatal si fir d'Lëtzebuerger Ekonomie. Well d'Gemengen investéieren - au contraire zum Stat, dee méi a Prunkbauten investéiert, deen all méiglech Tricke mécht, fir déi grouss Investitiounen och nach un auslännesch Firmen ze verginn - flächendeckend, queesch duerch d'Land a se schaffen Aarbecht fir d'Mëttelbetriber, fir d'Handwierk, fir den Handel, fir d'Ingenieursbüroen, fir d'Architekturbüroen. A wann d'Gemengen déi Méiglechkeeten ewech geholl kréien, da geet och iwwert dee Wee de Chômage an d'Luucht an dann ass d'Regierung - an ech hunn dat schonn hei gesot - awer eleng responsabel fir dee Chômage, dee mer dann hausintern iwwert deen dote Wee decidéieren.

D'Problemer vum Wunnengsbau kënnen nëmme mat de Gemenge geléist ginn. Elo schonns mussen d'Leit Präisser bezuelen, déi bal net méi ze bezuele sinn. Eng normal Famill ka sech haut hei am Land keng Wunneng méi leeschten. A wann den Innenminister higeeet an e seet, d'Zäit vum Gréngs ronderëm d'Haus wier eriiwwer, da wëlle mer ganz kloer soen, datt dat de Beweis, den Échec ass vun der Wunnengsbaupolitik vun dëser Regierung, wou mer da fréier Ostblocksituatiounen wëlle schaffen, wou d'Leit dann eben a Këschten, an Appartementshaier verfracht ginn, an datt déi Liewensqualität, déi mer hei zu Lëtzebuerg bis elo gewinnt waren, net méi ka sinn.

D'Perimetre gi bis haut nach ëmmer vun de Gemengen decidéiert an d'Gemenge sinn nëmme bereet d'Perimetere ze erweideren, wa se och d'Méiglechkeet kréie fir d'Nofolgekäschten, déi déi mat sech bréngen, kënnen ze bezuelen. A wa se déi Méiglechkeet net kréien, da gëtt et keng Perimetererweiderungen an da ginn d'Präisser weider an d'Luucht. An och déi Politik, déi mer gemaach hu mat Subventionen a Bonifikatiounen um Wunnengsbau, déi kann nëmme gräifen, wann och d'Offer stëmmt. Well an enger fräier Maartwirtschaft ass et halt nach ëmmer esou, datt d'Offer an d'Demande de Präis bestëmmen, an dofir mussen d'Gemenge méi Geld kréien.

An doriwwer eraus, wann d'Gemengen déi Suen net kréien, gi se forcéiert hir Taxen an hir Steieren ze erhéijen, an dat bréngt da mat sech, datt se jiddereen treffen, och déi Leit, déi vun der Steuerreform, déi mer als Stat gemaach hunn, net konnte profitéieren, an dofir wollt ech dem Statsminister soen, datt global gesinn d'Steierpolitik dann eng onsozial Politik ass, well mer um staatlechen Niveau enger Kategorie vu Leit Steiererlicherunge ginn. Déi, déi vill verdéngt hunn, hu ganz vill Steiererlicherunge kritt. Déi, déi wéineg verdéngt hunn, wéineg, an déi, déi bal näischt verdéngt hunn, hu keng Steiererlicherunge kritt.

Wann d'Gemengen awer elo d'Taxen an d'Steieren, wéi zum Beispill d'Gemeng Lëtzebuerg, déi drastesch drageschloen huet, erhéijen, dann treffe se och alleguer déi Leit, déi vun der Steuerreform net konnte profitéieren an da gëtt et, wéi gesot, global gesinn eng onsozial Steierpolitik, déi dann opgrond vun enger Politik vun dëser Regierung Realitéit gëtt, an dofir wëlle mer nach eng kéier erënnere als ADR un eis Negativsteier, déi mer agefouert hunn, wou dann och déi méi sozial Schwaach am Land kënnen iwwert de Wee vum Crédit d'impôt vun deene Steierermässigung profitéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch d'Gesetz vum 21. Dezember 2001 hu mer den Taux geännert zu Gonschte vun de Betriber fir den Impôt commercial erofzesetzen. Et ass vum Syvicol eng Solidaritéit tëschent de Gemenge verlaangt ginn an et ass vum Syvicol e Konsens fonnt ginn tëschent de Gemengen, fir eng gewësse Solidaritéit spillen ze loosser, fir datt net déi eng oder déi aner Gemeng aus der Rei dantz an dann eben higeeet an hiren Impôt commercial héicht, fir dann op där anerer Säit méi aus dem Déppen ze kréien, wat dann op Käschte vun deenen anere Gemenge geet. An ech war dofir iwwerrascht, Här President, wéi mer an der Press gelies hunn, datt d'Diddelenger Gemeng eng massiv Erhéijung vum Impôt commercial decidéiert huet. An ech konnt mer net erklären, datt et eng Gemeng gëtt, déi aus deem Solidaritéitspakt do ausgebrach wier...

(Interruptions diverses)

Ech fänken elo mol un, Här Bodry. An ech hu mech du gefrot: Wien ass zu Diddeleng an der politescher Responsabilitéit? Ech hunn dunn d'Téléfonbuch geholl an ech hunn d'Säit erausgerappt, Här President, ...

(Hilarité)

...an da steet do als Buergermeeschter e gewëssene Mars Di Bartolomeo, an dunn hunn ech bei mir geduecht, ma dee kennst de dach. Dat ass dach dee vun de Sozialisten, deen am Parlament ass, deen am Syvicol ass, deen do fir Solidaritéit ënnert de Gemenge plädéiert huet.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Neen, dat war den Innenminister. Dir hutt lech géiert, Här Gibéryen, et war den Innenminister, dee fir d'Solidaritéit war.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Sidd frou, datt den Här Klein net hei ass, well dee géif ënnert de Stull...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dat war den Innenminister. Mir hu gesot, de Waffestellstand géllt fir ee Joer. Neen, deen ass falsch informéiert.

(Interruptions diverses)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Dunn hunn ech weider gelies, Alex Bodry. Do hunn ech geduecht, dat ass dach och nach ee vun de sozialisteschen Deputéierten, dee mat der Solidaritéit do war, dee matgestëmmt huet, datt den Impôt commercial soll erofgesat ginn, an ech hu weider gelies, den Drëtten,

Marc Zanussi. Do hunn ech geduecht, dat kann dach net sinn, ...

(Interruptions diverses)

...dräi sozialistesche Deputéierten, déi d'absolut Majoritéit an där Gemeng hunn, déi no kengem anere brauchen ze kucken, no kengem Koalitionspartner. Déi kënnen ganz eleng decidéiere wat se maachen, an dat sinn dann déi dräi, déi ech e puer Deeg virdu op der Televisioun gesinn hunn, eng Pressekonferenz vun de Sozialisten am Interesse vum Mëttelstand, wou e Ruck sollt duerch d'Land goen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Wann d'Steieren eofgesat ginn!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Den Här Weiler gëtt mer do Recht. Do sollt e Ruck duerch d'Land goen. A wou ass de Ruck gaangen? Zu Diddeleng hu se...

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- An iwwer Fréiseng ass de Pleitegeier amgang ze reesen! Bei lech reest de Pleitegeier ronderëm, Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen (ADR).- ...de Ruck vun de Sozialiste matkritt. An do hunn d'Sozialiste bewisen, d'sozialistesche Wirtschaftspolitik ass Géft fir eis Betriber.

Ech si frou, Här President, datt och mäi Kolleg Lucien Weiler mer elo d'Zoustëmmung heizou ginn huet.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Mä dat ass ganz geféierlech fir lech!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Well ech domadder och d'Zoustëmmung vum Här Weiler kréien, datt et falsch war, datt zu Diddeleng an der Gemeng d'CSV déi do Erhéijung matgestëmmt huet.

Une voix.- A gären, a gären!

(Hilarité)

Une autre voix.- Ma si hat jo och zu Suessem dofir gestëmmt.

M. Gast Gibéryen (ADR).- An datt et falsch war, datt dat Joer virdu fir d'Suessemer Gemeng, wou en CSV-Gréng-Schäfferot ass, och massiv Erhéijungen...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Mä mir loosser eis net alles gefalen!

(Brouhaha général)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Mars Di Bartolomeo, e kann lech nëmmen e gudder Rot ginn.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Vun lech huelen ech keng Réit un!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Wann ech Member am Syvicol sinn, deen et fäerdeg bruecht huet datt d'Gemengen iwwert de Syvicol iwwert den Dësch gezu si ginn am Kader...

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Sot eis emol wat fir een Taux dass Dir hutt an Ärer Gemeng, amplatz dass Der eisen zéiert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- D'Gemeng Fréiseng huet schonn zéng Joer den Taux net méi geännert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- A wéi ass en dann?

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Dir kënn lech jo aschreiw loosser!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, et ass esou schéi wa meng sozialistesche Kollegen hei weisen...

(Interruptions diverses)

Op jidde Fall, Här Di Bartolomeo, wann ech Member an Ärer Plaz am Syvicol wier, da géif ech fräiwëlleg d'Démissioun ginn.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dat géif lech esou passen, well den éischten Ersatz ass ee vun dem ADR!

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Da wier et wierklech derwäert datt mer géinge wiesselen, well et kënnt nëmme besser ginn.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Léiwer net!

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Da komme mer op en anere Punkt, dat sinn d'Fongen. D'CSV gétt net midd ëmmer doruechter ze erklären, wéi wichteg datt déi Fonge wieren, a wéi gutt datt hir Budgets-a Finanzministere gewiescht wiere fir déi Fongen do ze schafen.

Här President, d'CSV wëllt domadder d'Impressioun am Land ginn, wéi wa si déi Fonge geschaaft hätt, wéi wa si dat Geld verdéngt hätt, alles datt se net soen, et wier hiert Geld. Mä dat si Gelder, déi an de Betriber erschafft gi sinn an iwwert de Wee vu Steieren un de Stat ofgefouert gi sinn. A keng Partei heibanne war jeemools rosen, datt mer Plus-valuë kritt hunn. Déi eenzeg Diskussioun, déi mer emol hatten, war déi, datt déi eng gesot hunn, kommt mir iwwerweisen der méi op dee Fong oder op dee Fong oder nei Fongen, awer et war ni eng Diskussioun, datt eng Partei rose war, datt mer déi Plus-valuen hatten, an d'CSV misst sech vläicht de Virwurf gefale loossen, duerch hir Politik ass net genuch Geld an de Fongen. Wa se déi Steierverschwendungen an deene leschte Joren net gemaach hätt, wa se net honnerte vu Milliounen bei engem Pei-Musée zur Fënster erausgeworf hätt, wa se net honnerte vu Milliounen fir e Centre de Conférence, bei den Héichuewen, bei der Rockhal an esou virun zur Fënster erausgehäit hätt, hätte mer nach méi Suen an de Fongen, wéi mer der haut hunn. Duerch Är Steierverschwendungen hu mer haut net esou vill Gelder an de Fongen.

(Interruptions diverses)

Mir hätte sollen no Prioritéite fueren. Mir wëssen alleguer, an de Rapporteur hat de Courage et a sengem Rapport ze schreiwen, datt 2006 d'Fongen eidel sinn. An der Grafik, an de Kolleeg Krecké huet se de Mëtteg och hei gewisen, déi am Rapport ass, geet kloer ervir, datt 2006 d'Fongen eidel sinn an datt mer esouguer 2007 600 Milliounen am Defizit sinn.

Mir hunn och an dëser Regierungs-period méi Projete gestëmmt wéi mer Geld hunn, an esouguer wa mer de pluriannuellë Plang vun deenen nächste fënnef Joer kucken, stelle mer fest, datt mer déi Projeten net all realiséiert kréien, déi mer iwwerhaupt kënnen an deenen nächste fënnef oder zéng Joer finanzéieren. Mir brächten am Fong kee neit Parlament. Wa mer eis eens géife ginn, géife mer et verlängeren ëm fënnef Joer, well et brauch ee keng nei Projete méi ze stëmmen, well mir hunn dat Geld net.

An da kënnt awer e wesentleche Punkt, d'Transferte vum Budget un d'Fongen. 2001 hu mer 415 Milliounen vum Budget an d'Fongen iwwerweisen. Dat geet 2002 op 205 Milliounen erof. 2003 op 340 Milliounen erop. An dann 2004 an 2005 geet et op 440 a 483 Milliounen erop. An ech wäert do nach drop kommen, fir ze beweisen, datt dat net méiglech ass, well d'Steierrecetten erofginn. A wann d'Regierung an hirem pluriannuelle Plang seet, si géif méi Suen an d'Fongen iwwerweisen, da kann dat nëmme bedeuten, well d'Steieren op där enger Säit réckgäנגeg sinn, datt d'Regierung, wann déi hei am Amt bleift, no de Wale massiv Steiererhéijunge plangt oder se, wéi eis däitsch Frënn soen, den Ausver-

kauf vom Tafelsilber wëlle maaichen.

De pluriannuelle Plang, dee virgestallt ginn ass, dee geet net op, well d'Fongen 2006 eidel sinn. Am Plang ass och nach virgesinn, datt 2004 120 Milliounen Euro, 2005 150, 2006 150 an 2007 150 Milliounen Euro als Emprunt virgesi sinn. Elo wësse mer scho mat wat fir engen Tricken - an duerfir nennen ech dese Budget den trickinicki Budget - dës Joer huet misse geschafft ginn, fir datt dee Budget mol nach net opgeet. En ass nach defizitär.

Et ass en Emprunt vun 120 Milliounen Euro fir d'Fongen ze speise virgesinn. Den Undeel vun den Accisen um Benzin geet ëm siwen Cent pro Liter erop. D'Participatioun vum Stat bei der Fleegeversécherung gétt ëm 11 Milliounen Euro erofgesat. Den Déifstall bei de Pensionskeesen, fir d'Krankekeesen ze sanéieren, beleeft sech op 130 Milliounen Euro. De Verkauf vum Robert Schuman-Gebai um Kierchbiere 60 Milliounen Euro. De Verkauf vu staatleche Participatiounen un d'SNCI an Héicht vun 30 Milliounen Euro. D'Steierprovisiounen bei de Banke vun enger Millioun si praktesch opgeschafft. D'Post muss 11 Milliounen Euro weider un de Stat iwwerweisen. Alles dat, Här President, huet an dese Budget misse mat agebaut ginn, fir en awer net opzekeréien an en als defizitär hei ze presentéieren.

Wa mer also wëssen, wat mer alles hu misse vun Tricke maache fir dese Budget bal an den Equiliber ze kréien, wat gétt dann déi Joren duerno, wann dat net méi méiglech ass an och d'Steieren nach erofginn? Do, mengen ech, seet d'Regierung net ganz d'Wourecht. Dat muss een hei esou festhalen.

D'Reserve bei de Banken, d'Steierprovisiounen, do haben d'Banken am Joer 2000 943 Milliounen Euro do leien. 2001 ginn déi op 829 Milliounen erof. 2002 gi se op 632 erof. Vun 2003 ass eis kee Chiffer matgedeelt ginn, mä et gétt gesot am Budgetsrapport 2004, do géinge se nach eng Kéier 400 Milliounen erof, an da si se 2005 eidel. Dat heescht d'Kierperschaftsteier, wouvun d'Recetten, déi elo am Budget stinn, tëschent 20 a 40% sinn, jee nodeem wat fir ee Joer, do hu mer vun 2005 un déi Provisiounen net méi. Och wäert d'Kierperschaftsteier an deene Joren ëm en héije Prozentsaz falen, a mat der Kierperschaftsteier dann automatesch och d'Gewerbsteier bei de Gemengen.

Do kënnt also e groussen Abroch, Här Halsdorf, Dir hutt selwer déi Konkusioun an Ärem Rapport gezunn.

(Interruption)

Här Halsdorf, an Ärem Rapport schreift Der: „...souguer wa mer eng Relance krite dat nächst Joer, ...“ - déi net kënnt - „...géif et mindestens bis 2007 daueren, bis mer iergendwéi kéinte vun enger Progressioun vun der Kierperschaftsteier schwätzen, vu datt mer d'Steiere mat engem Retard vun dräi bis véier Joer encaisséieren.“

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.**- Et ass e Ganzt.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass e Ganzt, mä Dir hutt et aus den Ae verluer.

En anere Punkt, Här President. Dës Regierung behaupt ëmmer, si hätt keng Schold.

(Interruption)

Ech si frou, datt d'Madame Stein mer mol eng Kéier Recht gétt.

(Interruption)

Wann de Luef vun der Madame Stein kënnt, kënnt Der awer net behaapten, ech géif nëmme déi schlecht Saachen zielen. Passt mol op wat Der sot!

Här President, d'Regierung behaupt permanent mir hätte keng Schold. Ech wëll un Hand vun

zwee Beispiller weisen, datt mer Schold hunn.

D'Garantiegesetz. D'Garantiegesetz, wou de Stat, wann en e Projet mécht, amplat datt en da Sue léine geet, fir de Projet ze bezuelen, bei eng privat Gesellschaft geet an zu deene seet, léint Dir d'Suen, da baut Dir et a mir bezuelen lech iwwer 20 Joer e Loyer zrëck, mat deem Dir den Emprunt kënnt rembouriséieren, an dann ass et no 20 Joer eist. Dat ass genau datselwecht wéi en Emprunt, mä et ass just eng kleng Déviatioun iwwer e Betrib gemaach, mat dem Resultat datt d'Regierung seet, dat ass keng Schold.

Dat ass wuel, laut de Kritären, déi am Maastrichter Vertrag sinn, keng Schold, mä et ass eng Schold fir de Stat. Am Abléck hu mer 27 Milliarden aler Frang iwwert d'Garantiegesetz ze rembouriséieren, oder 681,646523 Milliounen Euro. Dat ass eng Schold, näischt méi an näischt manner. Ech gesinn, datt den Här Budgetminister mer net widderspricht.

Dann d'TVA. Wa mer kucken, wat de Stat un TVA ze rembouriséieren huet. 1999 hat de Stat 209 Milliounen Euro oder 8 Milliarden ze rembouriséieren. 2002 hat de Stat 462 Milliounen Euro ze rembouriséieren, an 2003 - lauschtet gutt - huet de Stat 622,486668 Milliounen Euro, ronn 25 Milliarden TVA, an dat bis de leschte September, net bis Ausgangs vum Joer, u Betriber, u Persounen ze bezuelen. Dat heescht, de Stat huet 25 Milliarde Schold vis-à-vis vun de Betriber a vun de Leit. A firwat huet en déi? Ma well d'Trésorerie net méi à même ass, dat ze bezuelen, wat iwwerall d'Gemengen zegutt hunn, Leit, déi Subsidien ze kréien hunn, kee kritt méi Suen zënter Wochen hei am Land iwwerweisen. D'Gemenge kréie méi kleng Avancé wéi déi, déi se solle kréien, well d'Trésorerie keng Sue méi huet.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Wann Der sot, et wäre keng Sue méi an der Trésorerie, da sot mer de Montant vun de moien a vu gëschter.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Sidd Dir Budgetminister oder sinn ech et? Wéi vill hutt Der dann dran? Sot et!

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Da soen ech lech, datt 3 Milliarden Euro an der Trésorerie sinn.

Ech hunn lech an der Finanzkommission erkläert, datt mer d'Avancé vun de Steieren un d'Gemengen adaptéiert hunn a Funktioun vun de reelle Recetten, an datt et net mat engem Trésoreriesproblem ze doen huet, mä datt mer wëllen évitéieren, datt am Enn vum Joer, wann een dat eréischt ka richtig feststellen, mer Suen erëm müssen zrëcksiche goen.

Duerfir hat ech lech dat erkläert. Op all déi Saachen, déi Der de Mëtteg gesot hutt, kann ech zrëckkommen. Do si weinstens 70 Punkten, déi falsch sinn, an duerfir géif ech lech bieden op d'mannst bei Faité bei der Realitéit ze bleiwen.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Da loosse mer mol virufueren, an Dir kënnt mer dat dann emol erklären.

Firwat, Här Budgetminister, huet de Stat 25 Milliarde Schold bei de Betriber? Wou Betriber souguer de Stat usichen, well se déi Suen net rembouriséiert kréien. Wou elo souguer ee gewonnen huet, wou de Stat Recours dergéint gemaach hat a verurteelt gouf, e misst de Betriber se bannent dräi Méint ausbezuelen. A wou de Finanzminister, den Här Juncker, an der Finanzkommission gesot huet, wa mer do verléieren, da musse mer d'Ge-

setz änneren, datt mer net brauchen zrëckbezuelen, an dat well se net kënnen zrëckbezuelen, well Dir misst, Här Budgetminister, bannent dräi Méint déi dote Suen de Betriber zrëckbezuelen, well se gehéieren de Betriber an de Leit, an da misst Der muer de Moien - Dir hutt mer jo elo gesot, wat Der haut de Moien an der Keess hat - de Schlüssel ënnert d'Dier an Ärem Finanzministère leeën. Hei huet de Stat eng Schold.

(Interruption)

Här President, ech loosse den Här Minister net méi dertëscht schwätzen. Ech fueren elo virun, hie ka jo herno schwätzen.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Dat ass just falsch. Wéi vill hunn d'Betriber nach ze bezuelen a wéi eng Vérificatioun muss de Stat maachen?

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Hei huet de Stat eng Schold vis-à-vis vun de Betriber vu 25 Milliarden, Gelder déi d'Betriber brächten. Hei si Betriber, déi hu Suen ze vill bezuelt, a se hu souguer vun der Verwaltung eng Strof operluecht kritt, dass se d'Suen net séier genuch bezuelt hunn. Suen, déi se dem Stat ni schëlleg waren, a wou se elo musse Méint a Joren drop waarde fir déi Suen zrëckze kréien.

Dat ass e Skandal, an dat ass eng Schold, eng Schold vu 25 Milliarden aler Frang, déi de Stat vis-à-vis vu senge Betriber huet. An ech zitéieren, well den Här Budgetminister ëmmer seet ech géif hei net d'Wourecht soen, dofir zitéieren ech dann d'Cour des Comptes an hirem...

(Interruption)

Majo, Här Halsdorf, ech wollt elo grad hei aus dem schrëffleche Rapport...

(Brouhaha général)

D'Cour des Comptes seet an hirem Avis: „L'augmentation du solde de la TVA à rembourser constitue pour l'État une source de financement mais correspond de fait à un endettement supplémentaire de l'État à l'égard des personnes physiques et morales ayant un droit à la restitution de la TVA, une dette susceptible de devoir être remboursée à un moment donné.“ An e schreift weider: „D'un côté, un stock de TVA à rembourser de plus de 679 millions d'euros s'est constitué en trois années. Partant les budgets futurs seront donc inévitablement hypothéqués par le remboursement.“ Dat schreift d'Cour des Comptes an hirem Avis. Et ass eng Schold, déi de Stat vis-à-vis vun de Betriber huet.

An dobäi muss ee wëssen, dass och vun där TVA, déi d'Betriber müssen erëmkreien, schonn an der Verdeelungsprozedur een Deel och un d'Gemenge weidergeleet ginn ass, well déi jo vun de Prozentsätz vun der TVA kréien. A wa mir déi dote rembouriséieren, dann erreche mer an deenen nächste Joren déi Recette um Niveau vun der TVA net, déi weder am Budget vun 2004 nach an deene Budgeten duerno steet. An d'Betriber brächten dat dote Geld, dat ass wichteg Geld fir d'Betriber fir kënnen ze investéieren, fir kënnen ze iwwerliewen. Hei si Betriber, déi ginn an d'Faillite well de Stat Schold bei hinnen huet an der Héicht vu 25 Milliarden Euro.

(Interruption)

An et ass e Skandal, Här Di Bartolomeo, an et ass e Skandal, dass de Stat déi Suen net zrëckbezuel, an dass de Stat souguer déi Suen net zrëckbezuel, wou e Gerichtsuerteel virläit, dass e se misst zrëckbezuelen!

An da kommen ech op de Prinzip vum Stat, vum Rechtsstat. Net nëmme, Här President, wat d'TVA ubelaangt, mä och a villen aneren Domäne gétt dese Stat op de Gerichter veruerteelt, dass Betriber oder dass Privatleit vis-à-vis vun

Stat Prozesser wannen. An de Stat refuséiert a ganz ville Fäll, déi Gerichtsuerteeler ze exekutéieren, ze akzeptéieren. Leit, déi op de Gerichter Suen zougesprach kréien, déi de Stat net ausbezillt, och dat ass an engem Rechtsstat e Skandal, a wann ee weess dass mer eis dann net méi an engem Rechtsstat befannen, well de Pouvoir exécutif net méi Gerichtsuerteeler akzeptéiert an net méi exekutéiert, da gi mer an eng Richtung vun enger Banannerepublik. An an enger Banannerepublik, do gëtt et kee Statsminister, well déi hunn en Häuptling un der Spëtzt stoen. Oder mir ginn an d'Richtung vun enger Diktatur, déi hunn och kee Statsminister, mä déi hunn en Diktator un der Spëtzt stoen.

A mir hunn e Statsminister hei a mir géifen och gären e Statsminister hei behalen, dofir géife mir och gären e Rechtsstat behalen, an dofir soll de Stat déi Uerteeler, déi um Geriicht geholl ginn, och selwer respektéieren, esou wéi e vun all anere Bierger och hei am Land verlaangt, dass deen déi muss respektéieren.

E weidere Punkt, Här President, dat sinn d'Stabilitéitskritären. Och do hu mer gesinn, dass eise Statsminister lernfäeg ass. Wéi d'Kritären agefouert gi sinn, war hien deen, deen dofir ageetratt ass, dass do misst d'Stabilitéit, dass déi Kritäre misste respektéiert ginn. A wéi virun zwee Joer eis däitsch an eis franséisch Nopere Problemer krute fir déi Kritären ze respektéieren, do war et eise Statsminister, dee Lektionen erdeele gaangen ass an d'Ausland an deene gesot huet, dass dat net geet an dass déi Stabilitéitskritäre misste skrupellos respektéiert ginn. An elo op eemol, zwee Joer méi spéit, ass et deeselwechte Statsminister deen dann eng Kurskorrektur vun 180 Grad mécht a seet, et muss een dat verstoen, a seet, dat si schliesslech eis gréisst an eis wichtegst Handelspartner an dofir musse mer mat deene solidaresch sinn, dass déi d'Kritären net brauchen esou ze respektéiere fir dass eng Relance kënnt. Mä wousst de Statsminister da virun zwee Joer net, dass se och deemools schonn eis wichtegst Handelspartner waren? An ech gi souguer sou wäit wéi een zrëckkucke kann, et waren ëmmer eis wichtegst Handelspartner an net elo eréischt zënter sechs Wochen.

A wann een da weess, dass dat net d'Ursaach ass, dat ass den Alibi fir kënnen ze soen, d'Stabilitéitskritäre brauchen net respektéiert ze ginn, well bei deenen Aussoe vum Statsminister vis-à-vis vun Däitschland a Frankräich, do huet e méi u sech selwer geduecht. Dat ass eng preventiv Ausso, an zwar well e weess, dass Lëtzebuerg wahrscheinlech dat Land ass, wat als nächst d'Stabilitéitskritären net wäert respektéieren. An dofir huet en elo eng Fuite no vir gemaach an en huet gesot, ënnerstëtzt déi Däitsch an déi Franséisch, an da kënnt e mat engem fadescheingen Argument fir do ze soen, majo dat sinn eis Handelspartner, dat ware se nach ëmmer. D'Ursaach ass, well Lëtzebuerg ganz no un deene Kritären uläit.

(Interruption)

An och do wëll ech, Här Clement, aus dem Avis vun der Zentralbank virlesen, déi do schreift en définitif: „Un déficit de l'ensemble des administrations publiques proche de 2% n'est nullement à exclure pour 2004“, a schreift weider: „la situation pourrait encore se détériorer quelque peu en 2005 sous l'influence d'une évolution défavorable des recettes collectées au titre d'impôts directs, dont sont redevables les sociétés.“ An de Rapporteur, dee jo gesot huet, ech soll sâi Rapport liesen, dee schreift: „Ainsi le Luxembourg se rapproche rapidement de la valeur de référence de 3% fixée dans le pacte de stabilité de la croissance européenne.“ Dat heescht et ass also net eng Behauptung vun eis eleng,

mä souwuel d'Banque Centrale wéi de Rapporteur schreiwen, dass mer kuerz virun deenen 3% sinn, a wann e weideren Abroch kënnt vun de Steierrecetten, oder eng weider Verschëldung kënnt, dass mer dann iwwert déi 3% wäerten erausgoen.

A wa mir géifen higoen, Här President, a mir géifen déi 50 Milliarde Schold, déi de Stat als TVA vis-à-vis vun de Bierger a vun de Betriber huet, oder déi 27 Milliarde Schold aus dem Garantiesgesetz, mat arechnen, da géife mer am Abléck schonn d'Kritären net méi erfëllen. Dat ass d'Realitéit, an dofir déi 180-Grad-Kurskorrektur vun eisem Statsminister.

D'Krankekeesen hunn e cumuléierten Defizit vun 80 Milliounen Euro. D'Tripartite huet no enger Léisung gesicht, mä huet den einfachste Wee gesicht: Si huet einfach décidéiert fir d'Suen an d'Pensiounskeese klauen ze goen. Si hunn der souguer méi geholl wéi se brauchen. Mir hunn en Defizit vun 80 Milliounen an et ginn 130 Milliounen geklaut, dat heescht, den Defizit vum nächste Joer, wou mer dann elo problemlos kënnen drop lass goen, well mer jo keng aner Décisioun wëlle virun de Chamberswahlen huelen, deen ass automatesch scho mat gedeckt.

A fir dann ze kommen, als Ursach fir deen Déifstal do, op en Uerteel vum 28. Abrëll 1996, do muss ech effektiv mäi Kompliment soen, do si Leit déi hunn eng formidabel Phantasie wann déi 2003 am September, Oktober, November, am Hierscht erausfannen, dass 1996 en Uerteel geholl gi wär, viru siwen, aacht Joer, laut deem elo op eemol d'Krankekeese géife méi belaauscht ginn. Dat wosst all Mënsch vun 1996 un! An dorobber muss een awer kommen! A wat ass dann hei geschitt? Ma hei hunn d'Gerichter e Gesetz applizéiert, well et ass eng gesetzlech Bestëmmung, déi do applizéiert gëtt. A wat maache mir elo? Mir ginn elo réckwierkend a soen: Obschonns dass esou am Gesetz steet, obschonns dass esou décidéiert ginn ass, mir huelen awer déi Suen einfach aus der Pensiounskeess eraus a mir ginn déi an d'Krankekeess eran.

Sinn dann elo déi Leit, déi allegueren do refuséiert gi sinn, sinn déi dann elo réckwierkend invalid erkläert vun 1996 un, allegueren déi nokomm sinn? Oder allegueren déi Leit, déi duerch dat Uerteel tëschent sozial Netzer gefall sinn a weder d'Invalidenssioun nach Chômage kruten, nach den RMG kruten, déi nâischt méi kruten, duerch dat Uerteel? Kréien déi dann och elo réckgängeg vum Stat alles nobezuelt?

Neen, dat ass et net, mä hei ass just eng Ursach gesicht ginn, deen einfachste Wee ass hei gesicht ginn, fir eben heihinner ze kommen, an déi Sue ginn an de Pensiounskeese geklaut.

Mir sinn als ADR kategoresch géint dee Renteklau do. Dat sinn d'Cotisationsiounen vun den Assuréeen aus dem Privatsecteur. Déi hunn d'Leit bezuelt an d'Pensiounskeesen, fir eng Kéier eng Pensioun dofir ze kréien, an net fir dem Statsminister a fir dem Budgetminister hir desolat Finanzpolitik ze sanéieren, wou se hire Budget lo net méi opkréien. Dat ass d'Realitéit.

D'Finanze vun de Pensiounskeese sinn am Abléck sou gesond wéi nach ni. Mir hu Reserven 2002 gehat vun 2 Milliarden Euro, wat 2,9-mol d'Joresdépendenzen ausmaach huet. 2003 lo, den 31. Dezember, ginn déi Reserven erop op 5,67 Milliarden, wat dräimol d'Joresdépendenzen ausmécht. An 2004 den 31. Dezember ginn déi Reserven erop op 6,025 Milliarden Euro, wat 3,1-mol d'Joresdépendenzen ausmécht, dann ass de Renteklau schonn ofgezunn. Dofir gëtt et keng Rentemauer. Et gëtt keng Rentemauer, an et gëtt emol kee klengste Stechechen vun enger Rentemauer, deen a Siicht ass. - Dat sinn net Wieder vu mir, mä dat si Wieder,

der, déi gëschter Mëtteg an der Sozialkommission der Sozialminister gesot huet. Deen huet wahrscheinlech eng kleng Retourkutsch do un de Statsminister geholl, well de Statsminister him net gesot hat, dass hie géif den Taux fir d'Fleegeversécherung senken.

Op jidde Fall, Här President, et gëtt keng Rentemauer, a mir bréngen och dofir en Amendement eran, fir deen Artikel aus dem Budget ze sträichen.

An allegueren déi Leit, déi deem Renteklau do zoustëmmen, déi disqualifizéiere sech fir an Zukunft iwwer eng Finanzéierung vun de Pensiounen am Privatsecteur mat kënnen ze schwätzen. Déi hu kee Recht méi fir opzetrieden an ze soen, d'Pensiounen am Privatsecteur sinn net méi finanzéierbar. Een, dee klauwe geet, huet dat Recht net méi, fir do mat ze schwätzen. Mir si kategoresch do dogéint, an dofir brénge mir en Amendement eran, an dofir muss och hei jidderee Fierf bekennen. Hei gëtt d'nächst Woch ofgestëmmt, an da ka jidderee soen, wie fir de Renteklau ass a wie fir sécher Pensiounen an Zukunft ass.

An net genuch domadden, Här Halsdorf, mä de Statsminister wëllt och nach d'Mammerent elo zousätzlech iwwer d'Pensiounen finanzéiere goen, wou dann am Fong Leit, déi iwwerhaapt nâischt mat deene Pensiounskeesen ze dinn hunn, profitéieren. Do kann zum Beispill eng pensionéiert Statsbeamtewittfra mat enger Pensioun vun 200.000 Frang dann nach eng Mammerent aus de Privatbeamten oder Aarbechter oder Baueren oder Commerçanten hire Reserve bezuelt kréien. Dat kann net sinn. Dofir ware mir ëmmer kategoresch dogéint, dass och d'Mammerent soll iwwer d'Pensiounen bezuelt ginn. Dat ass e Skandal, dass hei elo versicht gëtt, wou de Stat seng Finanzen net méi opkritt, einfach e Grëff an d'Pensiounskeese vum Privatsecteur ze maachen.

M. le Président. - Den Här Halsdorf wëllt lech eng Fro stellen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ech maachen nach deen Abschnitt hei fäerdeg, da ginn ech him eng Véirelstonn, Här President.

D'Mammerent ass u sech souwisou e Skandal, well dës Regierung einfach net à même ass, fir déi Mammerent ausbezuelen. Et ass e Skandal, dass déi Leit mat deene klengste Pensiounen am Land - Deene klengste Pensiounen am Land! - d'Mammerent net kréien oder nëmmen zum Deel kréien. Et ass e Skandal, dass déi Mammen, iergendwéi berufflech oder duerch d'Schoul oder well se en Dag an d'Ausland waren, well se do hiert Kand kritt hunn, an hiert Liewe laang hei zu Lëtzebuerg waren, hir Mammerent net kréien. Dat ass e Skandal! A mir wäerten eis als ADR net ginn, bis all Mamm hir Mammerent hei am Land huet. An als ADR dreiwen - jo mir joen d'CSV an de Familljeminsten sou laang, bis all Mamm hir wuelverdénge Mammerent kritt. Mir garantéieren de Leit am Land: Mir wäerten eis och an deem Punkt duerchsetzen, well et ass ganz einfach e Skandal, wéi déi Mammerent applizéiert gëtt, an et wär nach méi ee grouss Skandal, wa se och elo nach misst aus de Pensiounskeese vum Privatsecteur finanzéiert ginn.

Här President, Dir kënnt elo dem Här Halsdorf d'Wuert ginn.

M. le Président. - Jo, den Här Halsdorf hat d'Wuert gefrot.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur. - Ech wollt zwou Saache soen. Ech fannen, Dir schwätzt relativ onnuanciéiert an ech héieren effektiv, wéi wann Dir de Rapport net mat der néideger Minutie gelies hutt.

Eischtens wollt ech soen, wat elo vum Renteklau ass, dass dat am

Fong geholl am Rapport esou steet, dass, wann een am Ufank an eng Prozedur era kënnt, an et gëtt een herno invalid, dann ass een dat vun deem Dag un, wou een an der Prozedur ass, an net eréischt herno, wann dat festgestallt gëtt. Wann dat esou ass, dann ass et de ganze Wee vun Ufank u bis zum Schluss, wou een dann nach iwwert d'Krankekeess gelaf ass, normal, dass een dat herno rembour-séiert.

Ech hunn de Mechanismus verstanen. Et schéngt, datt Dir en net verstanen hutt a grad sou weéng hutt Dir déi Chiffere verstanen, déi Dir genannt hutt virdrun. Ech muss déi awer nach hei riicht béie vun der TVA. Et ass richtig, dass 622.486.668,44 Euro tatsächlech ausstoungen, a säit Juli bis September sinn am ganzen 11.000 Deklaratiounen comptabiliséiert ginn. Et ass also gutt geschafft ginn, an de Moment ass nach en Excédent vun 398.758.668,78 Euro. Dat wollt ech lech just soen, dat heescht dee Chiffer, wou Dir virdu geschwat hutt, ass falsch, deen ass ëm sou vill zréckgaangen, an dat ass d'Situatioun wéi se elo ass. A sou steet et och am Rapport, also am schréffleche Rapport kënnt Dir dat noliesen. Dat wollt ech lech just soen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här Rapporteur, ech mengen Dir hutt Äre Rapport selwer net gutt gelies, well Dir kënnt net hei Appel mat Bire vergläichen. 300 Milliounen, déi Dir ofzielt, dat sinn déi 300 Milliounen, wou d'Leit oder d'Betriber dem Stat nach eng Schold hunn. An et kann een elo net higoen a soen, wann ech op der enger Säit der 600 muss zréckginn, an ech hunn der nach 300 ze kréien, dann hunn ech nëmmen 300 ze ginn. Well déi Betriber, déi déi 600 zegutt hunn, dat sinn deenen hir! Ech kann net soen, wann den Här Huss mir nach Suen ze ginn huet, ech ginn dem Här Scheuer sou laang keng zréck bis den Här Huss mir seng net ginn huet. Dat geet net. Dat heescht, den Här Huss...

(Interruptions diverses et hilarité)

Déi Suen, déi de Stat nach ze kréien huet, einfach vun deenen, déi en ze ginn huet, nach ofzéien, dat geet net. De Stat huet déi Schold bei de Betriber, an dat ass e Chiffer, deen an Ärem Budget steet, an et ass e Chiffer, deen och den Här Krecké de Mëtteg hei eis virgewisen huet.

Et ass also ganz kloer, Här Halsdorf, Dir dierft do net Appel mat Bire verwiesselen. D'Betriber hunn nach déi 600 Milliounen zegutt, a wann de Stat der nach 300 zegutt huet - woubäi een och nach muss wëssen a sech d'Fro stellen, ob de Stat déi 300 Milliounen kritt. Déi muss e jo mol nach kréien. A sinn der net och do nach drënner, déi ze vill rëm gefrot ginn? Oder sinn och do nach Betriber, déi an der Zwëschenzäit Faillite ginn oder wat? Dat heescht, et ass nach guer net sécher, ob de Stat déi 300 Milliounen zegutt huet, déi e freet, mä sécher ass, dass en der 600 schëlleg ass bei de Privatpersounen a bei de Betriber.

Dofir, Här Halsdorf, ech sinn net rosen driwwer, dass Dir déi kleng Interventioun gemaach hutt, dat huet nämlech dozou bäigedroen, dass dat elo nach méi kloer ginn ass, wéi ech et virdu scho gesot hunn.

E weidere Punkt, dee mir hei zur Diskussioun hunn, ass den Accord salarial. Am Juli 2002 hu mir hei en Accord salarial gestëmmt ënner falsche wirtschaftleche Viraussetzungen. Ech ka mech erënneren un de Kolleg Gusty Graas - ech mengen dee war Rapporteur -, deen hei gesot huet, ma deen Accord salarial géif gemaach ginn

opgrond vun excellenten wirtschaftlechen Resultater. A wann ech eppes falsch soen, Här Graas, da corrigéiert Dir mech. Dir hutt nämlech dunn och nach gesot, a wann et nach besser geet, da verhandele mir souguer nach eng Kéier no.

Dat war am Juli 2002. Do si mir dann allegueren an d'Vakanz gaangen, well et eis soll sou gutt goen hei am Land. An am September gi mir da gewuer, dass de Wuesstum dat Joer virdrun net 4 bis 5% war, mä dass de Wuesstum 2001 nëmmen 1% war. Mol ofgesinn dovun, dass dat eng fantastesch Blamage ass fir eng Regierung, wann déi am September 2002 feststellt, dass mir 2001 net 4 oder 5%, mä nëmmen 1% Wuesstum haten, mä doriwwer gi mir elo emol ewech, ass awer dann d'Fro opzuerwerfen: Wa gesot gëtt, wann et nach besser gëtt, verhandele mir no, ob dann net eng Logik, eng Konsequenz wär, wann ee géif soen, mä wann et méi schlecht geet, dann diskutéiere mir och? Mä du war dat tabu. Dat kënnt hei an dem Land net vir.

(Interruption)

Dir dréint d'Rad nach eng Kéier vill méi séier zréck, an da sidd Dir an der Opposition, Här Graas, dann ass dat net méi sou schlëmm fir lech.

Spéitstens dunn, wéi mir festgestallt hunn, datt de Wirtschaftswuesstum nëmme méi 1% war, hätt d'Regierung misse reagéieren, fir d'Personalkäschten am Grëff ze behalen, fir Spillraum ze behalen am Budget, fir kënnen Politiken ze maachen, fir kënnen Investitiounen ze maachen, déi d'Land no vir bréngen, déi eis Betriber no vir bréngen, fir dass se och kënnen Steiere bezuelen, well ouni Steiere kënnen mir eis och keng Fonction publique leeschten. A mir kréien elo nodréiglech als ADR, well mir hunn deem Accord salarial net zougestëmmt, kréie mir Recht, well d'Regierung d'Décisioun geholl huet an an deem Budget vun 2004 en Astellungsstopp décidéiert huet.

Dat ass de Beweis dofir, datt mer an eisen Iwwerleeunge richtig leien. Mä déi Décisioun, déi geholl ginn ass, ass falsch. Et kann een net op där enger Säit higoen an d'Lein dräimol 1,6% héijen, also et kann een net no dem 1. Januar d'Lein nach eng Kéier héijen a gläichzäiteg soen, mä doduerch gëtt d'Masse salariale ze vill, elo maache mer en Astellungsstopp.

En Astellungsstopp ouni eng Réforme administrative maachen, dat ass e Crime vis-à-vis vun de Verwaltungen. An do wäerte mer dann erliewen, datt eng ganz Rei vu Verwaltungen an enger Rei vu Méint oder Joren einfach net méi funktionsfäeg ginn, well een einfach esou eng eesäiteg Décisioun hält. En Astellungsstopp kann een nëmmen a Verbindung mat enger Réforme administrative maachen.

Une voix. - Très bien.

M. Gast Gibéryen (ADR). - An do huet dës Regierung sech konsequent verweigert, fir esou eng Reforme administrative ze maachen; an och dat gëtt eng béis Konsequenz, déi d'Land muer auszeläffe kritt. Den Accord hätt eiser Meenung no elo missen ausgesat ginn. Mir soen dat ganz kloer, deen Accord hätt missen ausgesat ginn, deen ass budgetär an ekonomesch net méi ze vertrieben; do-runner wäerte mer nach laang ze bludde kréien.

A wann een och am Budget kuckt, wéi d'Entwécklung vun dem Käschtepunkt vun de Statsbeamtenpensiounen geet, datt do d'Dépendenzen an Zäit vu véier Joer iwwer 30% an d'Luucht ginn, a wann ee weess, datt déi Dépense weider klammen an et gesäit een, datt d'Recettë stagnéieren oder zréckginn, da kann een haut - wann ech virdu gesot hunn, datt d'Pensiounen am Privatsecteur esou sécher

si wéi nach ni - awer och gläichzäiteg soen, datt d'Pensiounen an der Fonction publique esou onsécher si wéi se nach ni waren. Well wéi soll de Stat nach iwwer Jore sou héich Pensiounen kënnen finanzéieren, wou mer wëssen, datt der ëmmer méi an d'Pensioun ginn, datt d'Progressiounen méi staark ginn an d'Recettë réckleefeg?

Mer kënnen eis net virstellen, datt mer herno dem Rescht vum Land eng Steuer bezuele loosse, fir d'Statsbeamtenpensiounen ze bezuelen, a mir kënnen eis scho guer net virstellen, datt d'Regierung nach eng Kéier e Grëff an d'Pensiounskeese vum Privatsecteur géif maachen, fir d'Pensiounen aus der Fonction publique ze bezuelen; wat hei elo schonn indirekt geschitt ass. Well de Stat keng Sue méi a sengem Budget huet, geet en an d'Pensiounskeesen, dat heescht, well wann e bei senger Konsumausgaben an der Fonction publique gespuert hätt, dann hätt en net bräichten an d'Pensiounskeese vum Privatsecteur klauen ze goen.

Här President, en anere Punkt deen ech wëll uschniden, dat ass d'Fleegeversécherung. Hei huet d'Regierung am Fong versicht esou ganz gemittlech, still und heimlich, den Taux vu senger Participatioun um Transfert vum Stat un d'Fleegeversécherung vu 45 op 40% zréckzeschrauwen, wat e Minus ass vun 11 Milliounen Euro d'Joer. Do ass de Mëtteg och vum Här Rippinger gesot ginn, dat wier awer dofir guer kee Problem, domaddder wieren d'Reserven net ugegraff ginn an domadder wier keng Leeschtung ofgebaut ginn.

Här Rippinger, wann een haut manner Gelder an d'Reservé gëtt an et weess een datt d'Fleeg an deenen nächste Jore vu Joer zu Joer wäert weider kaschten, da mécht ee wuel haut keen Ofbau, mä et huet een den Ofbau fir muer an iwwermuer virprogramméiert. Wa mir déi Suen an d'Fleegeversécherung ginn, dann hu mer déi an zwee oder dräi Joer, wann d'Fleegeversécherungen ufanken an d'Defizitter ze kippen, a wa mer mengen, mir hätten ze vill Suen, da kënnen mer d'Leeschtungen och nach bei de Fleegeversécherunge verbesseren. Well datt d'Fleegepersonal quasi muss mat der Stoppauer bei de Leit stoe fir ze chronoriséieren, wéi vill Minutten datt se do dierfen eng Fleeg maachen, do kéint een och nach villes verbesseren, wat der Fleeg vun den eeleren oder kranke Matmënschen zum Gudde kéint kommen.

Wann also d'Regierung hei hir Participatioun eesäiteg kiert, dann ass de sozialen Ofbau vu muer virprogramméiert. A well se weess, datt dat esou ass an och esou opgeholl gëtt, duerfir huet se et jo och esou heemlech gemaach, souguer den zoustännige Minister hat et net matkritt an den Här Rippinger, als de Fraktiounspresident vun der DP, hat et och net matkritt, an den Här Rippinger sot souguer um Radio, hien a säi Kolleg Weiler hätten et net matkritt. Et hätt also ausser dem Statsminister...

(Interruption)

Dat huet den Här Rippinger um Radio gesot. Ech hu mer eng Kopie vun der Kassett gemaach, well ech hu geduecht, wanns de dat an der Chamber sees, da seet den Här Weiler bestëmmt et ass net wouer. Mä den Här Rippinger hat et awer gesot. Da mussst Der lech vläicht ënnereneen eens ginn. Op jidde Fall, den Här Rippinger huet gesot, weder hien nach säi Kolleg - de Fraktiounspresident Weiler - hätten déi Noriicht matkritt. Dat war och bewusst. De Statsminister huet geduecht, maach dat, so kengem eppes, et fällt vläicht net op, well wann et opfällt, da gëtt et Kaméidi am Land, wat jo och mat Recht geschitt ass.

Här President, ech kommen zum Schluss. Dee Budget hei, wéi ech ufanks gesot hunn, datt ass fir mech oder eis Fraktioun en Tricknicki Budget.

(Hilarité et interruptions)

Hei ass mat allen Tricke geschafft ginn, fir dee Budget an den Equilibre ze bréngen. Hei ass mat allen Tricke geschafft ginn, fir dem Land net d'Wourecht ze soen. Hei ass mat allen Tricke Schönfärberei gemaach ginn. Et ass en Trickinicki Budget.

A viru Wochen huet souwuel de Statsminister, wéi de Budgetsminister, wéi de ganze Chouer vun der Majoritéit duerch d'Land gesongen, et géif dem Land gutt goen, den Apel fir den Duschthätte se gehalen, mir kéinte roueg esou virufueren, et wier kee Problem am Land, d'Investitiounen gi rucht virun. Dat war den Tenor, deem dës Regierung an deene leschte Méint gemaach huet. An eréischt wéi elo no an no a lues a lues an der Finanzkommissioun d'Zifferen op den Dësch komm sinn, an emol all Mënsch festgestallt huet, datt dat guet net esou ass, wéi hei déi Regierung dat ëmmer plädéiert huet, elo kënnt lues a lues och d'Majoritéit a seet, jo et geet awer net grad esou gutt, mir mussen awer e bësse méi lues maachen. Elo wou entlüft ginn ass, wat alles vun Tricken an deem Budget agebaut ginn ass, elo kënnt da lues a lues dat schlecht Gewëssen no vir. An net méi spët wéi d'lescht Woch huet de Statsminister e ganz wichtege Saz hei am Kader vun dëser Budgetsdebatte gesot.

(Interruption)

Hien huet gesot, 2006 - Här Rippinger - musse mer aner Moossnamen ënnerhuelen, a wann dat negatiivt schonn éischer kënnt, mussen dës Moossname schonns éischer geholl ginn. Dat war dat, wat den Här Statsminister d'lescht Woch hei gesot huet. Domadden huet hien also fir d'éischt emol eng kéier offiziell hei deklaréiert, datt vun 2006 un d'Keess eidel ass, a wann et éischer kënnt, musse mer éischer reagéieren. Hien huet engersäits d'Wourecht gesot wat d'Finanzen ubelaangt, mä hien huet awer och genau an deem Saz dat confirméiert, dee Virwurf, dee mir dëser Regierung schonn zënter zwee Joer permanent maachen, datt se spëtstens vun 2002 un, wéi mer gewuer gi sinn, datt mer de wirtschaftlechen Abroch kritt hunn, hätt misse reagéiert ginn. Mä d'Regierung huet net 2002 reagéiert a si huet net 2003 reagéiert a si huet net 2004 reagéiert, well de Statsminister seet, 2006 musse mer aner Moossnamen ënnerhuelen.

Dat heescht si wëllt net reagéieren. Si wëllt iwwert den 13. Juni ewech kommen. Si wëllt dem Land an de Leit soen, hei mir, d'CSV, mir hunn esou eng gutt Finanzpolitik gemaach; an déi batter Wourecht, déi kënnt eréischt no dem 13. Juni dat nächst Joer. An och eise Budgetsminister, den Här Frieden, huet d'lescht Woch hei eppes gesot wat wichteg ass, an zwar, mir mussen ons op d'Grondaufgabe vum Stat konzentréieren an no Prioritéiten handeln. Ech hu gemengt et géif ee vum ADR hei schwätzen.

(Hilarité)

Säit zwee Joer plädéiere mir dat hei. Sinn d'Grondaufgabe vum Stat de Pei-Musée? Ech froen dat. Sinn d'Grondaufgabe vum Stat ee veraschten Héichuewen op ARBED-Belval fir eng hallef Milliard ze kafen an opzehalen an herno nach honnerte vu Milliounen drun ze hanken? Sinn dat déi Grondaufgabe vum Stat? Sinn dat d'Prioritéiten, déi dës Regierung huet?

(Interruption)

De CITA an all déi Projeten, an déi alleguer investéiert gi sinn, huet dat mat de Grondaufgabe vum Stat ze dinn? Ech soen, neen. Wann dat d'Meenung vun der Regierung ass, dann trennen eis do wierklech grouss Saachen.

(Interruption)

Op jidde Fall, Här President, lues a lues kréie mer déi Regierung hei aus dem Eck gelackelt an d'Wourecht kënnt, zwar drëpseweis, mä

si kënnt lues a lues eraus. Ech hunn elo eng Rei vu Punkten hei vun eiser Säit aus belicht. Mir wäerten am Kader vun dëser Debatte der weider belichten. Här Rippinger, am Géigendeel vun lech sinn d'Leit bei mir net ageschlof, wéi ech elo hei d'Wuert hat; dat ass schonn e gutt Zeechen. Op jidde Fall...

■ **M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Et sinn der awer net esou vill do wéi bei mir!

(Hilarité et interruptions)

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dësen Trickinicki Budget kann ënner kengen Émstänn d'Zoustëmmung vun der ADR-Fraktioun fannen. Ech soen lech merci an ech ginn lech, Här President, zwee Amendementer of. Dat eent ass, datt den Artikel 47 soll aus dem Budgetgesetz gestrach ginn, datt keng Kierzung vun den Transferten un d'Fleegeversécherung soll vum Stat geschéien.

Amendement 1

L'article 47.- Participation de l'État au financement de l'assurance dépendance - est supprimé.

(s.) *Gast Gibéryen, Jean Colombara, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

An en zweeten ass, datt den Artikel 48 soll aus dem Budgetgesetz gestëmmt ginn. Jiddereen, deem den Artikel 48 hëlleft aus dem Budgetgesetz eraushuelen, deem hëlleft datt kee Renteklau geschitt.

Amendement 2

L'article 48.- Redressement de la situation financière de l'assurance maladie - est supprimé.

(s.) *Gast Gibéryen, Jean Colombara, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, de Statsbudget 2004 an déi Debatten, déi mer haut hei féieren, fannen an engem ganz schwierregen europäeschen an internationalen Émfeld statt. Et muss ee laang zrëckkucken, fir esou en ongewësst ekonomesch Émfeld ze fannen, wéi dat an deem mer eis de Moment befannen.

An der Europäescher Unioun ass et de Moment esou, dass mer éischer nach ëmmer e ganz more Wuesstum virfannen. Et gëtt zwar éischt Lichtblécker, éischt Tendenzen no uewen, virun allem eise groussen Noper, d'Bundesrepublik Däitschland, wäert am leschten Trimester, esou wéi et ausgesäit, eng Steigerung kréie vun 0,5% vun hirem PIB. Mä all dës schwach Unzeeche vu Relance an der Europäescher Unioun sollen eis net driwwer ewech täuschen, datt et nach laang net kloer ass, datt dat Zeeche sinn, datt mer definitiv erëm um Wee de biergop sinn. An esouguer dat massiivt Wuesstum, dat mer an de Vereenegte Staten am gesamten 2. Trimester erlieft hunn, déi héich Wuesstumszuelen, deem héije Konsum, dat rapid Unzéie vum Wuesstum an de Vereenegte Staten, och dat, an ech kommen nach drop zrëck, ass net e Grond fir elo scho vu Freed an d'Luucht ze sprangen an ze mengen, et géing konjunkturrell international insgesamt erëm biergop goen.

Et gëtt sécherlech eng Rei vun Donnéeën, déi een ekonomesch einfach net kann niéieren an déi eigentlech misste maachen, datt mer an eng nei Phas vu Relance misste kommen. Ech denken do virun allem un den asiatesche Raum a virun allem u China, wou Wuesstumspotenzialer fir d'Welteconomie leien, déi gewaltig sinn, déi esouguer extrem gewaltig sinn. Nëmmen eleng a China, mat wäit iwwer

enger Milliard Populatioun, mat Entwécklungspotenzialer, déi ufänken an enger Rapiditéit och genotzt ze ginn an deem Land, déi gewaltig sinn, an ech mengen, et ass kloer, eleng den asiatesche Raum kënnt eis eigentlech Ulass gi fir optimistesches ze si wat d'Welteconomie ubelaangt, mä et gëtt eng Rei Punkten, déi dat Ganzt hypothetheieren. Virun allem nach d'Welteconomie am ekonomesche Beräich, d'USA, hunn eng Rei Donnéeën virzeweisen, déi beängstegend sinn.

Dat éischt ass natierlech emol deem enorme Budgetsdefizit, deem d'Vereenegte Staten hunn. Mir wëssen zwar aus der Geschicht eraus, dass d'Vereenegte State scho méi wéi eng kéier och gutt konnte liewen an esouguer laang gutt konnte liewe mat engem ganz héije Budgetsdefizit. Mä dee gewaltige Budgetsdefizit, dee se dës kéier hunn, biergt enorm Risiko fir d'ganz Welteconomie. Dësen enorme Budgetsdefizit ass d'Resultat vu fënnef Joer Bush-Administratioun, déi eng Politik verfollegt huet, déi komplett de Contraire war vun där déi d'Clinton-Administratioun déi aacht Joer virdru gemaach huet, mat allen negativen Konsequenzen, déi dat konnt mat sech bréngen.

Den Irak-Krich ass nëmmen eng dovunner, an och de Käschtepunkt vum Irak-Krich, deem enorm um amerikanesche Budget laascht, a virun allem awer och de Käschtepunkt, deem an deenen nächste Joren nach wäert drop laaschten an iwwerhaupt op der gesamter Communautéit, well am Contraire zu deem wat ëmmer behaupt ginn ass, datt den Irak-Krich e Krich wär, dee schnell eriwuer wäit a relativ séier géing fir geuerdnet, demokratiesch a stabil Verhältnissen an där Géigend do suergen, entpuppt sech, zwar net zu eiser Iwwerraschung, mä vläicht awer, esou hoffen ech emol, zur Iwwerraschung vun der Bush-Administratioun, als e Loftschlass, dat ufänkt zesummen ze falen.

Mä et ass awer net nëmmen den Irak-Krich dee mécht, datt den amerikanesche Budgetsdefizit esou grouss ass. D'Bush-Administratioun huet an deene leschte Joren e Steierreduktiounsprogramm fir déi dausend räichste Familljen an den USA, ech géing esouguer soen, bal vun der Welt, duerchgezunn, deem dozou gefouert huet, datt déi Dausend, déi virdru scho superräich waren, nach méi superräich gi sinn, deem awer an de Vereenegte State selwer zu enger enormer neier Aarmutt gefouert huet, mä deem awer virun allem och dem amerikanesche Stat all néideg finanziell Moyenen entzunn huet, déi en elo bräicht fir ze hëllefen, déi ekonomesch Relance, déi eventuell méiglech wär, och vu staatlecher Säit aus ze begleeden.

An all déi dote Risiko laaschten nach ëmmer op der Welteconomie, déi kënne maachen, datt bei alle Potenzialer, déi do sinn, et zu gréisseren Turbulenzen kann op de Finanzmäert kommen an och zu gréisseren Turbulenzen kommen an der gesamter Welteconomie, déi dann natierlech och direkt Inzidenzen hunn op d'Europäesch Unioun.

2004 sinn an de Vereenegte State Wahlen. Ech perséinlech hoffen, datt bei deene Wahlen do e Changement kënnt, soen ech lech ganz éierlech, an datt erëm Leit an de Vereenegte Staten d'Soe kréien, un de Pouvoir kommen, déi eng aner Politik verfollegen, eng Politik verfollegen, déi net nëmmen am Intérêt ass vun deenen dausend räichste Famillje vun der Welt, mä och doriwwer eraus.

Fir Lëtzebuerg muss een awer feststellen, an dat iwwert deem zimlech morosen internationale Kontext eraus, datt och zu Lëtzebuerg

mir e Rekord musse constatéieren, e Rekord am Abroch vun eise Wirtschafswuesstum, a bei all deem wat elo de Mëtteg vun de Verrieder vun der Majoritéit an och vun der Regierung an der leschter Woch hei gesot ginn ass, gëtt et kee Wee derlaanscht fir feststellen, datt Lëtzebuerg vum Joer 2000, wou mer e Wuesstum hatten, dann elo laut den definitive Chiffere vun 9,1% vum PIB, bannent engem Joer erofgesackt ass vun 9,1 op 1%. Dat ass, et deet mer Leed, Dir Dammen an Dir Hären vun der Majoritéit, géing ech soen, Weltrekord an deene leschte Joren, an dofir gëtt et sécherlech eng Rei Ursaachen.

Dofir gëtt et vill Ursaachen, wou sécherlech d'Majoritéit net dru Schold ass, dass de Wuesstum esou an deem Mooss agebrach ass, mä et gëtt awer Ursaachen, virun allem wann een doriwwer diskutéiert, wat fir eng direkt Konsequenzen datt dat hat fir d'Statsfinanzen a fir de Lëtzebuerger Budget.

Mä ech bleiwen nach gären e bëssen am Ausland. Wa mer schonn, wéi dat och de Mëtteg versicht ginn ass hei ze maachen, Vergläicher ustelle mat eisen Nopeschlänner, mat Däitschland, mat Frankräich oder mat der Belsch, da muss ech éierlech soen, datt ech net der Meenung sinn, datt dat ganz glécklech gewielt ass, well et oft e bëssen arrogant kléngt, wann een esou ee klengt Land wéi Lëtzebuerg vergläicht mat esou grouse Länner wéi Frankräich oder zum Beispill Däitschland an deene Schwieregkeeten, déi sech do kënnen stellen, an datt ee besser hätt do e bësse méi bescheiden ze sinn. Mä ech mengen, wann een deen Exercice do wëllt maache fir sech ze vergläiche mat de Länner ronderëm, da muss een awer zumindest d'Donnéeën esou analyséiere wéi et sech gehéiert. An da muss een zum Beispill feststellen, wann een, wéi den Här Weiler dat de Mëtteg hei versicht huet ze maachen, d'Bundesrepublik Däitschland kuckt an en hei zitëiert, datt déi esou vill Schwieregkeeten hätte fir hir Steuerreform, déi se wëlle maachen, duerchzéien, op déi ech och nach wäert ze schwätze kommen, da muss en awer och sech gefale loosse, datt en do eng ganz Rei Saachen ënnerschleift.

En ënnerschleift éischters, datt dat Land en anert Land, dat virdru bankrott war, wat ënner stalinistescher Kommandowirtschaft während Jorzéngte gelidden huet, huet missen iwwerhuelen, an datt do e Bundeskanzler war, deem Helmut Kohl geheescht huet, deem 1990, fir d'Wahlen ze gewannen, der Bevölkerung aus der fréierer DDR blühende Landschaften a kierzester Zäit versprach huet an dunn auf Pump dozou bäigedroen huet, datt de Loun- a Sozialniveau vun der DDR banne kierzester Zäit ugeglaich ginn ass un den Niveau vu Westdäitschland, woubäi all Mënsch, dee fir zwee Su ka rechnen, natierlech wosst, datt dat géing voll an d'Box goen, datt iergendwann eng kéier een dofir misst d'Quittung bezuelen.

Elo ass et natierlech esou, datt dobäi och nach déi wirtschaftlech Rezessioun komm ass an dunn dem Här Kohl seng, auf Pump, opgebaute blühende Landschaften, déi e während aacht Joer an Däitschland praktizéiert an duerchgezunn huet, duebel wéi gedoen hunn duerch déi wirtschaftlech Rezessioun, déi dunn nach derbäi komm ass.

Dofir, wann ech gelift, e bësse méi Bescheidenheet, éischters wann ee sech vergläicht mam Ausland a wann een et mécht, da soll een d'Donnéeën och all op den Dësch leeën an net maache wéi wann, well dat een och lokal natierlech arrangéiert, well an Däitschland zoufälleg eng Regierung um Pouvoir ass, déi net déi Faarf vertritt, déi den Här Weiler vertritt, dann Däitschland als Beispill huelen an

deementspriedend awer vergiesse, wat zéng Joer virdru vun der CDU a vum Här Kohl do verbrach ginn ass.

Mä wann een och souwiso dann déi Chiffere kuckt a vergläicht Lëtzebuerg mat Däitschland, Frankräich oder der Belsch, da stellt ee fest datt an deene Länner natierlech de Wuesstum nimools op deem Niveau war, wéi en zu Lëtzebuerg war, mä datt e beschtefalls a Frankräich ee Moment am Joer 2000, mengen ech, eppes klengs iwwer 3% louch. Emmerhin ass en an deenen dräi Nopeschlänner gefall vu beschtefalls 3% op 1,5, 1 oder wéi an Däitschland ënner 1%, esouguer éischer mat Tendenz zu null. Dat heescht den Ofstuerz vum Wuesstum vum PIB ass bää wäitem net esou dramatesch an eisen Nopeschlänner wéi zu Lëtzebuerg, wou mer vun 9,1% op 1% ofgestierzt sinn, Här Weiler.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Dir maacht awer elo selwer de Verglach. Déi hu jo eng ganz aner Wirtschaft wéi mir.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Ech sinn der Meenung, et soll een en net maachen, mä wann een e mécht, da soll ee weinstens déi do Saachen alleguer soen, an dofir zitëieren ech déi Chiffren hei, weinst der Wourecht zumindest. Wann Der de Verglach maacht, da muss Der dat do awer och alles zitëieren.

Lëtzebuerg ass am europäesche Kontext, Dir Dammen an Dir Hären, e Spëtzeerder wat den Abroch ubelaangt vum Wirtschafswuesstum vun der gesamter Europäescher Unioun. Mä, an dat hunn ech scho méi wéi eng kéier op dës Plaz gesot am Kader vun dësen Debatten, mir mussen erëm zrëckkommen op de Buedem vun der Realitéit wa mer iwwer Wirtschaftswuesstum diskutéieren.

An ech hu schonn eng kéier hei gesot, datt all raisonnablen Ekonomist engem seet, wann een e Wuesstum huet vum PIB, deem tëscht 3 a 4% läit, datt dat eigentlech schonn e ganz zolide Wuesstum ass, en héije Wuesstum. Do kënnt jo och de Punkt hier, an dat hunn ech lech scho méi wéi eng kéier, och am Kader vun deene leschte Budgetsdebatten, virgehalen, well déi meescht Parteien a virun allem d'Regierungsparteien an de Joren 1999 an 2000 duerch deen exceptionnelle Wueestumschub, dee mer tëschent 1995 an 2000 hatten, op enger Wollek gelieft hunn an Décisiounen do geholl hunn, déi oniwierleucht waren an déi effektiv zimlech zolidd Konsequenze fir d'Statsfinanzen hatten, an dat net nëmme fir d'Joren 2002, 2003 an 2004, mä och nach fir déi Joren duerno.

A wann een d'Chiffre kuckt wéi d'Recetten évoluéiere vum Joer 2003, denken ech natierlech haaptsächlech un déi grouss Steuergruppen, déi de Gros vun eise Recetten ausmaachen, an do kritt een eigentlech och d'Bestätigung derfir.

Wat hu mer virgeluecht kritt an där leschter Sëtzung? Mir hu virgeluecht kritt Chiffren, déi erginn, datt vu Januar bis den 30. Oktober 2003 bei der Kierperschaftssteuer mer bei 827 Milliounen Euro Recette sinn. Am gestëmmt Budget fir 2003 stongen awer 1.400 Milliounen Euro. Dat heescht, mir hunn op Enn Oktober knapp 59% vun deene Kierperschaftssteieren agezunn, déi mer eis erwaart hatten, datt mer géingen anzéien an deem Joer, sou datt mer mat zimlecher Sécherheet kënnen dovun ausgoen, datt mer, wat de Budget voté ubelaangt vun 2003, op kee Fall wäerten op déi 1.400 Milliounen Euro kommen.

D'Regierung huet jo och elo schonn eng Korrektur no ënne gemaach vu 50 Milliounen Euro an den Amendementer, mä dat ass awer eigentlech net de springende Punkt. De springende Punkt ass

deen: Firwat ass déi Kierperschaftssteier esouwäit nach eng Kéier agesackt? Well mir musse jo wëssen, 2003 huet d'Steierreform jo net méi matgespillt, déi huet 2001 gespillt, dat heescht d'Regierung ass bei der Opstellung fir de Budget 2003 dovun ausgaangen, wéi se ëmmer esou schéi gesot huet, datt mer esouguer schonn en Effet retour krite vun där ominéiser Steuerreform 2001 an 2002. Mir krute jo ëmmer erkläert déi Jore vir-drin, wéi déi Steuerreform duerchgezu ginn ass, datt déi massiv Steuerreduktiounen, déi virgeholl gi waren 2001 an 2002, e Réckkopplungseffekt hätten, an datt se am Endeffekt géingen dozou féieren, datt d'Recetten nach géingen an d'Luucht goe bei der Kierperschaftssteier, well mer eng Stimulatioun krite vun eiser Economie, a wa mer déi Stimulatioun kriterien, dat géing dann och bedeiten, datt d'Kierperschaftssteier d'office géing am Endeffekt an d'Luucht goen. Mir stellen also ganz daitlech fest, datt ewéi d'Recetten 2003 évoluéieren, datt iwwerhaupt net de Fall ass, deen Effekt net age-tratt ass, dee mer ëmmer erkläert kritt hunn.

Dat nämlecht gesäit ee bei de Recettes fiscales op de Salairen an den Traitementer. Am Budget voté stounge fir 2003 1.185 Milliounen Euro. Am Oktober ware mer bei 980 Milliounen Euro ukomm, dat heescht 83% vun deem, wat mer eis erwaart haten. Dat ass dat, wat an der Regel effektiv Enn Oktober vir-läit, 80 bis 85%. Elo kéint ee soen, voilà, do erfëlle mer dat wat mer erwaart hunn, donc gesäit een, datt verschidde Saache gewierkt hunn.

Beim Emploi kéint een nach drüwer diskutéieren. Den Emploi ass zu Lëtzebuerg nach ëm ongeféier 4.000 geklomm tëschent Januar an Oktober 2003. Elo kënn een einfach esou mol behapten, dat hätt iergendwéi och schonn ze di mat deene Steuerreformen, woubäi ech dat awer bezweifelen. Mä dat ass net de Fall. De Problem ass, datt d'Recetté bei de Salairé stabel bliwwen sinn, a mer do dat erfëllen, wat mer am Budget 2003 virgesinn hunn. Dat huet haaptsächlech der-mat ze dinn, datt mer eng Index-tranche hate vun 2,5% am August dëst Joer, an zum Beispill d'Fonctionnairesgehälter nach ëm 1% an d'Luucht gaange sinn, dat heescht grosso modo, datt d'Masse salariale einfach nach weider gewuess ass.

Eigentlech kënn ee bal soen, wann een zynesch wär, mir kënnen der Inflation vum Joer 2003 verdanken, respektiv där Index-tranche, déi erfall ass, datt mer déi Recetten erfëllen, déi mer eis erwaart hunn, mä mat enger wäit-sichteger Steieriwuerleeung, wéi ëmmer hei gezielt ginn ass, huet dat, menger Meenung no, net ganz vill ze dinn.

Och bei der TVA gëtt et eigentlech daitlech. D'lescht Woch ass nach hei gesot ginn, wa mer déi Steierreform net gemaach hätten, da wär de Konsum zu Lëtzebuerg net esou héich bliwwen. Ech sinn der Meenung, wann de Konsum zu Lëtzebuerg héich bliwwen ass, dann ass dat haaptsächlech well d'Masse salariale insgesamt weider staark gewuess ass.

(Interruption)

Schonn 2002 hunn ech lech hei mat deenen nämlechte Chiffre bewisen, datt dat net de Fall ass. Bei der TVA gesitt Der dat gutt. D'TVA ass jo net an deem Mooss gewuess.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.- Se ass net age-brach wéi aner Steieren.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Well d'Masse salariale massiv an d'Luucht gaangen ass. Ech hunn lech jo gesot, Dir hutt der Inflation ze verdanken, datt de Konsum net agebrach ass.

Firwat sinn ech där Iwwerzeegung? Mir si bei der TVA-Recette bei deem, wat mer eis erwaart haten. D'TVA ass net wesentlech an d'Luucht gaangen. Déi 80 Milliounen, déi mer elo corrigéieren, dat ass gréisstendeels wéinst AOL. Dat hu mer jo an der Kommissioun erkläert kritt. Ech hunn lech scho gesot 2001 an 2002, datt déi massiv Erofsetzung vum Spëtzesteiersaz op 38% an zwou Etappen net derzou géif féieren - mir wësse jo vu wat fir enge Kategorië vu Leit mer do schwätzen -, datt déi Leit esou massiv méi konsuméiere géifen, do gëtt de Gros vun de Sue gutt ugeluecht, se gi fructifiéiert op iergendeng Aart a Weis a ginn net zousätzlech an de Konsum. Mä wat awer de Punkt ass, wa mer net d'Indextranche gehat hätte vun 2,5% am Joer 2003, an do komme mer ze schwätze wat fir enge Leit hir Sue ganz an de Konsum ginn, dat sinn alleguer déi Leit, déi à peu près an der Salaireshéicht leie bis 2.500 Euro, ënner 100.000 aler Lëtzeburger Frang de Mount.

A wann een eppes hätt wëlle maache bei der Steuerreform, déi 2000 décidéiert ginn ass fir 2001 an 2002, dann hätt ee virun allem do missen usetze fir d'Kafkraaft ze erhalen, wann ee wierklech op de Bannemaart uspillt bei deene Leit, déi hire ganze Salairé brauche fir en ze verkonsuméieren, well se keen anere Choix hunn. Allerdéngs, an dat muss ech nach eng Kéier soen, déi Gruppen, déi si leider relativ schlecht eweckomm.

Une voix.- Très bien.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Mir haten deemools laang Diskussiounen ronderëm déi Steuerreform an dësem Haus, wou gesot ginn ass, datt bei där Loun-kategorie bis 2500 Euro, déi bei deene massive Steierkadoo vum 2001 an 2002 gréisstendeels eidel ausgaange sinn, ee misst higoen an eppes iwwer aner Weeër fir déi maachen. Am Ufank ass hei diskutéiert ginn iwwer eng Negativsteuer. Dat war d'Propos entweder vun de Kollege vun der LSAP oder vun deene Lénken, ech weess net méi vu wem. Et ass iwwer Familljepolitik geschwat ginn, iwwer Kanner-geld, iwwer all Méiglech, an ech hunn deemools hei gesot, datt dat eng Illusioun wär, wann d'Situatioun esou weider géing goen an de Wuesstum weider no ënne misst korrigéiert ginn. Zumindest zu deem Moment, wou mer de Budget diskutéiert hu fir 2001, do wosste mer jo awer schonn, datt et eng zolidd Korrektur no ënne géif ginn a keng Sue méi do wäire fir déi dote Mesuren ze huelen, an een näischt méi kéint fir déi Leit maachen.

Genau dat trëtt elo an, dat heescht bei der Verabschiedung vun där Steuerreform, déi deemools gemaach ginn ass, do sinn déi akommeschwaach Gruppen eidel ausgaangen, an eng geziilt Familljepolitik fir si gëtt och net méi gemaach, wou se zumindest zum Deel kënn-te Saache kompenséiert kréien, fir d'Kafkraaft ze halen, well dofir si keng Sue méi do.

An dofir bleiwen ech bei der Meenung, dass déi Steuerreform, déi 2000 décidéiert ginn ass, eben net aus konjunkturellen Iwwerleeungen eraus décidéiert ginn ass, mä well d'Statskeess am Joer 2000 vu Geld iwwergelaf ass. 9,1% Wuesstum vum PIB, 40 Milliarden aler Frang Plus-valuen an dem Statsbudget am Joer 2000, an am Summer 2000 huet d'Regierung am Effekt vun där iwwerméisseg gudder Konjunktur dës Steuerreform décidéiert. Et ass eigentlech keng Steuerreform, mä et ass e massiven onselektive Steuerreduktionsprogramm an d'Weeër geleet ginn, an dese wäert mëttelfristeg déi staat-lech Finanzcapacitéit a Fro stellen.

D'Erofsetzung vum Spëtzesteiersaz bei de physesche Persounen op 38% an zwou Etappen, fir d'éischt vu 46 op 42 am Joer 2001 an duerno vun 42 op 38 am Joer 2002, hat näischt mat der Déci-

sioun vu Feira ze dinn, wéi dat haut an engem Leitartikel vum „Lëtzeburger Wort“ ze liese war am Kontext vun Aussoen, déi ech anscheinend soll gemaach hunn e Samsdeg um Radio, déi ech awer net esou gemaach hunn, mä dat äntwerten ech op enger anerer Plaz, mä déi hate mat der Wuesstumseuphorie ze dinn, vum Finanzministère, an där e sech befonnt huet am Summer 2000.

A wann den Här Weiler seet, majo Gott sei Dank hu mer déi grouss Steuerreform gemaach, well mir gesi jo elo wéi vill Schwierigkeeten dass se am Ausland hu fir hir Steuerreform duerchzehuelen, mir hu se gemaach wéi nach Suen do waren, da muss een awer och do dat vergläiche wat mateneen ze vergläichen ass. Déi Steuerreduktiounen, déi mir hei virgeholl hunn 2000, an dat wat an den Nopeschlänner elo geplangt ass, dat sinn éischter homéopathesch Dosen am Verhältnis zu deem wat mir am Joer 2000 hei décidéiert an 2001 an 2002 ëngesat hunn. An dofir hunn ech och gesot, dass den Apel fir den Duuscht eigentlech am Summer 2000 giess ginn ass.

Mir hätten als Gréng och an dëser Legislaturperiod Steuerreduktiounen virgeholl. Dës waren effektiv noutwendeg zum Deel sécherlech bei der Kierperschaftssteier wéinst dem Drock deen zu Feira entstanden ass, well mir jo all wëssen, wéi ofhängeg mer si bei der Kierperschaftssteier wat d'Bankeplaz ubelaangt, an do huet ee misse gewësse Saache maachen. Mir hätten do sécherlech och eppes gemaach, mir hätten och eppes bei der Lounsteier gemaach, well mir wësse jo allegueren, dass eigentlech een Deel vun de Steuerreduktiounen oder en Deel Steuerreduktiounen sécherlech berechtigt waren, eleng well iwwer Jore keen Inflationausgläich méi an der Steiertabell virgeholl ginn ass. Dat heescht et wär sécherlech och esou gewiescht, dass mir Steuerreduktiounen virgeholl hätten, mä mir hätte se agebett an eng Gesamtsteierreform a mir hätte se och zum psychologeschen richtegen Moment gemaach, nämlech net zu deem Moment wou d'Keesse voll waren an d'Leit souwisou genuch Suen haten, mä zu engem anere Moment, a wann ee se zu deem Moment gemaach hätt, dann hätt ee se och méi virsichteg gemaach wéi dës Regierung dat gemaach huet, da sinn ech 100%eg sécher, dass de Spëtzesteiersaz net an deem Mooss zum Beispill erfesat gi wär wéi dës Regierung dat gemaach huet.

(Interruption)

Une voix.- Den Här Asselborn huet ëmmer geschwat, d'Regierung géif op deem ville Geld setzen, den aarme Leit näischt zoukomme loosse.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dir hutt net ganz Onrecht. Dir sidd vu ville Säiten als Majoritéit gedriwwen ginn am Summer 2000 nom Motto...

Une voix.- Vun lech awer net.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Vun eis net. Mir waren der Meenung am Summer 2000, net well mer hellseheresch waren a wosste wat 2001 an 2002 géing kommen, mä well mir ëmmer der Iwwerzeegung waren, dass e Wuesstum wéi deen, dee mer kannt hunn tëschent 1995 an 2000, exceptionell wär, an dass de Risiko, dass mer do en Abroch géinge kréien, ganz héich wär. Well et deet mer Leed, een deen hei op der Tribün wëllt wäismaachen, dass e Wuesstum vu 6, 7, 8 oder 9% d'Regel ass...

(Interruption)

Neen, Här Clement, mir stinn an deem dote Beräich éischter mat zwee Féiss um Buedem a mir hunn net op der Wollek gelieft, an dofir hu mer 2000 gesot, dat wat Dir elo maacht, dat maacht Dir am Eifer des Gefechts an ënnert dem Drock effektiv souguer vun der Strooss, an dat wäert Der eng Kéier batter misse bezuelen an deene Joren duerno, wann en Abroch kënn, an ech muss lech ganz éierlech soen, dat hunn ech och ëmmer déi Jore vir-drin schonn hei gesot: Selbstverständlech hunn ech mer net erwaart, dass mer géinge vun 9 op 1% falen, mä fir mech war et awer duerchaus plausibel, dass mer géingen op de Buedem vun der Normalitéit zrëckkommen, tëschent 3 a 4% zum Beispill, wat jo scho kee schlechten Abroch war an deem Ganzen.

Dobäi hätte mer - an dat hunn ech och scho méi wéi eng Kéier hei gesot - eng Steuerreform gemaach wou zum Beispill och déi bluttnout-wenneg ekologesche Komponenten an eise Steiersystem agefouert gi wären. Déi hätten eis dann erlaabt, a konjunkturell méi schwierigen Zäiten eis ze hëllefen, éischters emol de Sozialstat ofzesécheren, mä virun allem awer och den héijen öffentlichen Investitionsniveau, dee mir brauchen, zemoos déi nächst Joren, méi héich ze halen. Well et ass jo zimlech kloer, dass dat wat elo d'Regierung mécht, nämlech déi pseudoökologesche Lückenfüllermoosnamen, déi se elo hei mécht, andeem se eng Steuer vu siwe Cent um Liter Benzin aféiert, dat huet mat enger ekologescher Steuerreform rose wéineg ze dinn. Dat huet sech elo gutt géeeent fir dat ze maachen. Et hätt een och kënne soen, mir maache siwe Cent op e Pak Zigaretten oder soss Luxuskonsumgüter, dat huet sech eben elo gutt gemaach, an dat huet dann och nach wonnerbar geklongen, well een do konnt eng gewëssen ekologesche, ëmweltpolitesche Erklärung dozou ofginn. Mä dat huet mat enger ekologescher Steuerreform net ganz vill ze dinn, well eng ekologesche Steuerreform soll och zum Zweck hunn, dass se e gewëssenen Emerzéierungseffekt kritt an dass se fir d'Leit novollzéibar ass, an net nëmme op enger Form vun Energie, mä déi soll ganz équilibréiert iwwert all Forme vun der Energie verdeelt ginn, mat Kompenséierungsmesuren an esou weider an esou fort.

An, Här Weiler, ech wëll lech soen: Dir hutt gesot, mir hätte keng Proposen an deem Kontext gemaach. Ech hat hei och 2000, an deem berühmte Joer 2000 am Kader vun de Budgetsdebatten, eng Interpellatioun eraginn, an déi Interpellatioun, déi hu mer drugehaangen un d'Budgetsdebatten, eng Interpellatioun mam Finanzminister, wou et iwwert d'ökologesche Steuerreform gaangen ass. An do ass souguer eng Motioun vu bal zwou Säite vu mir ugeholl ginn an dëser Chamber. Et ass och net déi éischt, déi an deem Kontext ugeholl gëtt, ech behapten och wann et esou weidergeet, da wäerten der och nach méi an deem Kontext ugeholl ginn, wann dës Majoritéit nach wäert da bleiwen nom 13. Juni, wat ech natierlech net hoffen.

Mä et ass esou, dass mir eng ganz Rei Proposé gemaach hunn hei am Joer 2000, och wat deen dote Volet ubelaangt. Entre-temps läit souwisou eng ganz nei Etüd vum Mouvement écologique vir, déi excellent ass, déi jo och deelweis den Aval zumindest huet, well se ass jo deelweis matgedroe finanziell vun der Regierung. Dat ass eng Suite vun enger Etüd, déi scho viru sechs Joer vum Mouvement écologique vum Wuppertaler Institut ausschaffe gelooss ginn ass. Mä all déi gutt Iddien, déi lech elo vill kéinten hëllefen, wann Der an deem Kontext Saachen ëngesat hätt am Joer 2000, déi hunn lech jo du rose wéineg interesséiert. An elo si mer natierlech erëm eng Kéier an engem Wahlkampf, a vu que dass mer an engem Wahlkampf sinn, gëtt na-

tierlech elo déi nei Studie vum Mouvement écologique erëm über den grünen Klee vun lech gelueft, an Dir behaupt, dass ganz interessant Iddien dra wären.

An da wëll ech lech soen, Här Weiler, Dir hutt gesot, an den Nopeschlänner hätte se vill Krämpes fir hir Steuerreformen duerchzezéien. Wat richtig ass, dat stëmmt jo, mä da kommt mir schwätzen emol iwwert eent vun eisen direkten Nopeschlänner, wou jo eng Steuerreform de Moment an der Diskussioun ass, wou jo d'Regierung an Däitschland eng proposéiert huet, wou Är Schwesterpartei de Moment mat zwee Féiss op der Brems steet, zum Deel souguer zu Recht, well se Saache proposéiert oder Saache kritiséiert un der Aart a Weis wéi de Finanzminister an Däitschland un déi Steuerreform erugaangen ass, déi ech mengen, déi ee kéint besser maachen.

Wat ass d'Haaptkritik? Mä d'Haaptkritik ass dass gesot gëtt, mir wäerten déi Steuerreform just stëmme wann och eng Géigefinanzéierung do ass. Wat ass dat dann, d'Géigefinanzéierung bei enger Steuerreform? Majo mir wësse jo wann ech eng Steuerreform maachen, da verzichten ech op Recetten. An da muss ech wëssen, wann ech d'Finanzcapacitéit vum Stat laangfristeg oder mëttelfristeg wëll ofsécheren, dann hunn ech entweder esou vill Geld um Koup dass ech weess dass et fir déi nächst 20 Joer duergeet, an dat ass kaum an engem Land de Fall, och net zu Lëtzebuerg, oder ech muss iergendwou sträiche goen, entweder am soziale Beräich oder soss op Plazen. An an Däitschland leeft d'Diskussioun iwwert d'Géigefinanzéierung andeem gesot gëtt, mir musse mat der Rasenmähermethode duerch de Subventionsbësch fueren, duerch den Ofschreibungsbesch fueren, an och do muss ech soen, dass Dir an Ärem Regierungsprogramm, wéi dës Regierung 1999 ugetratt ass, drageschriwwen hat, dass Dir wëllt en Ofschreibungsbesch an e Subventionsbësch duerchforsten an do wëllt eng Vereinfachung vum Steiersystem an d'Weeër leeden. Dir kënn lech jo vläicht e bëssen inspiréieren elo bei Ärem däitsche Parteikolleg am Bundestag, deen huet jo eng Rei Proposé gemaach.

(Interruption)

Neen, do ass nach laang net alles falsch wat do gesot gëtt, an et si vill Saachen an Däitschland, déi do opgeworf ginn, déi vu menge Parteikollege gedeelt ginn. Mä ech schwätze jo awer elo vu Lëtzebuerg.

Wou ass dann Är Géigefinanzéierung gewiescht zu där Steuerreform 2000, déi jo bei wäitem méi e grousst Ausmooss hat wéi déi déi hei décidéiert ginn ass? Wou war dann dat wat Der an Ärem Regierungsprogramm versprach hutt: déi Vereinfachung vum Steiersystem, déi Duerchforstung vum Ofschreibungs- a vum Subventionsbësch, wou jo all Aspuepotenzialer dragewiescht wären? Dann hätt Dir zumindest eppes gemaach an der Contrepartie. - Näischt! Dir hutt iwwerhaupt näischt gemaach. Dir hutt zwar gesot, Dir hätt eng Duerchforstung gemaacht, mä et wär näischt dobäi erauskomm, Dir géingt alles loosse wéi et ass.

An dofir ass et och esou, dass ech der fester Iwwerzeegung sinn, dass, wa mir elo e Budgetdefizit scho fir 2004 kréien, dann ass dat d'Schold vun enger onduerchduechter Finanzpolitik vun dëser Regierung, dann ass dat d'Schold dovunner, dass dës Regierung nach zu engem Zeitpunkt iwwer hir Verhältnisser gelieft huet, wou et eigentlech awer schonn zum Deel geschellt huet.

Ech wëll nëmme ee Beispill erauszéien, Här Weiler, ee Beispill, wou mir als gréng Fraktioun och dofir hei dogéint gestëmmt hunn an dësem Parlament: dat ass de Forfait d'éducation. Är Partei huet

um Rentendësch déi Iddi era-bruecht, fir de Forfait d'éducation anzeféieren, wider besseren Wis-sens a géint all Widderstand, deen um Rentendësch gemaach ginn ass, an och hei am Parlament. An Dir wousst ganz genau, dass dat eng Mesure wär, déi de Statsbud-get extrem héich géif belaauchten, an Dir wousst och ganz genau, dass - an dat wäert an deenen nächste Jore geschéien - mir wäer-te bei der Kommissioun zu Bréissel verklot ginn an dass mir eng kéier mussen déi ganz Leeschtungen och nach exportéieren, an da si se definitiv net méi ze finanzéieren.

Dat heescht, Dir hutt am Joer 2001, wou awer scho ganz kloer Unzee-chen do waren, dass een hätt mis-sen zumindest net nach zousätz-lech op de Statsbudget dropleeën an zoukippen, hutt Dir nach esou Décisionnen hei geholl. An dofir hutt Dir...

(Interruption)

Här Weiler, am Laf vum Joer 2001 hutt Dir an e puer Etappe korri-géiert. Dir sidd net direkt op 1% erofgaangen. Mä Dir musst emol kucken, wat Dir am Ufank, wéi mir de Budget fir 2001 opgestallt hunn, do sidd Dir nach dovunner aus-gaange vun engem Wuesstum vu 5 bis 6%.

(Interruption)

An do hutt Dir en am Laf vum Joer 2001 emol no ënne korrigéiert op ënner 4%.

■ Une voix.- Op dräi.

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Op 3%.

Mä awer déi Décisioun vum For-fait d'éducation hu mir eréischt ge-holl, wéi dat awer scho längst be-kannt war. An ech hunn lech och deemools hei gesot, Dir fracht hei nach nëmmen drop, Dir wësst ganz genau, dass Dir schonn ei-gentlech d'Kadoen all verdeelt hutt 2000 bei der Steuerreform. Elo kippt Dir hei nach drop, an iergendwann eng kéier muss eng nächst Regie-rung kommen an dat doten alles ausläffelen.

An elo komme mir zum Budgets-defizit, dee mir dëst Joer hunn. 2003, e Budgetsdefizit vun 0,6%; 2004, e Budgetsdefizit vun 1,8% - ge-schätzt, mir si jo nach net um Enn vun 2004. Dat gétt ugehall. 2005, 2,3% an 2006 gi mir dann dovun aus, well Dir an d'Glaskugel ge-kuckt hutt a mengt, da géng d'Konjunktur erëm unzéien, woubäi ech mech froen, wann ee weess wéi onstabel de Moment alles ass, wéi een zu sou enger Zuel ka kom-me fir 2006. Ech géng net woen déi opstellen. Bon, ech hoffen och, dass se antrëtt. Ech wën-schen, och wann ech an der Oppo-sitioun sinn, zwar vläicht dëser Re-gierung fir den 13. Juni alles schlecht, mä ech wënschen dem Land jo awer vill Guddes. Dofir hof-fen ech, dass eigentlech déi Zue-len hei richtig sinn, déi hei pro-gnostizéiert ginn. Mä ech froe mech, wou Dir dorop kommt.

Da muss ech soen, wann ech da liesen, 2005 gitt Dir dovunner aus vun engem Defizit elo scho vun 2,3% bei engem Wuesstum, wou Dir rechent dass deen iwwert 3% läit. Do muss ech lech awer soen, 2,3%, dat ass net méi wäit vun 3% ewech, vun der magescher Zuel vun 3%, wou jo elo vill Diskussiou-ne waren am Kader vun dem Bud-getsdefizit, deen iwwert 3% geet, vun Däitschland a Frankräich.

Wann dee Wuesstum vun 3% oder vun iwwert 3%, vun deem Dir aus-gitt, bei deem mir nach e Budgets-defizit hätte vu minus 2,3%, da manner héich gétt - wat eng Proba-bilitéit ass, déi a priori, sou wéi et de Moment ausgesäit, mir mol guer net dierfen aus den Ae verléieren, well ech sinn der Meinung, dass näischt manner sécher ass wéi d'Aussicht, dass mir am Joer 2005 schonn erëm bei iwwer 3% Wues-saum sinn -, dann ass et zimlech kloer, wann d'Ekonomie dann net unziit, dass de Risiko enorm héich

ass, dass mir iwwert déi magesch Grenz vun 3% erausginn. Dat heescht, bei gläichbleiwende staatleche Sozialleeschungen a gläichbleiwender héijer öffent-lecher Investitiounsquot ass de Ri-siko vum Budgetsdefizit iwwer 3% par rapport zum PIB am Joer 2005 enorm héich. An da musse mir de Gang op Bréissel maache fir ze né-gociéieren, well dann ass et kloer, da verstousse mir géint deen omi-néise Stabilitéitspakt, ausser déi nächst Regierung décidéiert fir am Budget 2005, wann dat soll antref-fen, Choix-politiquen ze treffen.

Do wär et emol interessant driwwer ze diskutéieren. Zumindest hu mir an deene leschte Jore bei enger ganzer Rei Saachen hei de Coura-ge gehat fir e Choix politique ze treffen, fir ze soe wou fir eis Limiten éischstens vun Sozialstat ukomm sinn, an och wou fir eis Limiten ukomm si bei der Verdeelung. Well mir sinn der fester Iwwerzeegung, dass mir an deenen nächste Joren iwwerall an Europa, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä iwwerall an Europa éischter e Stat brauchen, dee méi staark ass wéi een, dee méi schwach ass, een, dee Moyenen huet éischter, wéi een, dee keng Moyenen huet.

■ Une voix.- Très bien!

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Mä ech hätt awer gären héieren och vun dëser Majoritéit, wann dann 2005 deen Szenario soll antreffen, wou dann hire Choix politique läit. Do hunn ech rose wéineg héieren. Ech hoffen, dass mir am Kader vun der Wahlcam-pagne, wou jo an de Wahlprogram-mer jiddferée muss Faarf beken-nen, d'Geleeënheet wäerte kréien, doriwwer ze diskutéieren.

Eise Wahlprogramm läit vir, Här Weiler. Do kënnt Dir dat nämlech noliesen, do stinn déi Saachen al-lequerten dran, wou eis Prioritéite leien. Ech wäert mat enger gewës-sener Akribie liesen, wat d'Majori-téitsparteien iwwert dat dote Kapi-tel an hire Wahlprogrammer op alle Fall wäerten dra schreiwen.

■ Une voix.- Très bien!

(Interruptions)

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Oh, da si mir gespaant.

Wann ech dee Stabilitéitspakt kucken, dee jo zolidd am Kräizfeier vun der Kritik war an deene leschte Wochen, da soen ech, dass dem Finanzminister seng Haltung, déi hien am Ecofin ageholl huet, rich-teg war par rapport zu Frankräich an Däitschland. An dat net nëm-men aus deene Grënn, déi hien elo gesot huet, wat Lëtzebuerg ube-laangt. Mä och well ech doriwwer eraus der Meinung sinn, dass dee Kritär vun 3% Defizit par rapport zum PIB pro Joer e starren, onflexi-bele Kritär ass, dee mir als Gréng iwwregens, an dat kënnt Dir nolie-sen, schonn 1992 bei der Verof-scheidung vum Maastrichter Ver-trag an dësem Parlament kritiséiert hunn.

(Interruption)

Mir hunn deemools ënner anerem net fir de Maastrichter Vertrag gestëmmt, well mir der Meinung waren, dass deen dote Stabilitéits-kritär a Krisenzäite ganz genau do-zou géing féieren, fir dem Stat sämtlech Moyenen ewechzehue-len, fir der Konjunktur ze hëllefén erëm op d'Spréng ze kommen duerch eng aktiv Investitiounspoli-tik.

Ech deele jo sécherlech net ëmmer d'Meenung vum Här Goebbels, dem LSAP-Politiker. Et ass sécher-lech net üblech, mä déi Kriticken, ...

(Interruptions et hilarité)

...déi hien d'lescht Woch gemaach huet op enger Pressekonferenz, deelen ech, allerdéngs - et huet jo ëmmer alles säin Allerdéngs han-nendrun - géing ech him awer do soen, dee rigide Kritär vun 3% vum Budgetsdefizit, deen huet hie mat

décidéiert. Hie war an der Regie-rung déi 15 Joer virdrun. A virun al-lem während der Zäit, wou de Sta-bilitéitspakt ausgehandelt ginn ass, war e Wirtschaftsminister, dat heescht e souz am Conseil Ecofin um Dësch. Bon, léiwer spéit wéi ni. Hien huet laang gebraucht ier hien erausfonnt huet - dat muss een awer ëmmerhi soen -, dass deen dote Stabilitéitskritär ze vill starr an ze vill onflexibel wär. Mä ëmmerhin, et ass alt dat, et ass besser et léiert ee spéit wéi ni.

■ M. Jean-Marie Halsdorf (*CSV*), *rapporteur*.- Dir vergiesst awer ee Volet, Här Bausch, dee mir ganz wichteg schéngt. Dat ass dee vun der Verschëldung. Eis Ver-schëldung, do hu mir trotzdeem immens vill Spillraum. Do gétt et jo awer Leit, déi behaupten, dass d'Lëtzebuenger Land anstatt am Fong geholl Infrastrukturen ze bauen, anstatt déi elo ze finanzéie-ren, dass een dat kéint iwwer Ver-schëldunge maachen, déi iwwer e puer Generatioune ginn. Do hu mir jo awer nach immens vill Spillraum, well eis Schold läit bei 500 Millioun-nen, dat ass eng Schold, déi ass méi kleng wéi an anere Länner de Budgetsdefizit. Mir kënne bis 60% goe vum PIB.

(Interruption)

Déi ass net sou relevant.

(Interruption)

Dat ass dat Éischt wat ech wollt soen, an zweetens hu mir och nach fir antizyklisch ze wirken d'Ré-serve budgétaire. Doriwwer hutt Dir och nach kee Wuert gesot. Déi ass de Moment iwwer 500 Milliounen, wou déi nach nëmme virun zéng Joer 1993 knapps bei 60 Millioun-e lounge. Ech wollt lech dat just soen.

(Interruption)

Et soll een dat als Ganzt kucken a sech net ze vill op eppes fokali-séieren. Ech menge mir hätten nach genuch Spillraum wat de...

■ M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*) .- Mä, da kënne mir jo vläicht Kompensatiounen un d'Ge-menge bezuelen! Wa mir nach sou vill Spillraum hunn, Här Halsdorf, do sidd Dir jo dann 100% mat mir d'accord.

■ M. le Président.- Ech géng hei ëm Är Opmierksamkeet bieten an dofir de Riedner schwätzen ze loossen a keng Zwëschegepräi-cher ze féieren.

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Also, ech wëll lech just eent soen, wann dat antrëtt, wat ech net hoffen, dass et antrëtt, dann ass déi Réserve budgétaire séier fort. Also, wann deen Szena-rio antrëtt, deen ech virdu be-schriwwen hunn, da brauche mir eis net op déi ze verloossen, dass déi eis iwwert d'Ronne rett. An dann deet et mir Leed.

Dir hutt zwar Recht, Gott sei Dank si mir, wat d'Gesamtverscholdung vum Stat ubelaangt, relativ guut drun. Mä Dir sidd jo awer och d'ac-cord, dass, wa mir dann driwwer diskutéieren, firwat mir Emprunten ophuele ginn, dass mir keng Em-prunté kënne ophuele goe fir Kon-sumausgaben.

(Interruption)

Also muss mir egal wéi do gewë-se Choixen treffen, an dofir soen ech, Dir hätt besser gehat, am Joer 2000 net sou wäit ze goen an Äre Reduktiounen an hätt lech méi Spillraum gehale fir déi Joren, déi elo amgaange sinn ze kommen.

An Dir wësst och ganz genau, dass, wann een de Steierniveau, zumools bei sou Saache wéi dem Spätzesteiersaz, eng kéier sou erofgesenkt huet, ier Dir deen erëm eng kéier eropsetze gitt, also dat gétt e Kraftakt.

(Interruption)

Där Regierung wënschen ech bon-ne chance.

Ech wëll lech iwwregens drop hi-weisen, Här Clement, wann Dir schonn en Zwëscheruff maacht, deemools huet zwar de Budgets-minister mir gesot, wéi ech bei der Steuerreform 2000 déi heite Saa-chen développéiert hunn, ma dat wier kee Problem, wann dat dann eng kéier sollt antrieden, da setze mir se erëm erop, krut ech du geäntwert. Mä ech wënschen...

(Interruption)

Jo, jo, sécher! Mä Dir wësst jo awer och, mat wat fir enger Kraaft...

(Interruptions)

...datt dat verbueden ass an zu wat dat féiert.

Ech hu gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt d'CSV/DP-Regierung net Schold um internationale Wirtschafts-abroch ass.

■ M. Jean-Paul Rippinger (*DP*).- Ah bon!

(Hilarité)

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Mä ech hunn awer ge-sot, Här Rippinger - an Dir hutt heiansdo besser Dir waart of bis de Rescht vum Saz kënnt, dat schuet lech näischt -, datt d'CSV/DP-Re-gierung Schold um Abroch vun de Statsfinanzen ass an deem Aus-mooss, wéi mer et erlieft hunn.

2000, 2001, 2002 hu mer en zolit-ten Abroch kritt, an dee setzt sech 2003 an och déi nächst zwee Joer fort. An dee wier net an deem Aus-mooss geschitt, wann der net déi exceptionnell Konjunkturlächer tè-schent 1995 an 2000 zur Normali-téit erkläert hätt a wann der net op der Wollek geliefert hätt a gemengt hätt, zu Lëtzebuerg géing et ëm-mer esou weider goen an et kënnt een ëmmer mat esou héije Wuess-tumszuelen rechnen. A mir hunn en Deel vun eise finanzielle Fettpols-tere vun där Period net selektiv ge-nuch agesat, souguer verspillt, géing ech soen. Duerfir bleiwen ech och bei menger Meinung, dass dës Regierung iwwer hir Ver-hältnisser geliefert huet an effektiv ass de Budget 2004 kee Wahl-kampfbudget, well fir Cadeauen ze verdeele si keng Sue méi do.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, d'Cadeauen, déi sinn oniwwer-luecht am Trancezoustand vun den exceptionelle Wuesstumsjore scho laang virdu verdeelt ginn, déi braucht Der elo net méi ze verdee-len, déi hutt Der scho virdu ver-deelt.

Ech wollt awer nach e puer Punk-ten uschwätzen, déi och vum Rap-porteur am Budget traitéiert gi sinn. Dat éischt ass dee vun der Diversi-fication économique. An do ass jo och haut an engem Leitartikel vum „Lëtzebuenger Wort" sech erstaunt iwwer meng Aussoe gewise ginn, déi ech de Samschdeg soll ge-maach hunn, datt grad déi Gréng géinge fir méi Flexibilitéit a manner Bürokratie antrieden. An doriwwer sinn ech awer guer net esou er-staunt wéi deen, deen dat am Wort geschriwwen huet.

(Interruptions)

Well, Här President, déi Gréng hu folgend Meinung. Mir sinn der Meinung, datt de Stat als Régula-teur, zumools an eiser heiteger glo-balisierter Ekonomie, eng wichteg Roll muss behalen. De Stat muss iwwerhaupt doriwwer eraus, men-ger Meinung no, erëm méi eng wichteg Roll spillen. Hie muss sech Gesetzer ginn, déi e reglementa-resche Kader schafen an de Pro-blem vun der Bürokratie oder vun der Net-Flexibilitéit, dee kënnt och net duerch de reglementaresche Kader, mä dee kënnt well d'Aus-féierungsméiglechkeeten a -be-stëmmungen entweder inexistent sinn.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Zum Beispill d'Kommo-do-Gesetz.

(Interruption)

Ech wëll lech soen, Här Clement, 1990 hu mer déi éischt grouss Re-form gemaach, schonn deemools stoung en TA Luft zwar festge-schriwwen, datt e Règlement grand-ducal eng kéier géing komen, deen déi géing definéieren. Mir sinn elo gläich 2004 an hu se nach ëmmer net. Ee Beispill, datt esou Règlements grand-ducaux, wann déi net do sinn, natierlech zu reglementareschen Onsécherhee-ten an dann zur Beliebegkeet féie-ren, dat läit op der Hand, mä dat huet natierlech mat der Gesetzge-bung ze dinn.

Doriwwer eraus gétt et och aner Beispiller déi een zitéiere kann. Wa mer am Land esou vill Problemer hu mat Bauschuttedeponien, dann huet dat domat ze dinn, datt déi viregt Regierung an och déi hei Re-gierung vill ze laang gewaart huet, ier se en uerdentleche Plan sector-iel opgestallt huet.

■ Une voix.- Dat ass richtig, Här Bausch.

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- A wa mer driwwer disku-téieren, iwwer sech d'Moyenë ginn, fir datt d'Gesetzer déi dës Regie-rung ausschreiwen an dëst Parla-ment jo stëmmt, net kënnen an der Praxis exekutéiert ginn, a wann ech dann héiere wat dës Regierung am Kader vun de limitéierte Statsfinan-ze bei der Personalpolitik fir de Stat fir d'nächst Joer zum Beschte gétt, da gesäit een erëm eng kéier, datt mer och do op de falsche Wee ginn.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Do gétt dann elo iwwer e generellen Astellungsstopp beim Stat diskutéiert. Sécherlech hëllef-t dat eis kee Millimeter weider, dat spuert zwar Geld, mä et féiert awer mat 100%eger Sécherheet net do-zou, datt all d'Statsverwaltunge besser fonctionnéieren. Et ass esou, datt ee besser gehat hätt, anstatt elo einfach e generellen Astellungsstopp ze dekretéieren, seng Viraarbecht ze leeschten an d'Reforme administrative uerdent-lech weiterzebréngen an da mol detektéieren, wou beim Stat ze vill Leit sinn a wou der ze mann sinn, an da mol kucke wéi ee kënnt ver-schidde Verwaltunge rééquilibréie-ren, wéi ee virun allem kënnt do, wou wierklech massiv Leit feelen a wou et dozou féiert, datt mer och an de Prozedure Retardé kréien, well eben d'Verwaltungen ënnerbe-sat sinn, Ausbessurunge maachen.

Duerch deen Astellungsstopp, ou-ni datt eng Bestandsopnahm ge-maach ginn ass an ouni dass d'Re-forme administrative wierklech wei-der gedriwwe ginn ass, hu mer elo d'Situatioun, datt dee Misère, dee mer hunn, datt Leit konfrontéiert gi mat Bürokratie an net fonction-néierende Prozeduren, weider geet. Dat hëllef-t eis do kee Millimeter weider. Och d'Fro vun der Vereinfachung vun de Prozeduren - och am Accord de coalition steet vill do dranner. Ech hunn nach net vill vun der Vereinfachung vun de Proze-dure beim Stat erlieft. Mir hunn et emol zu Lëtzebuerg nach net fäer-deg bruecht, datt en normale Bier-ger seng Steuererklärung zum Bei-spill iwwer Internet ka maachen. Saachen déi zumindest am Aus-land kënnen...

(Interruption)

Oh, et ass vläicht insgesamt net einfach fir d'Steiererklärung ze maachen, Här Rippinger, dat ass richtig, mä ech mengen awer schonn, datt et eng Erliichterung wier, wann déi nei Technologien scho méi géinge funktionéieren; mä dat ass nëmmen ee Beispill. Et gétt aner staatlech Verwaltunge wou et nach vill méi archaesche ausgesäit wéi elo bei der Steierver-waltung wat d'Informatiséierung

ubelaangt. Mä d'Vereinfachung vun de Prozeduren an nei Technologien, dat huet awer en enke Link mateneen, an ech mengen do ass awer eigentlech an deene leschte fënnef Joer rose wéineg Konkretes geschitt.

Och d'Hëllefstellung fir Kleng- a Mëttelbetriber am Prozedurkrich, déi ass net wesentlech méi grouss ginn, wéi dat an deene Jore virdru war. Et brauch een nëmmen de Fuerderungskatalog ze liesen, deen d'Fédération des Artisans an och d'Chambre des Métiers elo kierzlech jidderengem zoukomme gelooss huet, da stellt ee fest, datt do eng Hällewull Fuerderungen dra sinn, wat d'Hëllefstellung fir Kleng- a Mëttelbetriber ubelaangt, déi eigentlech schonn e laange Baart hunn an déi eigentlech wierklech schonn zimlech al sinn an nach ëmmer och vun dëser Regierung net ëmgesat gi sinn.

An dat huet och domadder ze dinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat ech och dat lescht Joer hei gesot hunn, nämlech datt dës Regierung an deene leschten zwee Joer - an der Noutsituatioun an där se war a wou se gemierkt huet, datt d'Steierrecetté géingen abriechen - e bëssen hektesch an aktivistesche gesicht huet an nëmmen no deene grouss Fësch gekuckt huet. Där huet se dann elo och e puer gefaangen, AOL, Amazon an och elo anscheinend da Microsoft - mir begrëissen dat, et ass natierlech eng wonnerbar Saach, datt déi op Lëtzebuerg kommen -, mä well se an der Hektik nëmmen no de grouss Fësch gekuckt hunn, hu se déi kleng Fësch, nämlech Kleng- a Mëttelbetriber, iwwersinn an éischter leie gelooss.

(Interruptions)

Une voix.- Dat stëmmt total.

(Interruptions)

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Mir sinn awer prinzipiell der Meenung, Här President, datt och wat d'Innovationskraaft ubelaangt Kleng- a Mëttelbetriber eigentlech méi interessant si fir eisen Tissu économique ze diversifiéiere wéi déi grouss Fësch, op déi mer elo de Moment kucken.

An dann, muss ech och soen, hu mer e generelle Problem vun der Vermaartung vun der „Entreprise Lëtzebuerg“. Ech gesi keng Strategie an ech gesinn och net wou d'Regierung sech d'Moyenë ginn huet, fir sech zum Beispill an der Zesummenaarbecht mat de Patronatsverbänn eng Cellule ze schaffen, déi och finanziell ausgestatt wier fir eng gëeegent Marketingstrategie fir Lëtzebuerg ze ginn - wéi ee Lëtzebuerg kann dobausse verkafen, wat d'Atoutë vu Lëtzebuerg sinn a wéi een déi besser no bausse ka vermaarten. Och dat alles leeft gréisstendeels relativ onkoordinéiert, hektesch an ouni konkret Usätz of. An dat ass iwwregens de Moment och dat wat een ze héiere kritt, wann een Entrevuë mat alle Verbänn huet: déi bestätegen engem dat eigentlech. A mir hätten och léiwer gesi wann dës Regierung higaange wier a si hätt zum Beispill mol eng genau Bestandsopnahm vun de Stärkten an de Schwächte vu Lëtzebuerg gemaach an dorausseraus nei Strategien dévloppéiert.

Den Här Halsdorf beschreift zwar a sengem Rapport eng Rei Secteuren, ënner anerem och erëm de Secteur vun den Ekotechnologien. Dat ass alles ganz luewenswäert, Här Halsdorf, mä ech wëll lech soen, och déi Geschicht huet entre-temps en immens laange Baart, well zënter Ufank den 90er Jore kann ee bal an all Budgetsrapport liesen - den Här Calmes hat dat alles och iwwer Säite ganz schéi beschriwwen, den Här Krecké huet dat viru Jore beschriwwen an den Här Kollwelter schonn 1991.

(Interruptions)

Et sinn entre-temps och scho 35 Motiounen an dësem Parlament zu deem Sujet ugeholl ginn, mä an der Praxis muss ech soen hunn ech bis elo do rose wéineg Konkretes kënne feststellen. All déi Motiounen sinn an deene leschte Joren an där berühmter Schublade verschwonnen an et ass näischt Konkretes dobäi erauskomm.

An da kommen ech zu deem Punkt, wou de Rapporteur hei schreift, datt mer, wat vun der Zuel hier zwar richtig ass, de Moment nëmme méi 10% vun eisem PIB vum klasscheschen Industriesecteur generéiert ginn an ob ee sech net misst iwwerleeën, fir de klasscheschen Industriesecteur erëm auszubauen. An da seet hien do, dat wier am Kader vun där ominöser Debatt iwwert de 700.000-Awunner-Stat keen Thema méi gewiescht an dat misst elo erëm en Thema ginn. Dat ass net wouer. Et ass net esou, datt am Kader vun deenen Debatten - iwwregens sinn ech do mam Finanzminister total enger Meenung, de 700.000-Awunner-Stat ass elo nach méi aktuell wéi viru Joren, well viru Joren, wéi e gefouert ginn ass, wéi mer net ënner Zuchzwang stoungen, do waren nach gewësse Chancen do, datt d'Landesplanung an iwwerhaapt d'Planung an dësem Land fir zwee Sou hätt kënne eescht geholl ginn, mä elo wou mer jo ënner Zäitdrock stinn an an eng Finanznout eragerode sinn, risquéiert erëm de blannen Aktivismus nach méi zouzehuelen an erëm méi egal wat einfach decidéiert ze ginn, an dovun ofgesinn deelen ech och d'Aschätzung vum Finanzminister, datt d'Awunnerzuel sowi-sou Tendenz huet nach weider erop ze goen. D'Zuele beleëen dat. Och d'Zuele vum Emploi beleëen dat.

Fir awer zréckzekommen op de klasscheschen Industriesecteur. Ech sinn der Meenung, Här Halsdorf, wa mer et géinge fäerdeg bréngen déi 10% emol ofzesécheren, déi mer hunn, fir déi nächst Joren, dann hätte mer scho gutt geschafft, an ech sinn der Meenung, wann een hei wëllt Illusionen verbreed, datt et esou einfach, locker méiglech wier e klasscheschen Industriesecteur op Lëtzebuerg, iwwerhaapt nach a Westeuropa ze kréien, datt dat wierklech de Leit Sand an d'Ae gestreet ass. An dat ass net well hei zu Lëtzebuerg lauter Nimbyë géinge setzen oder Biergerinitiativen do wieren, déi keng klassesch Industriesecteur méi wëllten, mä dat huet domadder ze dinn, well entre-temps, an zumools no der Erweiterung op 25, mer Länner ronderëm eis hunn an och doriwwer eraus nach hantert de Grenzen hunn, déi vill méi attraktiv gi si wat de Lounniveau ubelaangt an esou weider, fir déi klassesch Industriesecteur wéi Lëtzebuerg.

Et deet mer Leed, an da kommen ech op en anere Punkt. Et ass och nach eng aner Fro dobäi ze klären. Wa mer vu klasscheschen Industriesecteur schwätzen a vun deenen Aarbechtspulzen, déi mer dann do géinge schafen, da muss mer eis jo och d'Fro stellen, wou géinge mer déi Aarbechtskräften siche goen. Mir wëssen dach ganz genau, datt mer um einheimesch Aarbechtsmarché déi Aarbechtskräften iwwerhaapt net méi fannen. Mir fanne se emol net méi an der Groussregioun.

Dat heescht, da wësse mer jo, wa mer deen dote Wee wëllten oder och nach kënnte bestreiden, da géing dat dozou féieren, datt mer op nei Immigrationen wellen, warscheinlech wäit ausserhalb vun der Europäescher Unioun, misste setzen, oder aus Polen zumindest. Dat war ee Moment d'Iddi vun dëser Regierung, fir nozedenken, datt een aus Pole misst immigréieren, Här Halsdorf, an da muss ee sech och bewusst si wat fir eng Konsequenzen dat huet. Wann een op esou e Secteur setzt a wann een

dei Aarbechtskräften do muss importéieren hei an d'Land vu wäit hier, da kascht dat jo erëm eppes um Niveau vun den Infrastrukturen. Dann heescht dat eppes fir eise Schoulsystem, dat heescht eppes fir de Logement, dat heescht eppes fir eis Infrastrukturen insgesamt. Dat heescht um Niveau Kostennutze fir Lëtzebuerg gëtt et sécherlech en Nullsummespill. Ech géing esouguer behaapten, et gëtt eng Minusrechnung bei där doter Geschicht, mä doriwwer eraus sinn ech der Iwwerzeegung, datt d'Chancen net dora leie fir sech der Illusioun hinzeginn, mir kënnten elo eng massiv Offensiv starten am klasscheschen industrielle Secteur, aus de Grënn eraus déi ech gesot hunn, wou ech mengen, datt iwwerhaapt a Westeuropa et ganz schwéier wäert sinn an deene Beräicher nach eppes heihinner ze kréien, an dofir solle mer eis op dat konzentréiere wou eis Stärkte sinn, nämlech éischter op méi innovativ héich technologesch Secteuren, wou mer och aner Atouten hunn zu Lëtzebuerg, d'Finanzplaz, respektiv nei Technologiesectoren, Kommunikatiounssecteuren, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, op déi mer kënne opbaue fir esou Beräicher unzezeien.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.- Dat sollt jo op zwou Schinne geschéien.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Also, Här President, ech hat elo hei de ganze Mëtteg Gedold. Ech hoffen, datt d'Kollegen nach e bësse Gedold hunn. Ech sinn elo 53 Minuten amgaangen. All d'Fraktiounskollege virdrun hu wäit iwwer eng Stonn geschwat. Ech ginn lech d'Garantie, ech hunn net méi fir eng hallef Stonn, mä ech wäert nach fir zéng Minuten hunn. Hutt nach zéng Minute Gedold an da wäert Der kënne heem goen.

Ech wëll dann iwwergoen zu engem anere Punkt, deen och vill an den Ausféierunge vum Jean-Marie Halsdorf sengem Schlussrapport behandelt ginn ass. Dat ass de Punkt vun der Accessibilitéit vu Lëtzebuerg. An ech muss soen, amplatz datt en do ausschwärmt herno op e bëssen, fir meng Begrëffer op alle Fall, d'Phantasmereien, e geet esou wäit, datt en ufängt sech Gedanken ze maachen iwwer Fluchverbindungen an Asien oder an d'Vereenegt Staten, hätt e besser gehat, wann en iwwert d'Accessibilitéit vu Lëtzebuerg schwätzt, wat sécherlech e richtige Sujet ass, fir deen ze traitéieren an dësem Rapport, en hätt sech emol op d'Groussregioun limitéiert. Well wa mer et emol fäerdeg bréngen an deenen nächste Joren d'Problemer an der Groussregioun geléist ze kréien, dann hu mer der scho vill geléist. An ech hunn och e bëssen de Verdacht, Här Halsdorf, datt dat Ausschwäifen no Rumänien, an ech weess net bis wuer Der gefuer wäert an deem dote Beräich, éischter dozou gedéngt huet fir ofzelenke vum Desaster aus der Groussregioun.

(Interruption)

Ech war schonn a Rumänien. Dir hutt nach méi abenteuerlech Länner do beschriwwen. Ech weess net wat fir e Ghostwriter lech dat an Äre Rapport dra geschriwwen huet. Ech hunn awer esou e Verdacht wien et kënnt gewiescht sinn, mä ech soen dat awer elo net hei op der Tribün.

(Interruptions diverses)

Ech sinn der Meenung, Här President, datt d'Verkéiserspolitik an der Groussregioun fir eis e rise Problem entre-temps duerstellt an datt et esou e grouss Problem ginn ass, datt e sech nach verschäerft huet. Do huet dës Regierung e gudd Batz Schold drun. Eng vun

deenen zwou Parteien, déi an dëser Regierung sinn, huet Enn den 90er Joren eng Mobilitéitsoffensiv verhënnert, carrément blockéiert, a si ass zum Deel an dëser Legislaturperiod natierlech d'Opfer gi vun hirer Verhënnungspolitik vun 1999.

Et ass do - ech hunn dat schonn och méi wéi eng Kéier gesot - en opportunistesche Wahlkampf gefouert ginn an et ass nun eemol heiansdo esou an der Politik, wann ee mat Opportunismus wëllt Politik bedriewen, dat kënnt wéi e Bumerang eng Kéier zréckgeflunn, an d'Verkéiserspolitik ass virun allem der Demokratescher Partei, mä och der CSV, well do gëtt et der och, déi op deem dote Niveau gespillt hunn1999, wéi e Bumerang zréckgeflu komm, an alles dat wat elo och decidéiert ginn ass, déi gewaltge Programmer, déi mer elo gestëmmt hunn an deene leschte Méint an Joren hei am Parlament, dat ass d'Ophuele vu Retardé vun den 90er Joren, mä dat huet bei wäitem näischt ze di mat enger duerchduechter Landesplanung, kombinéiert mat engem Gesamtverkéiserskonzept, dat sech esouguer op d'Groussregioun ausdehnt, wat zumindest am Usaz vun deenen Etüden, déi Ufank vun den 90er Jore vun der aler Regierung ausgeschafft gi waren, vorhande waren an déi een, menger Meinung no, hätt solle weider dévloppéieren.

Mä do huet dës Regierung eng zolidd Datz verdéngt an ech muss och soen, datt déi arrogant Aussoen, déi den Transportminister gemaach huet an deene leschten Deeg par rapport zu den CFL, sécherlech net dozou bäidroen, datt mer méi séier do weider kommen. Ech muss och soen, et ass kee gudd Stil fir an esou enger konflikträicher Situatioun, wou mer eis befannen an deem Secteur, fir dann nach Uelech an d'Feier ze schëdden.

Ech stelle mer och zum Beispill d'Fro, firwat datt net bei der Cepal, wou ee jo sécherlech vu Misswirtschaft ka schwätzen, net do esou e Langage gebraucht gëtt. Do si mer vill méi virsiichteg, an zu Recht. Ech sinn net deen, dee fënnt, datt een, zumools wann Aarbechtspulzen um Spill stinn, da soll einfach nëmme mat der Kanoun drop lassschéissen. Da soll ee virun allem ëm déi Leit...

(Interruption)

Här Clement, ech schwätze fir mech a fir meng Fraktioun. Mä do hätt ech et awer nach éischter berechtigt fonnt. Mä ech mengen datt déi Aussoen, déi do gemaach

gi sinn, net gutt waren. Ech sinn esouguer der Meenung datt et schued ass, datt meng Proposen, déi ech gemaach hunn am Kader vun der Interpellatioun iwwert d'Eisebunn virun aacht Méint hei am Parlament, wou ech eng Motioun abruecht hat, wou ech verlaangt hunn, datt eng Tripartite soll agesat gi fir dee Secteur. Mir si jo all der Meenung, datt d'Tripartite e gutt Instrument ass, wa mer an engem Secteur an enger Krisesituatioun sinn. Ech mengen, datt mer do an enger Krisesituatioun sinn an ech géing nach eng Kéier en Appel maachen, datt d'Regierung hire Courage soll zesummen huelen an och nach virun de Wahlen eng Tripartite-CFL arufen, fir dofir ze suergen, datt dee Konflikt do net ausufert. Dat ass net am Intérêt, weder vun der Entreprise, a scho guer net vu Lëtzebuerg.

Ech wollt keng Scholdzouweisung maachen, wéi et dozou konnt kommen. Ech mengen, et geet elo drëms ze kucken dat Beschit aus där Situatioun ze maachen. Mir wëssen alleguer, wa mer déi Mobilitéitswend an deenen nächste Joren net fäerdeg bréngen, dann huet dat och gravéierend Nodeeler fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg an dofir, fannen ech, soll ee mat deem doten Thema net spillen. Et soll ee versichen dee Konflikt do op eng uerdentlech Aart a Weis ze léisen.

Här President, ofschléissend wëll ech just nach, awer wierklech am Telegrammstil, dem Här Weiler soen, datt ech eigentlech enttäuscht driwwer sinn, datt en dee Pabeier, dee mer als Gréng publizéiert hu virun engem Mount iwwer eis Krankekeessen, e Pabeier vu siwe Säiten - mir waren déi eenzeg Fraktioun, déi eng offiziell Positioun geholl huet virun der Tripartite a Faarf bekannt huet, wéi mir als Gréng d'Sanéierung vun de Krankekeese gesinn - net schéngt gelies ze hunn. Mir hunn an deem Text vu siwe Säite bei zwee Punkten eng Dosé Fuerderungen oder Propositionen gemaach. Do sinn der eng Rei derbäi, déi elo wéi et schéngt an der Tripartite zréckbehalen gi sinn.

(Interruption)

Här Rippinger, mir si jo frou driwwer, datt an der Tripartite, zumindest am Usaz, eng Rei Décisiounen geholl gi sinn, déi an d'Richtung ginn esou wéi mir et och proposéiert hunn. Dofir si mir jo och net rosen.

An ech muss och soen datt mir der Meenung sinn, datt wann déi Diskussioun uerdentlech gefouert gëtt ronderëm déi strukturell Problemer,



www.avenir-europe.lu
de Lëtzebuerger Site
iwwert den EU-Konvent

déi sech am Krankekeesewiese stellen, dann hu mir och kee Problem mat deem Amendement, deem d'Regierung hei virleet. Dat steet an eisem Text dran. Da si mer der Meenung, datt deem einmalege Grëff an d'Pensiounskeese ka gemaach ginn, aus deene Grënn iwwregens wéi se vun der Majoritéit erkläert ginn. Mir deelen déi Approche, awer wéi gesot sous condition datt déi strukturell Defiziter, déi strukturell Problemer, déi mer hu bei de Krankekeesen, och matgeléist ginn. Well et steet kloer an eisem Text dran, datt mir der Meenung sinn, datt esou eemoleg Mesuré gerechtfäerdegt sinn, wann de Courage och vorhanden ass fir op dee Wee ze goen.

Am Moment schéngt et jo esou ze sinn. D'Gewerkschaften allegueren hu sech bereet erkläert op dee Wee matzegoen. Dat begréisst mir als Gréng.

Ech hunn nach haut de Moien doheem de Leitartikel vum John Castegnaro gelies, deem och schreift, dat wäre "starke Tripartitebeschlüsse" wat d'Krankekeesen ubelaangt. Do geet et an eng ähnlech Richtung wéi dat, wat mir an eisem Pabeier gefuerdert hunn.

Et ass e bësse schued, datt een esou ze soen eng Kaz am Sak géing kafen, wann een elo deem Amendement stëmmt ier ee weess, wat bei där Etüd erauskënnt a wat

d'Suiten am Fréjoer sinn, wou et drëms geet iwwert das sogenannte Eingemachte bei de Krankekeesen ze diskutéieren. Duerfir hu mer och e bësse Problemer dermat.

Ech wëll direkt soen, datt mir eis wäerte beim Här Gibéyren sengem Amendement enthalen, well mer d'Suiten net kennen. D'Regierung soll hir Responsabilitéit an deem Stadium, wou mer sinn, iwwerhuelen. Mir hätte léiwer gehat, datt mer déi Problemer schonn éischter ugaange wäeren, well deem Defizit vun de Krankekeesen ass jo och net eréischt zënter geschter bekannt, en huet sech scho laang ugebahnt an et ass vill Zäit vuer gaangen ier d'Regierung d'Tripar-

tite ageruff huet a gemengt huet sech missen anzemëschen, fir de Problem ze léisen. Iwwregens huet dat och mat deem Punkt ze dinn, dee mir an eise Propositionen zrëckbehalen hunn, datt mer der Iwwerzeegung sinn, d'Gestiounsstrukture vun de Krankekeese missten iwwerduecht ginn, well déi haut och e groussen Deel vun deem Problem duerstellen.

Mir mengen net, datt do soll alles iwwer Bord gehäit ginn, mä verschidde Saache mussen iwwerduecht ginn. Alles dat kënnt Der an deem Pabeier vun eis erëmliesen. Ech wäert muer mengem Fraktiounssekretär den Opdrag ginn, datt en dem Här Weiler en E-mail

mécht an déi siwe Säiten unhänt, fir datt den Här Weiler dat am Detail kann duerchliesen.

Här President, ech kommen zum Schluss. Dir verstitt natierlech, datt opgrond vun all dësen Ausféierungen mir dëse Budget op kee Fall kënnen stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer a fänt um néng Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.57 heures)

Ordre du jour

1. Question urgente 2482 de M. Lucien Lux relative au plan social chez Villeroy et Boch
2. 5200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2004
(Discussion générale - suite)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Charles Goerens et François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.03 heures)

M. le Président. - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

1. Question urgente 2482 de M. Lucien Lux relative au plan social chez Villeroy et Boch

Dann huele mer eisen éischte Punkt: Den Här Lucien Lux huet eng Drénglechkeetsfro iwwert de Sozialplang bei Villeroy et Boch gestallt. D'Regierung huet sech bereet erkläert, haut de Moien op dës Fro ze äntworten. Ech ginn d'Wuert dann un den Här Lucien Lux.

M. Lucien Lux (LSAP). - Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleginnen, mir sinn Enn November konfrontéiert gi mat der Nouvelle, dass opgrond vu Restrukturierungen innerhalb vun hirem Grupp Villeroy et Boch 195 Salariéë géif entloossen. Dat ass natierlech an dëser Situatioun, an och konfrontéiert mat der Situatioun um Aarbechtsmaat, eng relativ haart Noss, an dat gëtt eis zesumme mat aneren Nouvelen, zum Beispill am Zesummenhang mat den Entloossungen bei dem Grupp Cepal, natierlech ongeféier en Androck iwwert dat wat d'Restrukturierungen, d'Fusiounen an och heiansdo d'Mësswirtschaft innerhalb vun Entreprise fir sozial Répercussione kennen hunn. An dat gëtt der Problematik och e bësse Gesichter, fir kloerzemaachen, mat wat mir dann do kuerz virun de Feierdeeg ze dinn hunn.

Nun ass et esou, dass all Entloossungen aus wirtschaftleche Grënn schwierig sinn, dass et och schwierig ass, eng Äntwert drop ze fannen. Wann an den Entreprene de Wuerm dran ass, ass dat natierlech fir d'Politik keng einfach Geschicht. Et gëtt eis natierlech d'Flicht, d'Instrumentarien op deem Gebitt lafend ze verbesseren, sief dat wat d'Gesetz iwwert d'Kollektiventloossungen ugeet, sief dat fir iwwerhaupt d'Instrumenter vum Sozialdialog ze verbesseren. An dat hu mir jo hei bei einzel-

ne Geleeënheeten och diskutéiert. Elo ass et esou dass bei Villeroy et Boch zwou Réunionen, wa meng Informatioun richteg sinn, déi lescht geschter bis an den Owend iwwert de Sozialplang, stattfonnt hunn. Elo ass et esou dass e Freideg, am Zesummenhang mat Cepal, eng sou genannte Krisesetzung stattfonnt huet, um Niveau vun der Regierung.

Mir dierften net den Androck vermëttelen, mengen ech, fir d'éischt dass déi eng Entloossungen eis méi um Mo oder um Häerz leie wéi anerer. Deen Androck mengen ech wär net gutt, wann et verschidden, tëschent Gänsefäisercher „Qualitéite vun Entloossungen“ géif ginn. Mir dierfte vläicht och net den Androck maachen, wéi bei Cepal, dass d'Regierung eng Kriseréunion mécht, an de Premier an engem Interview da seet: Mir hunn déi Informatiounen do allegueren awer scho säit Wochen do leien, wat natierlech dobaussen den Androck mécht, dass een da vläicht besser gehat hätt, scho viru Woche sech an enger méi kaler Situatioun, wann ech et esou ka soen, dodrëms ze këmmere wéi an enger Situatioun, wou schonn Entloossungen ugekënnegt gi sinn.

Am Zesummenhang mat dem Sozialplang bei der Villeroy, mä och bei deenen aneren, stellt sech dann d'Fro, wat d'Politik, wat de Stat, wat d'Regierung kann an deene Situatiounen do maachen. De Sozialplang bei Villeroy et Boch ass an der Diskussioun, en dréint sech wéi ëmmer ronderëm déiselwecht Gegebenheeten: de Versuch, manner Leit ze entloosse wéi déi 195, déi ugekënnegt sinn. Mengen Informatiounen no si mer an der Tëschenzäit bei 180, also schonn erofgaangen opgrond vu Gegebenheeten innerhalb vun der Entreprise. Et ass och esou, dass d'Entreprise sech nei wëllt organisieren um Niveau vun hirer Organisatioun, hirer Schichtorganisatioun, hirer Zäitorganisatioun, wou sech natierlech d'Fro stellt, inwieweit dass dat net an deem heiten Zesummenhang dann och kéint geschéien a vläicht kéint do mat erageluecht ginn.

Da stellt sech fir eis d'Fro, inwieweit dass mer selwer Reaktionsméiglechkeeten hunn, déi mir an déi

Verhandlungen kënnen aféieren, mat deem eenzegem an iwweraus iwwerragenden Zil fir esou mann wéi méiglech Leit en fin de compte ze entloossen. Mir hunn 1999 am Rahme vum PAN-Gesetz am Artikel 43 eis deemools eng Méiglechkeet ginn, fir bei Aarbechtszäitverkürzungen, déi verbonne si mat Neistellung vu Persounen, eng Aide vum Stat kënnen bis zu fénnef Joer ze ginn, déi sech um Niveau vum Zréckbezuue vun de Soziallaaschte géif ofspillen. De Statsminister huet ufanks des Joers am Rahme vun Diskussiounen vun der 2003er Tripartiteronn eng Kéier proposéiert gehat, dass een deem Instrumentarium do kéint ausweiden, an zwar och eng staatlech Hëllef ze ginn da wa Leit net entlooss ginn, also ze versichen, sech anzeklinken an duerch Aarbechtszäitverkürzung, déi staatlechersäits ënnerstëtzt gëtt, dann ze verhënnern, dass méi Leit wéi an dësem Fall am Sozialplang géifen entlooss ginn.

Leider rächt sech elo e bëssen, dass mer zwar iwwert déi Iddi do scho laang diskutéieren, mä se awer nach net ëngesat hunn, esou dass se an deem Sozialplang hei reng formell eis direkt näischt kann hëllefen. Trotz allem denken ech dass et de Moie vu Säite vun der Regierung a vum Aarbechtsminister enorm wichtig wär, well wann een aus de Verhandlungen héiert, dass déi Fro vun Aarbechtszäitverkürzung wierklech als en Tabu dohinnergestallt gëtt, a wa souguer d'Fonctionnairen, d'Ideologe géif ech bal soen, wann d'Ideologe vun der FEDIL praktesch aus der Aarbechtszäitverkürzung en Tabuthema maachen, da wär et de Moie formell a politesch wichtig ze soen, dass mer all Méiglechkeete mussen ausnotzen, och déi vun der Aarbechtszäitverkürzung, wat iwwregens an anere Länner zu ganz gudde Resultater gefouert huet.

An dofir meng Fro un d'Regierung, inwieweit dass iwwert den „cadre légal“ ewech haut de Moien e Message kéint komme fir de Sozialpartner ze soen, dass se all, wierklech all Méiglechkeeten, och déi vun der Aarbechtszäitverkürzung sollten notzen, fir dofir ze suergen, dass mer manner wéi 195 oder 180 Leit musse bei Villeroy an och bei aneren an der nächster Zukunft brauchen ze entloossen.

Merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Merci, Här President. Zu deene

Froe sinn eng ganz Partie Saachen ze soen, ech versichen dat e bëssen ze serréieren. Fir d'éischt muss een emol dës l'ingrès soen, dass mer an enger fräier Maartwirtschaft liewen an dass mer keen Dirigismus vum Stat hunn, an och keen Dirigismus vum Stat - mengen ech - hei wëllen. Dass de Stat sech géing an d'Betrib amëschen ier dass de Betrib selwer dat freet, dat, mengen ech, wär eng geféierlech Pente. Ech soen dat dës le départ fir op e puer Saachen duerno nach eng Kéier zrëckzekommen.

Wat d'Sozialpläng ubelaangt ass et evident, dass de Stat sech do ëmmer prett hält, dat suivéiere mir, am Kollektiventloossungsgesetz ass souwiso jo virgesi wat fir eng Verwaltungen do mussen informéiert ginn, an et ass iwwert d'Administration de l'Emploi an iwwert d'Gewerbeinspektioun eraus ëmmer esou, dass, wann do gewünscht gëtt, wéi een nach kann am Kader vun de gesetzleche Bestëmmungen handgeschneidert Moossnamen huelen, fir déi Sozialpläng ze begleeden, do och den Aarbechtsminister an aner Ministeren, zum Beispill de Wirtschaftsminister, sech och prett hale fir ze kucken, wéi een dat ka begleeden.

Ech wëll dann nach eppes Drëttes virausschécken. Dat ass well ech gespuert hunn - dat hunn ech elo beim Här Lux senger Fro och gespuert -, dass e bësselchen eng Konfusioun dobaussen opkomm ass, dass gesot ginn ass, bei Villeroy ginn 190 Leit entlooss, do mécht d'Regierung näischt, a bei Cepal ginn 120 Leit entlooss, do mécht d'Regierung eppes. Do sinn d'Situatiounen total verschidden. Dass d'Regierung, verschidde Ministeren, de leschte Freideg zesumme ware fir iwwert d'Lag am Secteur agro-alimentaire ze schwätzen, huet net eppes direkt mat deem Sozialplang ze di vun deenen 120 Leit, mä domadder, dass mir eis musse Froe stellen, wat d'Zukunft vun engem Secteur agro-alimentaire zu Lëtzebuerg ass. An d'Fro ass ob een do kann eng Zukunft fannen, ob da kann d'Regierung dat dote begleeden.

Et sinn also zwou verschidde Saachen. Währenddeem bei Villeroy den Entloossungsplang dorobber fousst, vum Betrib aus, dass, wann déi Restrukturierung do geschitt, da selbstverständlech Villeroy et Boch eng Iwwerlebenschance hei zu Lëtzebuerg huet, muss een och do wëssen, dass den Hauptpunkt deen ass, deen eis awer och an anere Beräicher soll Suerge maachen, nämlech dass fir Konkurrenzfaeg ze bleiwen, par rapport zu Bëlleglounlänner, eis Betribër ëmmer méi an Automatismus mussen goen an doduerch ëmmer méi net qualifizéiert Aarbechtsplaze zwischwannen. Wat wichtig ass an Zukunft fir d'Initialbildung, well Leit, déi net qualifizéiert sinn, kréien nach ëmmer méi Schwierigkeeten,

Aarbechtsplazen ze fannen. Dat muss eis Suerge maachen. Besonders wa mer kucken, dass mer e kleng Schub hunn trotzdeem wat d'Jugendarbeitslosegkeet ubelaangt.

An zweetens, kommen ech op de Fall vu Villeroy zrëck, musse mer d'Mesuré verstärken, fir dass d'Leit am Laf vun hirem Aarbechtslieue sech kënnen weiderbilden, fir dass se herno net mat 40, 45 a méi Joren dann op eemol virun näischt stinn, well se keng Qualifikatioun hunn a just en onqualifizierten Job gemaach hunn.

Dofir wäerte mir nach an deenen nächste Méint e Gesetzesprojekt deponéieren iwwert den Zougang vum eenzelne Salarié zu der Weiterbildung. Dir wësst, dass mir 1999 nach an der viregter Regierung e Gesetz gemaach hunn iwwert d'Weiderbildung vum Betrib aus, d'betrieblech Weiterbildung, an et kënnt elo een zweete Volet dobäi iwwert deen eenzelnen Zougang. Do setze mir en Accord ëm, deen d'Sozialpartner ënner sech ausgeschafft hunn. Dat ass fir mech extrem wichtig, wann ee wëll an Zukunft do nach méi hëllefen. Dat wär e bësselchen hei viraus ze schécken, wat deen een oder deen anere Plang ugeet.

Dann ass et selbstverständlech sou - ech kommen op dat zrëck, wat ech gesot hunn -, dass d'Regierung ëmmer bereet ass, fir Sozialpläng ze begleeden, woubäi nach eng Kéier et awer kloer ass, dass et net un der Regierung ass, sech do vun uewen erof anzemëschen, mä op Attenten ze reagieren, déi säitens vun de Sozialpartner opkommen. An an deenen zwee Fäll ass et jo sou, dass d'Gewerkschaften do amgaange sinn, ganz seriö a gutt ze verhandelen, fir ze kucken, fir sou vill wéi méiglech Leit nach do ze halen a sou vill wéi méiglech Entloossungen ze verhënnern.

Da stellt d'Fro sech zum Schluss, déi den Här Lux gestallt huet: Kann een deen Arsenal, dee mir elo hunn, verstärken? Kann een do nei Mesuré virgesinn? Dat ass effektiv en Thema, wat mir an enger Tripartite ugefaangen haten ze diskutieren, wou ech selwer als Aarbechtsminister e ganze Katalog vun Iddien ausgeschafft hat. Dat ass e Plang, deen ech genannt hunn: Maintien de l'emploi. Mir hu gesot, majo, mir hunn Uwuesse vun Aarbechtslosegkeet, komm mir kucke fir alles ze maachen, fir d'Entloossungen ze verhënnern. Dat heescht, komm mir kucken och fir intelligent Restrukturierungen ze fördern, par rapport zu Restrukturierungen, wou Leit just Ofgangsentschiedegunge géife kréien, a wou just géif gekuckt ginn, elo si mir sou vill Leit an der Zuel lass, komm mir kucken éischter, wat muss agespuert ginn an deenen eenzelne Betribër. Mir ver-